

5) A sengem Bréif vum 12. Dezember 2000 huet de Generalsekretär vum Europaparlament mer den Text vun de Resolutiounen zoukomme gelooss, déi an der Sitzungsperiod vum 29. bis den 30. November ugeholl goufen.

6) A sengem Bréif vum 12. Dezember 2000 huet de President vun der Versammlung vun der UEO mer d'Texter zoukomme gelooss, déi am 2. Deel vun der 46. Sessioun vum 4. bis de 7. Dezember zu Paräis ugeholl goufen.

Mir kommen elo zum Haaptpunkt vun eisem Ordre du jour vun haut an héieren direkt de Budgetsminister, den Här Luc Frieden.

3. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (Suite)

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir ginn haut an déi drëtt Woch era vun de Budgetsdebatten.

Eng ronn 12 Stonnen huet dëst Parlament schonn zum Budget geschwat. Bal d'Halschent vun den Deputéierten hunn derzou Stellung geholl. Ech mengen, wann een haut zum Schluss kënnst vun deenen Debatten, da kann ee soen, datt et, wéi déi Jore virdrun, och ganz besonnesch dëst Joer gutt Debatte waren, déi oft wäit iwwert de Budget eraus gaange sinn, wat eis awer och normal schéngt, well d'Budgetsgesetz bleift d'Grundlag vun all Politik. Net fir näischt gëtt et grad dowéinst oft als dat wichtegst Gesetz vum Joer bezeechent.

Als Budgetsminister géif ech natierlech gärén haut op e puer Saachen zrëckkommen, déi déi lescht zwou Woche gesot gi sinn a sech besonnesch natierlech mat deem, wat méi direkt mat der Chamberpolitik ze doen huet, befaassen. Ech géif en fait gärén, nodeem ech déi Debatten nogelies hunn, mech mat véier Stéch-wierder beschäftegen: Dat eent ass d'Budgetspolitik am allgemengen, dat zweet ass de Wuesstum zu Lëtzebuerg, dat drëtt ass d'Steierpolitik an dat véiert d'Legalitéit oder d'Rechtsstatlechkeet am Kontext vun der Budgetspolitik.

Wann ech géif mat der Budgetspolitik ufänken an deem Rechnung droen, wat ech schonn alles viru 14 Deeg gesot hunn, ouni datselwecht nach eng Kéier wëllen ze erzielen, da muss ech awer feststellen, datt ech hei am Haus am Wesentleche keng Kritiken zur Budgets- a Finanzpolitik vun der Regierung héieren hunn.

(Interruptions)

Souguer Oppositounspolitikern hunn heibanne vun den ausseruerdentlech gudde Statsfinanze geschwat.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Ech stelle fest, datt d'Kritiken, déi heibanne gemaach gi sinn, mat vereenzelte Punkte vun der Politik en général, mä net mat der Finanzpolitik ze doen hunn. D'Kritiken haten domat ze doen, datt d'Renten net schnell genuch géifen erop goen. Et hunn der gesot, datt de BTB net géif duerch déi richtig Strooss fueren, datt d'Transportpolitik keng nei Akzenter hätt, obschonn datt déi zoustänneg Fongen - Fonds du rail, Fonds des raccordements ferroviaires internationaux -, wann ech dat als Budgetsminister kucken, mat substantiellen neie Moyenen dotéiert gi sinn, a sou weider. Mä zur Budgets- a Finanzpolitik - an ech hunn och all déi eenzel Zeitungen nogelies, well ech mer gesot hunn: Du hues vläicht net alles héieren - gouf et keng substantiell Kritiken.

Wann et gutt Statsfinanze gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, wat hei festgestallt ginn ass, dann ass dat och e Resultat - a virun allem e Resultat - vun der Politik. Et ass e Resultat vun der Steuer- a Wirtschaftspolitik, et ass e Resultat vun enger ganzer Rei vu Politiken, ouni datt mer ëmmer - an dat ass awer fir mech wesentlech, hei festzehalen - nëmme Finanzpolitik gemaach hunn, fir en équilibréierte Budget ze maachen, mä datt mer inhaltlech ganz Wesentlech gemaach hunn. Et war net e Budget, deen zum Beispill d'Sozialpolitik geschnidden hätt.

Wa mer haut iwwer 40% vun den Ausgaben am Sozialbudget hunn, dann ass dat e Bewäis dofir, datt mer op deem dote Gebitt notament, vun deem ganz vill Leit hei am Land zu Recht profitéieren, wesentlech Akzenter setzen, an dat huet och eppes domat ze doen, wa mer iwwert d'Renteproblematik zum Beispill schwätzen. Et dierf een net einfach de Leit d'Impressioun ginn, datt een alles ka maachen. Et muss een och kucken, wat fir en Impakt dat dann op déi gutt Statsfinanze huet. A wann ee Statsfinanze huet a verschidde Saache mécht, dann dierf ee se net aus dem Équilibre erausbréngen.

Eist Zil ass a bleift, gesond Statsfinanze ze halen. Si sinn hei unerkannt gi vun dësem Parlament, a mir wäerten alles maachen, fir datt se an där Situatioun bleiwen.

Déi gutt Resultater si sécher zrëckzeféieren op d'international an d'europäesch ekonomesch Situat-ioun, mä och op d'Politik. Ech erënnere un den europäesche Steierdossier, deen hei amplect an deene leschten zwou Wochen diskutéiert ginn ass. Ech erënnere awer och un dat, wat mer an der nationaler Steierlandschaft gemaach hunn, an ech kommen och herno dorop nach eng Kéier zrëck.

Well wann et sou einfach wär, wann et géif duergoen, dass d'Croissance grouss wär, fir datt och d'Statsfinanze gutt wäeren, da misste jo och all déi Länner ronderëm eis équilibréiert Budgeten hunn, well do ass d'Croissance grad sou grouss wéi bei eis, an d'Ekonomie dréint. Or, dat ass net de Fall. Mir hunn

also déi richteg politesch Akzenter gesat, fir zu deem Resultat ze kommen, an ech si frou, datt d'Chamber dat net anescht gesinn huet.

En zweete Punkt ass dee vum Wuesstum. A ville Rieden hunn ech an deene leschten zwou Wochen héieren, datt sech Suerge gemaach gëtt an Iwwerleeunge gemaach ginn iwwer en ze schnelle Wuesstum vum eiser Economie. Oft hunn ech gemengt, verschidde Contradictiounen souguer an de Rieden ze héieren, well et hu sech der vill an der Aleedung vun hirer Ried driwwer gefreet, datt de Wuesstum zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren extrem geklommen ass - mir hunn och dëst Joer e Wuesstum an enger Rekordhéicht vu bal 8%; mir rechnen domat, datt en d'nächst bei ronderëm 6% läit; mir haten an deene leschte Joren all Kéiers een, dee ronderëm 5, 6% war -, an da sinn natierlech hei Iwwerleeungen ugefouert ginn, déi een och oft dobaussen héiert, vun Angscht, vu Mangel un Iwwerleeungen iwwer Begleisterscheinungen.

Ech mengen, den Här Bausch hat geschwat vum Problem vun de Begleisterscheinungen. Den Här Gibéryen huet geschwat vun Integratiounsproblemer als Konsequenz vun der Croissance. Mä wat ech am Fong bedauern, dat ass, dass an deem Débat hei - och vun deenen, déi hir Suergen ausgedréckt hunn - keng Alternativen op den Dësch geluegt gi sinn, wéi si dann déi Croissance wëllte bremsen, respektiv ass d'Regierung net opgefuerdert ginn, verschidde Saachen net ze maachen.

Wou kënnt déi gutt Croissance dann hier, déi stäerksten Elementer vun där Croissance? Mir hätten d'Croissance sécher kënne bremsen, wa mer zum Beispill am europäesche Steierdossier eng aner Politik gemaach hätten, wa mer gesot hätten: Loosse mer kucken, datt do net Dausende vu Leit agestellt ginn all Joer! Op Grond vun de reglementareschen a fiskalen Dispositiounen hätte mer déi Croissance vum nächste Joer u kënne dramatesch bremsen.

Wa mer eng aner Sätzpolitik an Europa géife maachen a soen: Mir wëllen net all déi europäesch Institutiounen, déi eis awer sécherstellen, datt mer net zur Provënzstad ginn, dann hätte mer net all déi Leit, déi heihinner kommen an hei Suen ausginn. Wa mer déi Aiden, fir nei Betriber ze ënnerstëtzen, net ginn, da komme keng nei Betriber, da kréie mer d'Croissance ganz sécher an de Grëff!

Dat ass awer net de Wee, deen d'Parlament bis elo d'Regierung opgefuerdert huet ze goen. Ech weess och net, ob et dee richteg Wee wär, well mer da ganz séier an eng Situatioun géife kommen, wou mer déi Ausgaben, déi mer wëlle maachen, notament an der Sozialpolitik, net an Zukunft kéinten tätegen. D'Steierreform: Et wär sécher méi licht, a ganz sécher als Budgetminister, wa mer déi Steuerreform net géife maachen.

Ech hunn lech gesot, a menger Ried virun zwou Wochen, datt eleng deen éischten Deel vun der Steuerreform bei de Personnes physiques wäert en Effet positif op d'Croissance hu vun 0,5% vum PIB, deen also doduerch erëm méi schnell wäisst. Maache mer déi Steuerreform net, da wäisst d'Croissance net sou schnell zu Lëtzebuerg. Ech hunn awer keen héieren, deen dat heibanne gesot huet, an dofir géif ech mengen, datt mer eis mat deene Schlagwierder vun ze schneller Croissance oder Angscht virun där Croissance an hiren Nachfolgerscheinungen musse ganz seriö ausenee setzen.

D'Regierung huet natierlech verschidden Elementer do an d'Diskussioun erabruucht, zum Beispill datt mer net all Zorte vu Betriber zu Lëtzebuerg usiedelen, datt mer do kucken no der Qualitéit vun deene Betriber, nom Knascht notament, deen déi Betriber maachen, hir Ëmweltfrëndlechkeet. Mä op där anerer Säit schéngt et mer schwierig ze sinn, eng Politik zu Lëtzebuerg ze maachen, déi net op Croissance baséiert. Wéi gesot, ech hunn lech Elementer genannt, an d'Steierreform doheem an an Europa sinn der, mat deenen een eng Croissance ganz licht ka bremsen. Mä Dir hutt jo och nach de Mëtteg d'Geleeënheet ze soen, wéi Dir dat da gesitt, ob mer net sollen op de Wee vun där Croissance goen, wou mer amgaange sinn ze goen, an och d'Effeten op d'Sozialpolitik géif ech da gär méi genee belicht kréien.

Mir maachen alles, fir datt et deem Land hei gutt geet. Mir mengen, datt dozou och gehéiert eng gewësse Croissance, net eng déraisonnabel, mä eng, déi virgesäit, a wéi enge Créneuen ee ka weidergoen. Mä dat heescht automatesch och nei Infrastrukturen, an dat heescht automatesch och méi an nei Aarbechtsplazen, déi och musse vu Leit besat ginn, déi zum Deel aus dem Ausland bei eis schaffen oder och wunne kommen.

En drëtt Stéchwuert, wat mer an deenen Debatten dëst Joer natierlech huet missen opfalen, war dat vun der Steierpolitik, net zulescht well an deem Projet de loi, am Budgetgesetz, wesentlech Ännerunge fir d'Besteuerung vun de Privatpersounen zu Lëtzebuerg sinn.

Ech hunn do verschidde Saachen héieren an deenen Debatten, déi net oninteressant sinn, fir hei mol nach eng Kéier, wann och am Résumé an dofir ouni all d'Nuancen, virgestallt ze ginn. De grénge Spriecher huet sech ganz kloer géint déi Steuerreform ausgeswat. Hien huet gesot, se wär net sozial gerecht, et wär keng fundamental Reform, si wäeren net d'accord domat, dass de Spëtzezteiersaz erof geet, a si geséichen och net d'Noutwendegkeet an, d'nächst Joer d'Kierperschaftssteuer ze senken.

Ech huelen Akt dovunner, datt hei déi gréng Fraktioun eng aner Richtung bei de Steieren aschleift an de Sënn vun deene Steuerreduktiounen, déi mir proposéieren,

net als solchen ugesäit. Ech stellen och zugläich fest, datt d'Alternativ zu dëser Regierung net en bloc op der Oppositounssäit ass, well d'Propositioune, déi d'sozialistesche Fraktioun gemaach huet, ganz anescht ausgesi wéi déi, déi déi gréng Fraktioun hei gemaach huet.

(Interruption)

Et gëtt also net direkt eng Alternativ zur Regierungspolitik, mä eng gespléckten Oppositoun an der Steuerpolitik.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dat géif awer och nach feelen!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Dat ass net sou schlëmm wéi eng gespléckte Regierung.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir sinn net condemnéiert zesummenzehalen.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Et ass jo eng Opposition plurielle.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Jo, dat fannen ech ganz gutt.

M. Alex Bodry (LSAP).- Mir sinn an der Oppositoun! Mir brauche keng Koalitioun ze maachen!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Mir ënnerschreiw jo kee Pakt!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir gi wéinstens zou, datt mir net mat lech schwätzen!

(Hilarité et interruptions)

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Wat d'Propositioune vun de Kollege vun der sozialistescher Fraktioun ubelaangt, sou stellen ech fest, datt si en alternativen Tarif proposéieren. Dat schreiw se selwer an hiren Amendementen, a mir stelle fest, datt en an der Form an an der Konzeptioun sech an dat areit, wat am Regierungstarif och proposéiert gëtt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Éischter wat an deene leschten 10 Joer d'Regierungspolitik war.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Och dat ass richtig, Här Krecké.

Ech stelle just fest, datt et net eng fundamental strukturell Steuerreform ass, mä datt si ebe mat méi klengen Tranchë fueren; 60.000 amplat vun deenen Tranchen, déi mir proposéiert hunn, vun 69.000 Frang. Si fänke mat engem aneren Taux un a fueren op e méi héijen Taux erop.

Ech mengen, dat ass eng Alternativ zum Regierungssteuerprogramm, déi, wéi gesot, inhaltlech net wesentlech anescht ass, déi allerdéngs - an dat muss ech natierlech als Budgetminister feststellen - vill méi kascht wéi déi, déi d'Regierung op den Dësch geluegt huet. Schnelle Rechnunge vun der Steierverwaltung no géif d'Propositoun vun der sozialistescher Fraktioun e Käschtepunkt an dësem Joer vun 19 Milliarden

ausmaachen. Déi, déi vun der Regierung virgeluegt ginn ass an haut hei zum Vote kënnt, kascht 10 Milliarden.

Eis Propositoun kascht eis - well mir hu jo en Tarif proposéiert iwwer zwee Joer, an d'sozialistesche Kollegeen hunn ee vun engem Joer - d'nächst Joer 15 Milliarde par rapport zu 2000. D'sozialistesche Kollege sinn dann erëm bei 19 Milliarde forcément, well si se jo op engem Joer huelen. Ech stellen also fest, dass do e gréisseren Déchet fiscal ass. D'Kollege vun der sozialistescher Fraktioun hunn eis net gesot, wou si dann déi Suen op där anerer Säit wëlle sträichen, sauf, wann ech dat richtig verstane hunn, dass se mengen, dass een aner Steieren eventuell kéint eropsetzen, notamment d'Taxe d'abonnement.

(Interruption)

Et ass nach ëmmer eng Mannerrecette fir de Stat. Ech weess net, wéi déi d'nächst Joer gëtt, well mir sinn eis alleguer eens, dass mer intensiv Réflexioune driwwer solle féieren, wéi mer d'Investmentfongindustrie zu Lëtzebuerg nach méi festge kënnen an dofir vläicht bei der Taxe d'abonnement verschidde Reforme musse maachen.

Ech stelle just fest, dass grondsätzlech den Alternativtarif, deen d'Sozialisten hei proposéieren, een ass, dee sech largement un deem vun der Regierung inspiréiert, deen awer e bësse méi deier gëtt, dass mer dofir, well en eis schéngt ze deier ze sinn, en an dësem Moment op engem Joer net kënnen ëmsetzen, mä vu dass eis Steuerreform nach net fäerdeg ass, mengen ech, dass ee soll och déi Propositioune, déi hei gemaach gi sinn, mat an déi Aarbechten aflësse loossen, déi fir de Moment nach amgaange sinn, an ze kucken, ob een net ka verschidden Elementer, déi net kontradiktöresch sinn zu deem, wat d'Regierung proposéiert huet, an den zweeten Deel vun eiser Steuerreform aflësse loossen; mä esou deier wéi dat, wat hei virgeluegt ginn ass, esouwäit, mengen ech, kéinte mer net matgoen. Mir gesinn och net direkt, wéi mer aner Elementer elo kéinten an dësem Moment abauen. Dofir ass et eng Propositoun, déi mir emol esou géife mat a weider Etüden eranhuelen.

(Interruption)

Här Asselborn, ech kann lech berouegen. Dat ass net eng Etüd, déi vun engem Externe gemaach gëtt, mä all Minister, deen eng Propositoun mécht, studéiert eng Fro, an dat studéiere mir natierlech och am Finanzministère, wa mer d'Steuerreform maachen, well de Contraire géif lech héchstwahrscheinlech erféieren.

Ech géif awer och gäre mech mat deem auseneetzen, wat den ADR zur Steuerreform gesot huet, notamment wann e seet, besonnesch déi Akommes-schwaach géifen hei benodelegt ginn, wat en dobäi och nach a sengem Blat, wat en „tous les ménages“

an d'Boite geheit, schreift an eis esou eng Méiglechkeet ginn huet, fir dat am Detail ze studéieren.

Näischt ass méi falsch, fir ze soen, déi Steuerreform, déi mir gemaach hätten, wär net sozial gerecht. Wann een nämlech kuckt, wat mir an deene leschte Joren an och an dëser Steuerreform alles dru gesat hunn, fir dass déi Leit, déi wéineg Akommes hunn, aus dem Tarif ganz erauskommen a keng Steiere méi bezuelen, da kann een net soen, dass se net sozial gerecht wär.

Ech stelle fest, dass een, deen 1,2 Milliounen d'Joer Revenu imposable huet, besteierbaart Akommes, haut 29.760 Frang bezillt, an dee bezillt, wann eis Steuerreform den Owend hei gestëmmt gëtt, d'nächst Joer 0 Frang. Dat ass eng Reductioun vu senger Steuer ëm 100 %. Dat ka kee falsch maachen. An deen, dee vill méi verdéngt, bezillt och an Zukunft vill méi Steuern, well mir hunn ëmmer gesot, dass mer gären eng Besteuerung hätten, déi dem Akommes Rechnung dréit, der Capacité contributive vum eenzelne Steuerzueler muss Rechnung droen, an ech stellen dofir fest, och wann Der an Ärem Blat, wat Der de Leit doheem an d'Boite geluegt hutt, schreift, dass een, dee 5 Milliounen Revenu imposable huet - där gëtt et héchstwahrscheinlech net ganz vill -, 30,7 % Steuern haut bezillt a muer nëmmen nach 28,2 %, forcément an Zukunft awer nach vill méi Steiere bezillt wéi deen, dee vill manner Akommes huet. Eis Steuerreform bleift sozial gerecht. Een, dee vill verdéngt, bezillt méi Steuern, mä mir hunn zugläich gesot: Leeschtung muss belount ginn, Leeschtung dierf net vum Stat alles ewechgeholl kréien, an dofir hu mer och op alle Stufe vun eisem Steiertarif Reductioun gemaach. Déi Steuerreform hei kënnt jidder-engem zegutt.

Well wann Der een huet, deen haut en Akommes huet - ech huele bewusst een an der Mëtt vun deenen zwee Montanten, déi ech genannt hunn - vun 2,5 Milliounen, besteierbaart Akommes, dee bezillt fir de Moment 439.000 Steuern, an dee bezillt vum nächste Joer un nëmmen nach 366.000 Frang. Ech sinn an der Klass 2.2, esou wéi a menge Beispiller virun zwou Wochen. All Steierkategorie benefisiiert substantiell vun dësem Tarif.

An ech soen et nach eng Kéier: Et ass a bleift e ganz sozial gerechte Steiertarif, an alles anescht, wat ee seet a schreift, ass a bleift falsch, well d'Leit brauche jo nëmmen nozerechnen. D'Zeitungen haten, egal wat fir eng Faarf se hunn, déi Tableauen, déi d'Regierung bei der Virstellung vun der Steuerreform gemaach huet, an den Zeitungen ofgedréckt, an ech hu léiwer, d'Leit rechnen doheem no, amplaz dass se einfach Sätz aus dem „Pefferkär“ liesen. Ech soen dem Här Mehlen: D'nächst Joer brauchen d'Leit och keng Zeitung, fir dat ze liesen, well se stellen et fest, wa se hir Steiere bezuelen, dass se vill manner Steiere bezuele wéi dës Joer, wann d'Chamber den Owend dës Steuerreform guttheescht.

Ech hunn och déi leschte Kéier erkläert, dass mer iwwer Joren ewech eng Politik gemaach hunn, fir dass et ëmmer méi Leit gëtt, déi keng Steiere bezuelen. Grad dat war e soziaalt Element vun eise Steuerreformen. Och an dëser geet dat nach eng Kéier e Stéck erop, an déi Leit, déi viru Joren - an ech hunn där och an der Walcampagne vill begéint - gesot hunn, mir hu bis elo Steiere bezuelt, hunn an deene leschte Joren elo keng Steiere méi ze bezuele kritt. Mir hunn derbäi nach eng Augmentatioun vum Kannergeld gemaach gehat. Mir hu ganz vill sozial Mesurë gemaach, vun deenen d'Leit, déi an deenen do Situatiounen sinn, profitéieren. Mir fieren op deem Wee weider. Ech hunn lech gesot, dass iwwer 40 % vun eisem Budget sozial Ausgabe sinn.

Nodeem ech hei déi Ënnerscheeder tëschent deene Gréngen, de Sozialisten an dem ADR an hiren inhaltleche Stellungnahme kuerz wollt belichten, wëll ech awer nach e Wuert soen zu enger Ausso, déi e puermol hei gemaach ginn ass, dass 75 % vun de Betriber keng Steiere géife bezuelen. Dee Chiffer, deen och am Rapport vum Finanzministère steet, ass relativ irreführend, dohier dass ënner all d'Gesellschaften, déi vun der Steierverwaltung besteiert ginn, och all d'Soparfien an Holdinge falen, déi e ganz groussen Deel vun der Zuel vun de Gesellschaften ausmaachen. Dofir ass et statistesch richteg, dass $\frac{3}{4}$ vun de Betriber keng Steiere bezuelen, mä wann een déi alleguer ofrechent, déi duerch hir Natur keng Steiere bezuelen, dann ass de Prozentsaz vun deene Betriber, déi keng Steiere bezuelen, natierlech vill méi kleng. Et bleift awer och - an dat ass och hei an deenen Debatte gesot ginn -, dass de Gros, en volume, vun de Steiere vun de Betriber vun der Finanzplaz bezuelt gëtt an déi aner quantitativ wäit aus manner bezuelen. Dat hu mer och an der Finanzkommissioun an deene leschte Joren e puermol gesinn.

De véierte Punkt vu mengen Observatiounen am Kontext vun den Diskussiounen vun deene leschten zwou Wochen ass deen, deen ech virdru genannt hunn: d'Rechtstatlechkeet oder d'Égalitéit bei den Ausgaben.

Fir d'éischt zwou Präzisiounen, déi ech besonnesch géif un d'Adress vum Här Bodry maachen, dee sech d'lescht Woch hei eräifert hat am Kontext vun den Ausgaben, déi getäteg gi fir d'Acquisitioun vun Terrainen bei den Industriebroochen am Süden, am Kontext vun der Société de développement, respektiv bei der Défense.

Ech wëll soen, nodeem ech mech nach eng Kéier vergewëssert hunn, dass dat esou ass, dass selbstverständlech déi Terrainen eréischt abruecht ginn an déi Gesellschaften an och déi Suen eréischt débloquent ginn, wann dat Gesetz hei an der Chamber approuvéiert ginn ass. Et ass kloer, dass, wann ee mat engem Partner, deen esou Terrainen huet, déi solle valoriséiert

ginn, en l'occurrence d'ARBED, déi se haut alleguer nach huet, Diskussiounen féiert, een da muss soen, a wéi eng Richtung een da gedenkt ze goen. Et muss een och Finanzéierungspläng maachen. Mä et bleift de Wëlle vun der Regierung - an dat ass och der ARBED matgedeelt ginn -, dass mir dat do net kënne maachen ouni d'Zoustëmmung vum Parlament. Et ass also dofir kloer, dass déi zoustänneg Ministeren - dat sinn zum groussen Deel ech selwer, well ech fir d'Terraine vum Stat zoustänneg sinn; den Inneminister huet sech méi ëm d'Ofwëcklung vun där ganzer Prozedur bekëmmert - an d'Chamber mat engem Projet kommen, wat d'Acquisitioun an d'Bezuele vun deenen Terraine betrëfft, ier déi Suen débloquent ginn.

Dat Zweet betrëfft d'Défense, d'Verteidigung. Och do ass et esou, dass den zoustänneg Minister an d'Chamber kënnt an d'Regierung keng Engagementer juristescher Natur ageet, sauf politesch Gespréicher natierlech féiert, ier se zum Beispill géif en Transport-schëff mat der Belsch zesummen an de Bau ginn.

Mir hunn ëmmer an deenen Diskussiounen als Regierung eise Partner gesot, dass dat Engagementer wäeren, déi esou e Finanzvolumen hätten, dass mir dofir d'Zoustëmmung vum Parlament bräichten, an de Verteidigungsminister kënnt an d'Chamber, wann e genau weess, wat dat kascht, an dofir kann en dat elo net maachen, well déi Diskussiounen um Lafe sinn. Et gëtt notament gekuckt, ob et zwee oder dräi Partner sinn, déi zesummen un esou engem Projet schaffen. Esoubal den Detail bekannt ass - Dir kennt jo scho grouss Linnen, well ech mengen, den zoustänneg Minister war schonn an där Kommissioun -, kënnt e Projet de loi an d'Chamber. Wann dee gestëmmt ass, ginn d'Suen débloquent. Et schéngt eis elementar ze sinn, dass dat esou gehandhaabt gëtt. Hei geet also näischt laanscht d'Chamber.

Da wollt ech zu där Diskussioun zrëckkommen, déi geféiert ginn ass am Kontext vun de Bauprojeten, wou hei mat vill Emotiounen d'lescht Woch laang driwwer diskutéiert ginn ass. Ech wëll fir d'éischt soen, dass et sech hei ëm déi Bauprojeten handelt, déi méi deier si wéi dee Montant, bei deem e Spezialgesetz noutwendeg ass. Dee Montant ass fir de Moment 7,5 Milliounen Euro. Dat war fréier de Seuil vun 124 Milliounen Lëtzebuerger Frang. Zënter dem neie Kontabilitéitsgesetz vum Summer 1999 sinn dat 7,5 Milliounen Euro.

De Problem, dee sech stellt, ass all Kéiers deen, dass, wann esou e Bauprojet, dee vun der Chamber autoriséiert gëtt, en cours de route duerch divers Elementer méi deier gëtt - wat da muss gemaach ginn, notament dann, wann de Bau amgaangen ass -, ee muss kucken, ob een dann elo de Bau stoppt, wat meeschtens an der Praxis schlecht ass, bal guer net geet, respektiv wéi een da virgeet.

Ech wëll lech soen, an all deenen, déi och dozou opgereege geschwat hunn, dass dee Problem net nei ass. Dat ass e Problem, mat deem all Bauteminister an all Budgetsminister ëmmer befaasst war, an dat wäert och e Problem sinn, deen ëmmer bleift, well et ganz schwierig ass, besonnesch mat där haut bestehender Prozedur, fir de Moment, wou de Gesetzprojet an d'Chamber kënnt, bis op dee leschten Dibbelchen ze rechnen, wéivill dann e Projet kascht.

Ech géif souguer bal soen, wann ech déi zwee Joer, bal dräi Joer kucken, wou ech Budgetsminister sinn, dass sech d'Situatioun gebessert huet, dass se fréier, wann ech mat viregte Budgetsministere schwätzen, nach vill méi schlëmm war, dat heescht mir hunn d'Deven haut besser am Grëff wéi fréier.

Et bleift awer de Problem vun der Compatibilitéit mat Dépassementer bei esou Bauprojeten par rapport zu deem Projet, deen d'Chamber gestëmmt huet. An ech muss soen, dass all Solutioun, déi een do mécht, am Fong, op d'mannst an enger Iwwergangsphas, zu engem rechtliche Problem féiert - ech hunn elo emol nogelies, wat alles an där Kommissioun gesot ginn ass -, egal ob een d'Propositioun hält, déi zum Beispill de President vun der Budgetskontrollkommissioun gemaach huet, den Här Krecké, oder déi, déi d'Kollege vun der Majoritéit do abuecht haten, déi sech am Fong nëmmen doran ënnerscheed, dass d'Seuilen anerer sinn. Et bleift ëmmer de Punkt, dass, wann de Projet méi deier gëtt, sech eng Situatioun stellt, déi par rapport zu deem Gesetz, wat gestëmmt ginn ass, net ganz kompatibel ass.

Ech stellen och fest, dass hei e Problem besteet tëschent enger strikt legalistescher Vue, dass ee seet, wann de Projet bis ee Frang méi deier gëtt, niewent dem Bauindex, da muss een am Fong ophalen, an där Vue, déi an der Vergaangenheet, virun allem an där viregter Regierung, ëmmer gespillt huet, dass deen zoustänneg Minister dann an d'Chamber komm ass a gesot huet: Hei ass mäi Problem, kann ech elo weiderfueren oder net?

Et gëtt och verschidden Ursaachen. Och dat muss een nach eng Kéier erklären. Ech versti schonn, dass et heiansdo technesch Ursaache gëtt, dass ee Projet méi deier gëtt, an heiansdo inhaltlecher, wann een de Programm en cours de route ännert. Ech hunn dat och selwer als Fachminister an der Justiz gemierkt, wann op eemol, besonnesch wann eng laang Zäit vergeet tëschent deem Moment, wou e Projet geplangt gëtt, an deem, wou en exécutéiert gëtt, Leit mat gudden Iddie kommen, déi soen, et wär awer vläicht besser, mir géifen dat do nach änneren, an doduerch gëtt dat dann en cours de route méi deier, an d'Fro ass jo dann déi: Wéi geet een an esou engem Fall vir?

Ech mengen net, dass dat e Punkt ass, op deem mer eis politesch onbedéngt mussen auseneen driewen,

dass et éischer e Punkt ass, dee mer musse pragmatesch an am Respekt vun eise Gesetzzer léisen.

Ech mengen och net, dass mer en am Plenum vun der Chamber geléist kréien, mä dass et méi wichteg ass, dass een héchstwahrscheinlech nach eng Kéier d'Bautekommissioun an d'Kontrollkommissioun vum Budget zesumme setzt, fir an der Praxis ze kucken, wéi dat do muss goen.

Fir mech bleift et wichteg, dass en tout état de cause d'Dépassementer per Gesetz - dat kann awer och d'Budgetgesetz sinn, well dat ass nun emol e Gesetz; et pour preuve, mir stëmmen haut esou e Gesetz - müssen autoriséiert ginn.

Déi nei Engagementsprozedur, déi mer am neie Comptabilitéitsgesetz kréien, mécht et vläicht méi einfach, dass een éischer gesäit, wéini Dépassementer kommen, an och scho kann a Budgetgesetz oder Spezialgesetz den Dépassement autoriséieren. Deen Dépassement muss jo och dûment motivé sinn. Et ass jo net, wéi wann e Minister géif kommen a soen: Elo kascht et souvill méi. Wann déi Motiver der Chamber alichten, dann, mengen ech, gëtt d'Chamber och d'Autorisatioun, fir dass et per Budgetgesetz oder Normalgesetz méi deier gëtt. Ech mengen, d'Aufgab vun der Chamber wär, an enger Kommissioun nach eng Kéier driwwer ze schwätzen, à partir vu wéi engem Seuil un een op e Spezialgesetz muss goen oder dat kann iwwert d'Budgetgesetz maachen.

(Interruption)

Fir mech ass dat als Budgetminister dee wichtigste Problem, datt d'Chamber net écartéiert gëtt - an d'Bauteministerin gesäit dat och esou -, mä dass ee sech iwwert d'Prozedur muss eens ginn. Dobäi kënnt, datt d'Bauteministerin schonn oft gesot huet - an dat fënnt och meng Zoustëmmung -, dass ee soll nach eng Kéier am Detail studéieren, ob mer net kënnen op e Wee goen, wéi en a verschiddenen Nopeschlänner besteet, datt d'Chamber eng Autorisation de principe gëtt, fir e Bauprojet an d'Etüd ze ginn, datt da méi detailléiert Plange kënne gemaach ginn an, wann de Projet dann an d'Chamber kënnt, een zimlech genau weess, wat e kascht.

Ech mengen, wann een en Haus baut, da weess een och net genau bis op de leschte Frang, wat et kascht. Mä mir wëllen dat méi genau wëssen, wéi dat haut de Fall ass mat där Prozedur, wou ee mat relativ sommieren Elementer konfrontéiert gëtt, déi mat der Prozedur zesummenhängen. D'Bauteministerin huet mer an deene leschten Deeg nach eng Kéier gesot - an dofir kann ech dat och hei an hirem Numm soen -, dass dat eng Prozedur ass, déi si nach eng Kéier wëllt am Detail kucken an dann d'Chamber och mat esou Propositione konfrontéieren. Ech muss soen, als Budgetminister géif ech dat fir d'Parlament eng besser Prozedur fannen.

Zu deem Problem, dee mer de Moment hunn, wann en Dépassement en cours de route kënnt, do, mengen ech, soll ee sech eens ginn, no wéi enge Modalitéiten, dat heescht no wéi engem Dépassement a bei wéi engen Ursachen, ee soll en anert Gesetz stëmmen. Ech mengen net, dass do d'Vuë vun der gréisster Opposition an der Majoritéit wäit géifen ausenee leien, och well se héchstwahrscheinlech wëssen, aus hirer laangjäereger Regierungserfahrung, wéi schwier et ass, dee Moment, wou esou Gebaier op de Wee bruecht ginn, de geneeë Präis ze erkennen.

Mä, wéi gesot, meng Proposition ass nach eng Kéier, dass déi zwéi zoustänneg Ministere géifen an eng Commission jointe vun deenen zwou Kommissiounen kommen - déi eng kucken et nämlech méi praktesch, déi aner kucken et reng finanzpolitesch -, fir dass mer dann do in Kürze kéinten eng Solutioun fannen, déi där heite Problematik Rechnung dréit.

Ech soen lech nach eng Kéier: D'Solutioun ass mat eisen aktuelle Prozeduren net einfach. Ech hunn awer staark d'Iwwerzeegung, dass mat eisem neie Comptabilitéitsgesetz mer dat do besser an de Grëff kréien. Ech muss och soen, dass zum Beispill eng Rei Dépassementer guer net am Budget ugeféiert gi sinn, well se net gutt genuch motivéiert waren an déi zoustänneg Ministerin se iwwerhaupt net an de Regierungsrot komme gelooss huet.

D'Kontroll op Regierungsebene an och bei all Dépassement ass eng ganz strikt, an dat wäert och an Zukunft esou bleiwen, an dem Parlament seng Roll ass selbstverständlech och do eng ganz staark.

Am Résumé, Dir Dammen an Dir Hären: Wann ech mer déi zwou Wochen Diskussiounen iwwert d'Budgetpolitik ukucken, hir eenzel Elementer, d'Steierpolitik, d'Budgetpolitik, da stellen ech fest, dass mer eis heibannen a groussen Deeler eens sinn - et gëtt ëmmer Ausnahmen -, datt mer et mat gesonde Statsfinanzen ze dinn hunn, datt eise Budget équilibréiert ass a mer esou de Budget dohinner geluegt hunn, datt een och haut scho weess, dass een déi Projeten, déi een an deene vergaangene Jore gestëmmt huet a mer elo amgaange sinn ze stëmmen, och an Zukunft ka finanzéieren. Mir hunn dofir net alles zu engem Moment gemaach, well mir wëllen och eng gewësse Prévisibilitéit an der Budgetpolitik walte loossen.

Et ass kee Budget, wéi e Kolleg hei gesot huet, wou mer mat der Strenz iwwert d'Land an d'Leit gefuer wäeren an ausgedeelt hätten. Hätte mer dat nämlech gemaach, dann hätte mer kee Budget am Équilibre. A wann dat de Fall ass, da müssen déi Leit eis och soen, wou si dann net déi Ausgabe getäteg hätten.

Inhaltlech ass et e Budget mat enger staarker Sozialpolitik. Et ass e Budget, deen duerch seng Steuerreformelementer en Akzent setzt fir eng wirtschafts- a leesch-

tungsfrëndlech Politik, well déi mécht een duerch déi Steierreduktiounen, mat deenen awer Deeler vun dësem Haus d'accord sinn, an déi, déi et net sinn, hunn dat ausdrécklech gesot. Do muss also jidderee sech seng Meenung dozou maachen.

Et ass e Budget, dee bei der Sécherheet heiheem an an Europa Akzenter setzt an als véierte Punkt zukunftsorientéiert Infrastrukturen an nei Technologien zu Lëtzebuerg virgesäit. Dofir, mengen ech, ass et e Budget, dee misst, wann een den Inhalt a seng finanzpolitesch Elementer kuckt, heibannen zu enger breeder Zoustëmmung féieren, et sief dann, wéi an alle Parlamenter vun der Welt, dass d'Opposition de Budget net géif stëmmen, just nëmme well et am Fong d'Grundlag ass vun all Politik. Mä da géif ech d'Leit bidden, déi dat analyséieren, net d'Resultat vum Vote ze kucken, mä méi d'Argumenter, déi virbruecht ginn. Ech hu versicht, lech haut verschiddener nach eng Kéier ze kommentéieren.

Ech wär op jidde Fall frou, wann dee Budget hei den Owend kéint approuvéiert ginn. Iwwert déi eenzel aner Punkten, mengen ech, kréie mer d'Geleeënheet bei de Motiounen ze schwätzen, an ech géif déi dofir, fir d'Debatt net ze zerstückelen, op dëser Plaz net diskutéieren, mä herno dorobber zrëckkommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir héieren elo de Rapporteur mam Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun iwwert de Budget 2001.

Wat d'Riedezäit ubelaangt, hat d'Chamber sech de leschten Donneschdeg mam Virschlag vun der Präsidentekonferenz, dat heescht mat enger Extensioun op de Modell 7, averstanen erkläert. No Ofzuch vum Total vun der Riedezäit vun der leschter Woch bleiwen deenen eenzelne Fraktiounen fir d'Diskussioun:

- CSV: 65 Minutten
- DP: 14 Minutten
- LSAP: 30 Minutten
- ADR: 22 Minutten
- DÉI GRÉNG: 21 Minutten
- Dem Här Bisdorff: 18,5 Minutten.

Fir d'Motiounen huet all Fraktioun Urecht op 35 Minutten an den Här Bisdorff op 17 Minutten.

D'Wuert huet elo den Här Gusty Graas a senger Eigenschaft als Rapporteur vum Budgetgesetz.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, nodeem mer jo an deene leschten zwou Wochen eis méi intensiv mam Budgetdokument vum Joer 2001 beschäftegt hunn, gi mer haut souzesoen an d'Schlussronn. Erlaabt mir, haut nach eng Kéier e kuerze Kommentar ze maachen iwwert de Rapport complémentaire.

A senger Sëtzung vum 17. November 2000 hat de Regierungsrot seng Amendementer zrëckbehalen, déi de 27. November hei an der Chamber déposéiert goufen. Den 8. Dezember hate mer déi éischte Kéier an der Finanz- a Budgetskommissioun a Presenz vum Budgetminister en Échange de vues iwwert déi verschidden Amendementer.

Den 12. Dezember krute mer den Avis vum Conseil d'Etat zougestallt, an de 15. Dezember, also de leschte Freideg, hu mer de Rapport complémentaire zrëckbehalen, wou mer dann och iwwert déi eenzel Amendementer méi am Detail diskutéiert hunn.

Ech wëll fir d'éischt emol hei virausschécken, dass ech de Privileg hat, vis-à-vis vu menge Kollegee vun deene leschte Joren, dës Kéier ënner manner groussem Zäitdruck gewiescht ze sinn, wat d'zur-Verfügung-Stelle vun den Amendementer, respektiv vum Programme pluriannuel ubelaangt. Dës Kéier sinn déi an engem raisonnablen Délai zougestallt ginn. Dofir soll och nodréiglech nach eng Kéier e Merci ausgesprach sinn.

Erlaabt mer och vläicht, e puer Kommentaren zum Programme pluriannuel vum Joer 2000 bis 2004 ze maachen, dee sech jo op d'Dépenses en capital bezitt. Et ass erfreenlech, do feststellen, dass d'Regierung nach wie vor wëlles huet, eng virsiichteg Budgetpolitik ze maachen, datt d'Dépenses och sollen um wirtschaftleche Wuesstum orientéiert bleiwen.

Et stellt ee fest, dass an der Period 2000-2004 d'Dépenses annuelles en capital vu 623,8 Milliounen Euro op 914,8 Milliounen Euro pro Joer klamme sollen. Dat heescht, déi gréisste Progressioun ass feststellen tëschent dem Exercice 2000 an dem Exercice 2001, an zwar mat 30,45 %.

Wat d'Spezialfongen ubelaangt, sou ass et fir d'éischt ze begrëssen, datt virun allem d'Fong fir déi öffentlech Investissementer déi gréissten Dotatiounen kréien. Mir wëssen, dass mer effektiv nach eng Rei vun Defiziter op deem Niveau hunn, esou dass et also gutt ass, datt do zousätzlech Dotatiounen gemaach ginn. Ech wëll och besonnesch hei ënnersträichen, dass an deem Programme pluriannuel 2000-2004 de Bau vun zwee zousätzleche Lycéeën virgesinn ass. Ech mengen, dat wäert mat Sécherheet dozou bäidroen, dass déi gewësse Pénurie, déi nach ëmmer um Niveau vun den schouleschen Infrastrukturen besteet, kann trotzdeem deelweis opgehewee ginn.

Et fällt engem natierlech och op, datt besonnesch ee Fong weider zolidd gespeist gëtt - dat ass de Fonds des Routes -, wat och gréisstendeels ze verstoen ass. Ech wëll just hei ze bemierke ginn, dass mer eis awer och musse bewosst sinn, dass de Bau vun neie Stroossen net ëmmer kann d'Endléisung sinn, mä dass een och emol muss kucken, vläicht méi eng Ursachebekämpfung ze maachen, well mer wëssen, dass duerch de Bau vun neie Stroossen, zumindest op

verschiddene Punkten, kann doduerch nëmmen neie Verkëier ugezu ginn.

Dann ass ze bemierken, dass de Scholdefong, obwuel eis Schold jo lues a lues zrëckgeet - an am Joer 2007 wëllt d'Regierung d'Schold op Null erofsetzen -, och nach an deenen nächste Jore soll all Joer mat 14 Milliounen Euro alimentéiert ginn.

Erfreelech ass och festzustellen, dass besonnesch de Fonds du Rail, respektiv den neie Fong pour la Gestion de l'Eau progressiv wäerten an deenen nächste Joren zousätzlech alimentéiert ginn.

Dann ass nach ze ënnersträichen, dass der Promotioun vun der alternativer Energie weiderhin e grouse Raum zur Verfügung gestallt gëtt. Erfreelech ass och, dass dem Ministère de l'Intérieur seng Dotatioune progressiv an d'Luucht ginn, fir am Joer 2004 86,6 Milliounen zousätzlech ze kréien. Wéi gesot, dat sinn ëmmer nëmmen d'Dépenses en capital.

Da sinn och nach bedeitend Kreditter virgesinn, fir déi ekonomesch-regional Entwécklung weider ze dreiwien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum amen-déierte Budget si folgend Remarken ze maachen. Et ass virdrun och scho vum Minister hei ugeklongen. Et ass a ville Rieden déi lescht 14 Deeg hei ugeklongen, dass mer de Moment eng ganz gutt ekonomesch Situatioun an dësem Land ze verzechnen hunn. Dat huet mat sech bruecht, dass eng Réévaluation vun de Recettë konnt fir d'nächst Joer virgeholl ginn, well mer elo schonn, zu dësem Zäitpunkt, gesinn, dass eng Rei vu Steiere wäerten d'nächst Joer méi héich Recettë gënérieren, wéi dat am Budget initial virgesi war. Esou gëtt ënner anerem mat zousätzlechen 10 Milliounen Euro op de Steiere vun de Salairë gerechent, 3 Milliounen op der Kapitalsteuer an och 2,2 Milliounen méi op der Verméigenssteuer. Am Ganze sinn dat ronn 16,8 Milliounen zousätzlech Recetten, déi fir d'nächst Joer nach an de Budget ageschriwwen ginn.

Natierlech klammen op där anerer Säit dann och d'Dépenses, an zwar ëm 19,9 Milliounen, esou dass den Iwwerschoss par rapport zum Budget initial méi kleng ginn ass, an de Budget schléisst dann elo mat engem Excédent vun 1,299 Milliounen Euro of.

D'Recettë klammen domat prozentual par rapport zum Budget 2000 ëm 13,12% an d'Dépenses ëm 11,96%. Wann een elo dee globale Chiffer kuckt, dann hu mer insgesamt Recetten an Héicht vu 5,446 Milliarden Euro, an deem entgéint stin dann Dépenses an Héicht vu 5,445 Milliarden.

Eng méi genee Analys vun den Amendementen vun deene verschiddene Budgetsartikelen weist, dass déi meescht zousätzlech Dotatioune fir d'Sécurité sociale bestëmmt sinn. Esou ginn zum Beispill weider 4 Milliounen Euro an de Pensiounsfong vun der Fonction publique. Dat ass esou ze erklären, well ursprüngelech

den Ajustement, dee jo elo op den 1. Januar fälleg gëtt, nëmme mat 1,5 % verrechent gi war. Mir wëssen awer entre-temps, dass dat wäer 3,1 % ausmaachen.

Da ginn nach zousätzlech 4 Milliounen gebraucht fir d'Cotisation vun der Assurance-pension. Dat ass och eng Konsequenz vun der Réévaluation vum Resultat vun 2000, der Erhéijung vum Mindestloun, respektiv och deenen neie Chifferen, wat d'Entwécklung um Aarbechtsmaart ubelaangt.

Net manner wéi 5 Milliounen Euro sinn dann als Dotatioun vum Fonds national de Solidarité virgesinn. Dat ass och d'Konsequenz vun der Reconsidération vun der Zuel vun de Bénéficiairen, dem Index wéi och dem Ajustement vun de Pensiounen.

Et sinn doniewent awer och nach eng Rei aner Artikelen, déi mat zousätzlechen Suen dotéiert ginn, op déi ech elo net zevill am Detail wëll agoen. Erlaabt mer awer vläicht, nach e puer Remarken ze maachen zu eenzelnen Amendementen, wat d'Budgetsartikelen ubelaangt.

Ech wëll fir d'éischt emol eng allgemeng Fro opwerfen. Et ass mer opgefall, dass ënnert dem Ministère des Finances nach eng Majoratioun vun deem Artikel komm ass, wat d'Bezuele vu Loyerern ubelaangt.

Do soll mol allgemeng vläicht eng Kéier gekuckt ginn, wat de Stat iwwerhaapt insgesamt u Loyerern dorëmmer bezillt, fir seng Services ënnerdaach ze bréngen. D'Fro soll gestallt ginn, ob et net méi sënnavoll wär, wann de Stat nach géif zousätzlech Acquisitioune vun Immeubelen maachen. Ech weess, datt an der Regierungserklärung och schonn esou eng ähnlech Iwwerleeung gemaach ginn ass, fir mol eng Kéier ze kucken, awéiwäit et vläicht méi rentabel wär, wann de Stat géif versichen, e Maximum un Immeubelen a säi Besëtz ze kréien an net mussen zevill Loyerern ze bezuelen.

Da muss ech och mat Satisfactioun feststellen, datt de Gesamtmontant, deen der Police grand-ducale reservéiert ass, elo op 94,2 Milliounen klëmmt. Dat ass virun allem doduerch ze erklären, well nach zousätzlech Kreditter zur Verfügung gestallt ginn, fir eenzel Ween vun der Police méi schosssecher ze équipéieren. Dat ass eng Mesure, déi een hei ouni Zweifel muss als luewenswäert ervirsträichen. Besonnesch no deenen dramateschen Événementen aus deene leschte Wochen ass et noutwendeg, datt e Maximum u Moosname geholl gëtt, fir datt d'Sécherheet vun de Polizeibeamten garantéiert ass.

E weidere Kredit, deen ee muss als positiv hei ervirhiewen, vun 105.000 Euro ass virgesinn, fir d'alternativ Energien a fir d'Spuere vun Energien ze ënnerstëtzen. Dat ass doduerch ze erklären, well elo no deenen zwou Mesuren, déi iwwert de Wee vu groussherzogleche Reglementen geholl gi sinn, d'Regie-

rung och der Meenung ass - wat och richtig ass -, datt een dat no bausse muss nach méi bekannt an d'Leit nach méi drop opmierksam maachen, a wat fir ee Genoss si kënne komme vu Subventionen, an deemspriechend gëtt elo nach eng gewëssen Öffentlechkeetsaarbecht gemaach, dat heescht et ginn nach zousätzlech Brochurë publizéiert.

Ech hu gesinn, datt nach e Kredit vu 75.000 Euro dobäi komm ass, an dat am Interesse vun der Agence de l'énergie de l'État. Och dat ass en Zeechen, datt déi Gesellschaft soll méi mat agebonne ginn an d'Öffentlechkeetsaarbecht, fir eben d'Promotioun vun den alternativen Energien dobaussen nach méi populär ze maachen, datt och d'Leit, d'Gemengen an d'Betribler sech ugesprach fillen, fir op deem Niveau nach déi néideg Investitiounen virzehuelen.

Wann een elo mol global déi eenzel Amendementer kuckt, an et géif een eng Hitparade opstellen, wéi eng Ministère elo nach am meeschten zousätzlech dotéiert ginn, dann ass et de Ministère de la Famille, deen déi meescht zousätzlech Kreditter kritt, virum Ministère de la Sécurité sociale a virum Transportministère.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir awer och vläicht, fir zu der Loi budgétaire e puer Gedanken ze formuléieren. Menger Meenung no soll d'Loi budgétaire u sech net benotzt ginn, fir eng Multitude vu bestehende Gesetzer ëmzeänneren. Mä virun allem soll d'Loi budgétaire dozou benotzt ginn, fir Dispositiounen festzehalen, déi en direkten Impact op d'Statsfinanzen hunn.

D'Regierung huet insgesamt 25 Amendementer virbruecht, fir d'Budgetgesetz ëmzeänneren. Dat waren zum gréissten Deel punktuell Moosnamen, déi direkt d'Fonction publique betreffen, wou et ëm eng Rei vu Regulariséierung vu Carrière geet.

De Statsrot huet allerdéngs a sengem Avis vum 12. Dezember eng Rei vun deenen Amendementer mat enger Opposition formelle beluegt. Ech kann direkt virausschécken, datt mir an der Finanz- a Budgetkommissioun alleguer deenen Oppositions formelles integral Rechnung gedroen hunn. Allerdéngs, erlaabt mir am Numm vun der Kommissioun déi kleng Zwëscherremarque ze maachen, datt mir heiansdo e bëssche Problemer haten, fir bei der Logik a bei der Argumentatioun vum Statsrot nozekommen.

Wat elo déi eenzel Ëmännerungen ubelaangt, wat d'Budgetgesetz concernéiert, wëll ech net zevill an d'Detailer goen an awer trotzdem Modificatiounen nach hei ervirsträichen. Esou gëtt ënner anerem d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Marché électrique vum 24. Juli 2000 ëmgeännert, an zwar ginn elo méi Präzisioone geliwwert, wat d'Perceptioun vun där elektrescher Tax ubelaangt. Donieft ginn och

d'Obligatiounen vun deene Clients finals, déi eng eege Stroumproduktioun maachen, méi genee definéiert.

E weidere Punkt ass deen, datt elo hei eng nei Lëscht presentéiert gëtt vun deene Projeten, déi iwwert de Fong vun den öffentlechen Investissementer finanzéiert ginn. Da gëtt och d'Gesetz vum 7. Mäerz 1980 iwwert d'Organisation judiciaire an d'Gesetz vum 7. November 1996 iwwert d'Organisation des juridictions administratives an deem Sënn ëmgeännert, datt d'Magistraten, déi fir international Organisatiounen kënnen détachéiert ginn, hire Revenu, respektiv och hir Famillenzoulage bäibehalen. Fréier ass dat iwwert de Congé spécial geschitt.

Erfreelecherweis muss een och feststellen, datt an enger Rei vu Verwaltungen elo den Effectif opgestockt gëtt. Mir wëssen, datt et an enger Rei vu Verwaltungen nach gewësse Problemer gëtt, wou et un deenen néidege Leit nach feelt. Iwwert d'Budgetgesetz ginn elo e puer där Problemer geléist. Esou gëtt an der Steierverwaltung d'Carrière supérieure vun 11 op 14 Unitéiten eropgesat. Den Effectif vun der Douane- an Acciserverwaltung gëtt och duerch d'Ëmännerung vun hirer Loi cadre vum 27. Juli 1993 erhéicht. Datselwecht gëllt iwweregens fir d'Enregistrementsverwaltung, wou och elo d'Pénurie u Personal duerch d'Budgetgesetz zum Deel behuewe gëtt.

Da gëtt en neien Artikel 55 an d'Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Police an iwwert d'Generalinspektioun vun der Police ageschriwwen. Et ass dat am Sënn vun deene fréiere Commissaires enquêteurs. Duerch e weideren Amendement gëtt dann elo och eng Base légale geschafe fir d'Spezialindemnitéiten, déi den Enseignanten aus dem postprimären Unterrécht bezuelt ginn, an zwar virun allem deene Leit, déi sech ëm d'Preparatioun, respektiv ëm d'Correctioun vun den Épreuves vun de Premières- an Treizièmesexamen bekëmmert hunn. Bis dato ass dat ëmmer esou gehandhaabt ginn, mä et ass elo e Geriichtsuerteel gefällt ginn. Do ass dann och d'Regierung zur Konklusioun komm, datt et besser wär, wann ee géif eng Base légale schafen, fir datt d'Ausbezuelung vun deenen Indemnitéite keng Problemer méi géif opwerfen.

Wann een déi Amendementer nach méi am Detail kuckt, da fällt engem besonnesch op, datt d'Gesetz iwwert de Budget, d'Comptabilitéit an d'Trésorerie vum Stat vum 8. Juni 1999 an enger Rei vu Punkten ëmgeännert gëtt. D'Regierung hat hei wëllen, nach vill méi wäit ze goen, mä wéi gesot huet de Statsrot do net esou richtig matgespillt, esou datt déi Ëmännerung sech méi op eng begrenzten Zuel vu Punkte limitéiert, ouni elo hei an den Detail ze goen.

Ech wëll der just e puer ervirsträichen. De Rôle vum Kontroller gëtt méi kloer definéiert. Da kënnen och elo zum Beispill am Kader vum Terrainsakaf duerch de Stat Avancé bezuelt ginn an Héicht vun 80 % vum Akafs-

präis, well bis elo waren dat nëmme 50 %. Dann ass och nach den Artikel 6, wou festgehale gëtt, datt dee sech net applizéiert fir de Budget 2001.

Ech muss do d'Remarque am Numm vun der Finanz- a Budgetskommissioun maachen, datt mir eis e bëssche méi reservéiert gewisen hunn, well mir der Meenung sinn, datt et wichteg ass, datt all Budgetsdokument soll vun all deene wichtegen Annexen iwwert d'Garantië vum Stat, iwwert d'Reserven, iwwert d'Fongen an esou weider begleet sinn. Dat war jo dëst Joer net an deem Mooss de Fall.

Et waren dann awer nach zwee Amendementer vun eiser Commissioun selwer presentéiert ginn, woubäi eent mat enger Opposition formelle vum Statsrot beluegt ginn ass. Bei deem aneren huet de Statsrot sech och méi reservéiert gewisen. Deem hu mir awer net Rechnung gedroen, a mir hunn dat och zrëckbehalen. Hei geet et ëm d'Transmissioun vu Copien un d'Cour des Comptes.

Ech wëll vläicht ofschléissend nach eng kuerz Remarque maachen, well eben eng Rei vu Gesetzger elo hei modifizéiert ginn duerch d'Budgetsgesetz, besonnesch dat iwwert d'Comptabilitéit vum Stat. Et ass awer wichteg, datt ee periodesch och eng Publicatioun vum Texte coordonné am Mémorial virhëlt, fir datt ee sech ëmmer erëmfënnt an um leschte Stand ass vun deenen dach net onwichtige Gesetzger.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech ofschléissend am Numm vun der Finanz- a Budgetskommissioun bidden, dësem Rapport complémentaire zouzestëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem honorablen Här Graas, dem Budgetsrapporteur vun dësem Joer, merci soe fir säi Rapport complémentaire, esou wéi och - a mir haten dat scho gemaach - fir säin Haaptrapport. Hien huet elo hei am Detail virun allem d'Amendementer analyséiert an dat, wat aus dem modifizéierte Projet erauszesträichen ass.

Ech hu gemierkt, datt et keen heilbanne vum Stull gerappt huet. Et ass och net verwonnerlech, well déi Amendementer eben dat waren, wat se waren, an den Här Graas konnt sech och kuerz faassen, virun allem a sengem schrëftleche Rapport, well d'Regierung sech jo hei bei enger Rei vun Amendementer eng fänke gaange war, an deem Sënn, datt se eng ganz Rei Oppositions formelles kritt huet. Ech weess net, ob d'Regierung do ganz gutt berode war.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Huet d'Majoritéit dat dann net ofgestëmmt?

M. Lucien Weiler (CSV).- Also, Här Krecké, d'Zäiten ännere sech. Mir schwätzen hei vun den Amendementer vun der Regierung. Do hat d'Kommissioun näischt zouzestëmmen. D'Regierung huet déi Amendementer un de Conseil d'Etat ginn. D'Kommissioun huet zu kengem Moment doriwwer befonnt. Mir hunn Akt dovun geholl, a wéi mir den Avis vum Conseil d'Etat virleien haten, hu mir gesinn, datt de Conseil d'Etat hei kee klengt „Cas de rigueur-Gesetz“ wollt an deementspreechend eng Rei Oppositionne gemaach huet, esou datt eben déi Propositionen elo vum Dësch sinn.

Här President, well den honorablen Här Graas dat esou gutt hei am Detail gemaach huet, wëll ech mech nach just drop beschränken, fir zwee oder dräi Kommentaren zu deem ze maachen, wat hei d'lescht Woch gesot ginn ass, notamment vum Här Bausch, an dat, wat de Minister Luc Frieden elo just ugeschwat huet, wat d'Problematik vun den Dépassementer ubelaangt.

Ech erlabe mir, Här President, fir virdrun nach zwou Motiounen ze déposéieren, eng vun der Majoritéit betreffend d'Gewerbesteier, wou mir d'Regierung opfuerderen, am Dialog mam SYVICOL ze kucken, wéi mir zu enger Léisung kommen, ouni datt dat negativ Répercussione fir d'Gemengen huet.

(Interruptions)

Also, Här President, ech hunn awer wierklech hei net provozéiert. Ech ginn awer an engem Stéck ënnerbrach.

M. le Président.- Loosst den Här Weiler dach schwätzen! Dir sidd dach nach zu vill agedroen. Dann hutt Dir d'Geleeënheet, Är Meenung ze soen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dann, Här President, wëll ech eng Motioun déposéieren, déi vum Här Rippinger, vum Här Bausch, vum Här Krecké, vum Här Bisdorff a vu mir ënnerschriwwen ass.

Ech sinn zu där Motioun inspiréiert ginn - elo ass den Här Bisdorff net hei -, wéi ech d'Motioun 7 vum Här Bisdorff gelies hunn, wou hien eng ganz gutt Iddi hat, an deem Sënn, wou hien op d'Problematik vun deem héije Wirtschaftswuesstum agaangen ass an op alles, wat dat u Konsequenze fir d'Land bedeit. Dat ass eng Problematik, déi mir zënter 1996, zënter dem honorablen Här Krecké sengem Budgetsrapport, diskutéieren, mä wou mir awer nach keng Léisung fonnt hunn.

De Budgetsminister ass och elo erëm a senger Interventioun op déi Problematik agaangen an huet gesot, datt hien am Kader vun där Debätt awer och keng Propositionen oder Iddien, weder vun der Majoritéit nach vun der Opposition, héieren hätt, wéi een dann d'Konsequenze vun deem héije Wirtschaftswuesstum kéint besser an de Grëff kréien.

Erënnere mir eis dorun, wat de Statsminister d'lescht Joer beim État de la Nation hei zu där ganzer Problematik gesot huet. Hie sot, et wär gutt, wann eis Wirtschaft géif mat gebremstem Schaum, wéi hie sech ausgedréckt hat, fueren, fir datt mir all déi Konsequenzen, déi dee Wuesstum mat sech bréngt, géifen am Grëff behalen. Ech muss soen, datt dee gebremste Schaum an der Zwëschenzäit nach net konkretiséiert ginn ass.

Et gesäit een net, wéi eis Economie soll e bëssche méi lues fueren, an deementspriedend ass et eng gutt Iddi, déi den Här Bisdorff hat, fir hei en Zukunftstisch, wéi mir dat wëllen nennen, ze maachen. Do ginn all d'Vertrieder aus dem wirtschaftleche Liewen, aus dem soziale Liewen, aus dem gewerkschaftleche Liewen, aus de Patronatsorganisatiounen, aus dem Monde politique an awer och aus der Zivilgesellschaft un en Zukunftsdësch zesummegeruff, fir Strategien ze iwwerleeën an ze entwëckelen, wéi een déi ganz Fro, déi eis jo alleguer betrëfft an och dobausse bei de Bierger op vill Intérêt, awer och op vill Besuergebnis stéisst, kéint an de Grëff kréien.

Do kritt jiddereen d'Geleeënheet, fir seng Iddien, Suggestiounen a Propositionen mat eranzebréngen, fir ze kucken, ob mir déi do Problematik op iergendeng Manéier an de Grëff kréien. Well ech mengen, et ass keen heibannen - an et fällt kengem en Zack aus der Kroun, wann en dat zougëtt -, deen e perfekte Modell huet, wéi een dat do kéint maachen.

Motion 17

La Chambre des Députés

- *considérant le souci permanent des collectivités locales d'offrir des prestations nombreuses et de haute qualité à leurs administrés;*

- *vu que cette offre présuppose une situation financière sereine et équilibrée;*

- *notant l'importance de l'autonomie financière des communes;*

- *se rappelant que, par un passé récent, les communes ont dû consentir à deux réductions successives de l'impôt commercial et que les déchets qui en ont résulté n'ont été que partiellement compensés par l'Etat;*

- *considérant l'accord de coalition du 12 août 1999 dans lequel le gouvernement précise qu'il procédera, „en étroite concertation avec les communes, à l'abolition de l'actuel impôt commercial communal“;*

- *considérant que, selon l'accord de coalition, „cette abolition de l'impôt commercial communal présuppose son remplacement par un autre mécanisme. Ce nouveau mécanisme d'imposition devrait garantir l'autonomie financière des communes. Les éventuels déchets fiscaux seront répartis de façon proportionnelle et équilibrée entre l'Etat et les communes. Par*

ailleurs, le nouveau mécanisme devrait assurer une incitation pour les communes d'attirer des activités économiques“;

- *considérant que le gouvernement s'est engagé à étudier également „l'opportunité de la mise en place d'une loi de financement des communes“;*

- *prenant acte d'une résolution adoptée à l'unanimité par les 108 communes membres, représentées à l'assemblée générale extraordinaire du Syvicol en date du 27 novembre 2000;*

- *notant que ladite résolution du Syvicol conclue „qu'au stade actuel des discussions avec le gouvernement, il convient*

1. en ordre principal, de maintenir l'impôt commercial dans la forme actuelle,

en ordre subsidiaire de rester ouvert à tout examen visant l'adoption d'un mécanisme de remplacement de cet impôt, pour autant qu'une telle substitution respecte la souveraineté communale et garantisse son apport actuel ainsi que son évolution dynamique;

2. de demander, en complémentarité de la position défendue en matière d'impôt commercial, une adaptation continue du Fonds communal de dotation financière aux fluctuations annuelles des recettes fiscales de l'Etat, pour que le secteur communal puisse rester en phase avec la société d'aujourd'hui, laquelle est en droit d'exiger, de la part de l'administration publique, des services de qualité au niveau local“;

invite le Gouvernement

- *à veiller à ce que la modification de la législation sur l'impôt commercial communal ne puisse causer des préjudices financiers aux communes de nature à compromettre leur bon fonctionnement;*

- *à continuer le dialogue avec le Syvicol sur l'impôt commercial communal.*

(s.) Lucien Weiler, Gusty Graas, Jean-Marie Halsdorf, Jean-Paul Rippinger, Fred Sunnen.

Motion 18

La Chambre des Députés

- *considérant la croissance soutenue de l'économie luxembourgeoise et les retombées de cette dernière au niveau social, démographique, environnemental et infrastructurel;*

- *considérant, parmi d'autres, les interactions entre la croissance économique et les besoins en infrastructures, entre le taux d'emploi et le financement de la sécurité sociale ainsi qu'entre l'implantation supplémentaire d'industries et la protection de l'environnement;*

- *considérant la dépendance relative du pays d'un rythme soutenu en termes de croissance économique;*

- *considérant que le développement durable est défini comme un développement qui respecte les besoins du présent sans compromettre la capacité des générations futures à répondre à leurs propres besoins;*

- *considérant que le gouvernement a retenu dans l'accord de coalition du 12 août 1999 le principe du développement durable;*

- *considérant que la nécessité d'un développement économique et social axé sur la durabilité est admise par toutes les sensibilités politiques;*

- *considérant les initiatives parlementaires, notamment celle de la commission de l'environnement, relatives au plan national pour un développement durable;*

invite le Gouvernement

- *à rassembler les forces vives de la nation autour d'une table ronde („Zukunftstisch“) qui devra analyser les répercussions de la croissance économique soutenue que connaît le pays et les défis y afférents en termes de moyens de transport, de logements, d'infrastructures diverses et de politique sociale, d'environnement, d'éducation etc.;*

- *à créer par ce biais un nouveau forum de discussion permettant aux représentants du monde politique, économique, social et civil de présenter leurs vues, de développer ensemble des stratégies en faveur d'un développement durable du pays et de conceptualiser leurs vues dans le contexte national et dans celui de la grande région et de l'Union européenne.*

(s.) Lucien Weiler, François Bausch, Aloyse Bisdorff, Jeannot Krecké, Jean-Paul Rippinger.

Här President, bei där Debatt, déi eis elo zënter 14 Deeg hei beschäftegt, iwwert d'Problematik vun den Dépassementer bei Bauprojeten, mengen ech, musse mir elo endlech zu Léisunge kommen. Mir hunn der fonnt gehat. Ech sinn awer gär bereet, nach iwwert déi ze diskutéieren. Ech wëll hei kloer an daitlech soen, datt et eis op keng Aart a Weis drëm geet, fir hei iergendwou eppes ze vertuschen oder fir net an aller Transparenz de Finanzement vu Bauprojeten - virun allem wann et iwwert dat erausgeet, wat an engem Gesetz festgehalen ass - ze maachen.

Ech war d'lescht Woch leider net hei, wéi den Här Bausch zu där Problematik geschwat huet. Ech mengen, ech hu mir dat awer richteg rapportéiere gelooss, well hien hei vill iwwert den Artikel 59 vum Comptabilitéitsgesetz geschwat huet. Hien huet gesot, datt déi Solutiounen, déi d'Commission du contrôle de l'exécution budgétaire zréckbehalen huet, u sech géint den Text a géint de Sënn vum Artikel 59 vum Comptabilitéitsgesetz géife verstoussen.

Ech mengen, Här President, datt dat net de Fall ass. Den Artikel 59 viséiert déi Situatioun, wou bei engem präzise Projet, deen och präzis am Budget ageschriwwen ass, zu engem gewëssene Moment keng

Kreditter méi do sinn. Dann ass den Text kloer. Da gëtt gesot, wa keng Kreditter méi do sinn: „L'ordonancement ne peut être effectué en cas d'insuffisance de crédit“. Wa keng Kreditter méi do sinn, da kann net méi bezuelt ginn. Da muss opgehale ginn.

Déi do Problematik, Här President, mengen ech, viséiert net déi generell Problematik, déi mer hei viséieren, nämlech déi vun de grouss Bauprojeten, déi jo alleguer iwwert de Wee vun de Fonge finanzéiert ginn.

(Interruption)

Net alleguer, mä de Gros vun deenen. Op jidde Fall all déi, mat deene mer concernéiert sinn, ginn iwwert de Fong finanzéiert, an am Fong si selbstverständlech, well jo Milliarden dra sinn, dee Moment, wou déi Gelder gebraucht ginn, ëmmer Kreditter do, soudatt ech mengen, datt déi Léisung...

(Interruptions)

Selbstverständlech, wann...

(Interruption)

Dovunner schwätzt keen, Här Gira, datt mer hei vun engem Fong an deen aneren...

(Interruption)

Majo, neen!

Ech soen: Wann ech an de Fonds des routes Milliarden dra ginn,...

(Interruption)

Neen, dann huelen ech ee vun deenen anere grouss Fongen, woumat mer d'Bauprojete finanzéieren, an do sti Milliarden dran, an dee Moment, wou zum Beispill um Pei-Musée gebaut gëtt an dee Betrag, dee mer hei duerch d'Gesetz arrétéiert hate fir de Pei-Musée, ausgeschöpft wär, sinn awer nach an deem Fong déi Kreditter dran.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Awer net fir dee Projet!

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Gira, wann Der mer ee Moment géift nolauschten! Ech wëll hei just widderleeën, datt dat, wat mer an der Kommissioun proposéiert hunn, géint den Artikel 59...

(Interruption)

Gutt! Dann hutt Dir Är Meenung dozou; mir hunn eis dozou!

(Interruptions)

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Fuert emol weider, Här Weiler!

M. Lucien Weiler (CSV).- An de Fonge si Kreditter dran, a mat deene Kreditter selbstverständlech kann ee finanzéieren. An dann ass een net hei a Contradictioun mam Artikel 59.

Ech ginn awer gären zou, dass, wat de Minister hei virdru gesot huet vun der Legalitéit, wa mer e Projet vun 3 Milliarde gestëmmt hunn, an déi 3 Milliarde sinn erschöpft, mer dee Moment e Problem hunn. Da musse mer kucken, dass mer...

(Interruption)

Neen, neen! Den Artikel 59 viséiert d'Kreditter! An et sinn nach Kreditter an de Fongen. Dës lors ass keng Contradictioun...

(Interruptions)

... zum Artikel 59 do!

Dann, Här President, wëll ech soen, dass vum Här Krecké Solutiounen an der Kommissioun proposéiert gi sinn. Den Här Krecké huet Propose gemaach. Mir hu Propose gemaach an engem anere Sënn, notament dass d'Seuilen, déi mir arrétéiert haten, méi héich geleeën hunn. Mir si gär bereet, iwwert déi Seuilen ze diskutieren.

Ech sinn och der Meenung, an eis Fraktioun, dass een déi Distinctioun, déi mer gemaach hunn tëscht Cause externe a Cause interne, soll fale loossen. Et sollt ee soen: An allen Hypothesen, wou et iwwert e gewësene Seuil erausgeet, muss e Spezialgesetz, eng Loi particulière gemaach ginn, an an aneren Hypothese kann een iwwert de Wee vum Budgetgesetz fueren.

Ech mengen, Här President, wann ech den Här Bausch richtig verstanen hunn, well hie jo an der Kommissioun d'accord war mat de Propositione vum Här Krecké,...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen! Meng Propose ware ganz anerer wéi déi. Ech äntweren lech herno.

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, mam Prinzip vun de Proposen...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen! Dat war eng ganz aner Propos, Här Weiler!

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir leie mat de Proposen auseneen, wat d'Héichten, d'Seuilen ubelaangt!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, dat ass net wouer!

M. Lucien Weiler (CSV).- Ma selbstverständlech!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, Dir wëllt nëmmen iwwert d'Budgetgesetz fueren, a mir wollten...

M. Lucien Weiler (CSV).- Ma neen!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- An alle Fäll wollte mir...

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir sinn och bereet, an enger ganzer Rei vu Fäll - ech hunn dat virdru gesot - eng Loi particulière ze maachen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir wollte prinzipiell net iwwert d'Budgetgesetz fueren. Ech wäert lech och herno nach soe firwat.

M. Lucien Weiler (CSV).- Gutt, dann ass dat Är Approche.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat hu mer an der Kommissioun och gesot; da sot net, et wär datselwecht!

M. Lucien Weiler (CSV).- Dir hutt op jidde Fall hei matgestëmmt. Deemools ass d'Proposition vum Här Krecké...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Liest emol nach eng Kéier dee Rapport no!

Loi spéciale steet dran, Här Weiler!

M. Lucien Weiler (CSV).- ...rejetéiert gi mat 4 Stëmmen, an do war notament och Är Stëmm derbäi.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Do steet awer Loi spéciale derbäi, Här Weiler! Do steet näischt vum Budgetgesetz dran!

M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, dat ass an der Rei!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Sot dach näischt, wat net do steet, Här Weiler. Och am Rapport...

M. le Président.- Haalt dach op mat deem Getässels! Dir sidd hei agedroen, Dir kënnt herno...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech hunn näischt dogéint, mä ech muss mer nach extra d'Wuert weinst Fait personnel...

M. le Président.- Majo, da kënnt Der dat maachen,...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- ...froen, well hei ginn Onwourechte gesot vum Här Weiler!

(Hilarité et interruptions)

Fait spécial!

M. le Président.- ...mä haalt keng Zwiegespräicher hei. Dir sollt lech hei un d'Chamber richten an net Meenungsverschiddenheeten hei ausdroen!

(Interruptions)

Dat ass dach e Getässels, dat do! Also, elo lauschtere mer den Här Weiler, an herno lauschtere mer lech!

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, mir leien, denken ech, net sou wäit auseneen. Mir mengen, datt ee bei klengen Dépassementer kann iwwert d'Budgetgesetz fueren a bei anere soll eng Loi particulière maachen. Mir mengen net, dass een hei soll all Kéiers, wou et ëm kleng Dépassementer geet, e Spezialgesetz maachen. Dat muss ee kënnen iwwert de Wee vum Budget maachen, a bei méi héije Betrag

solle mer iwwert de Wee vun enger Loi spéciale fueren.

Wann den Här Bausch awer, Här President, eis virwerft, mir géife mat deene Proposen - och mat der Propos vum Här Krecké gëtt jo dann den Artikel 59 violéiert - ...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen!

M. Lucien Weiler (CSV).- Majo selbstverständlich!

Wa kee Kredit méi do ass, wéi den Här Bausch seet, da géif den Artikel 59 spillen, an da kënne mer och net dem Här Krecké seng Propos huelen, fir iwwert eng Loi spéciale dat ze regléieren.

Also, ech mengen, dass mir vun der Majoritéit aus eis kënne mat enger Rei vu Proposen, déi sech bewegen an d'Direktioun vun deem, wat den Här Krecké proposéiert huet, ganz gutt zurecht fannen. Mir sollten am Kader vun enger Réunioun vun deenen zwou Kommissiounen d'Problematik nach eng Kéier diskutéieren. Mir kënne jo iwwert d'Seuilen, d'Montante schwätzen, wou ee sollt iwwert de Wee vun engem spezielle Gesetz fueren oder iwwert de Wee vum Budgetgesetz. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer dann eng Léisung fannen, déi am Intérêt vun der Saach ass.

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, datt all déi Proposen, déi mer gemaach haten, net drop aus waren, fir hei iergendwéi d'Transparenz net spillen ze loossen. Mir wollten eng pragmatesch a praktesch Solutioun hunn, fir déi dote Problematik an de Grëff ze kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Amendementer, sou wéi se vum Här Graas hei duergeluegt ginn, verbessern dee Budget hei weder quantitativ nach qualitativ.

Quantitativ gekuckt wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, wat ech zum Beispill gesot hat zur Taxe d'abonnement, wou mer mat 14 Milliarde garantéiert net déi richteg Aschätzung hunn, déi haut scho bei 18 läit fir d'Joer 2000 a mat Sécherheet bei 20 Milliarde mindestens läit am Joer 2001, iwwert dat mer diskutéieren. Qualitativ gesinn ass deeselwechten Duerchenaner zum Deel an den Texter wéi och an de Kommentaren.

Här Graas, ech hunn op der Säit 9 vun Ärem Rapport eppes fonnt, wat mech absolut stutzeg mécht, à moins dass ech et net verstanen hunn. Op der Säit 9 sot Der - Dir schwätzt vun deene groussen Travaux de construction -: „tel que par exemple le campus Gees-seknäppchen dont le coût a été revu à la baisse...“.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här Krecké, ech wëll lech awer hei soen, dass Dir net um leschte Stand sidd!

Dat do ass eng Ausgab vum Rapport, deen esou net ugeholl ginn ass. Wann Der an der Kommissioun opgepasst hätt, da wéisst Der, datt ech do klipp a kloer gesot hunn, dass just déi doten zwee Sätz solle suppriméiert ginn. Ech hunn dat souguer nach eng Kéier ganz kloer zum Vote esou gestallt. Mir hunn dat esou zrëckbehalen.

Wann Dir dee leschten, deen definitive Rapport gelies hätt, da wären déi dote Sätz net dra gewiescht, an Dir hätt lech déi dote Fro kënne spueren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech kommen dann also nach eng Kéier op dat zrëck, wat ech gesot hunn.

(Interruptions)

Et ass net besser ginn, weder de Rapport nach d'Kommentaren, well dat do ass effektiv an der Kommissioun gesot ginn, Här Graas, mä Är Proposition läit awer um Dësch!

Hei ass e Projet de rapport, deen ass vun lech, Här Graas...

(Interruptions)

Lauschttert elo mol! Wann ech glift!

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Ech soen dat elo mol ganz éierlech a kloer hei: Do huet et sech ëm en lertum gehandelt, an deen hunn ech ganz objektiv a ganz éierlech lech och an der Kommissioun dohinner geluegt. Dir hätt sollen nolauschteren, wat do kloer gesot ginn ass, wéi gesot, dann hätt Der lech déi doten iwwerflësseg Fro kënne erspueren!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst de Riedner schwätzen!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech hale fest: Qualitativ, dat, wat an der Kommissioun virloong, war deen dote Projet de rapport, wou ech soen,...

Plusieurs voix.- Oh!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wat hunn ech gesot? Ech hu vum Duerchenaner geschwat, deen hei veran-stalt ginn ass!

Une voix.- Deen ass an Ärem Kapp, Här Krecké!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, et schéngt wierklech wéi ze doen, wat een hei seet. Et kritt een d'Méiglechkeet net, en zweete Saz ze soen.

(Interruptions)

Et ass esou, datt mir e Projet de loi virleien hunn, wou véier Projeten erop gesat ginn. Dofir soen ech jo den Duerchenaner, deen an der Diskussioun herrscht. An

dat ass jo net nëmmen eng Erreur matérielle, dat ass den Duerchenaner an der Duerstellung, deen herrscht, wou een da seet, déi Projete wieren nach erof gesat ginn. Also, ech hu gesot: Qualitativ ass et net besser ginn.

Da wëll ech zwee Wuert soen zu deem, wat de Budgetsminister als Kommentar ginn huet zum alternative Modell, dee mir agereecht hu vum Steiertarif.

Emol éischtens, géif ech mengen, ass et net een, dee vun der Regierung inspiréiert ginn ass. Ech ënnersträichen nach eng Kéier: En ass inspiréiert vun der Kontinuitéit vun eppes, wat an 10 Joer virdru geschitt ass, un deem déi eng an déi aner gewierkelt hunn. Et ass dorunner inspiréiert.

Zweetens ënnerscheed e sech trotzdem.

(Interruptions)

Jo, jo! Well d'DP war net ganz vill an deenen 10 Joer virdrun dru bedeelegt, an un dësem war se och net vill bedeelegt, wéi mer jo alleguer wëssen.

Deen alternative Modell, dee mir lech proposéiert hunn, huet allerdéngs zwee, dräi Punkten, wou Dir sot, e wier ganz no un der Regierung. Déi 6 % Agankstaux, dat ass awer eppes anescht wéi déi 14 % an déi 10 %, déi elo um Dësch leie fir d'Joer 2001 an 2002. Et ass och net ze verkennen - Dir hutt et och ënnerstrach -: Si leien no beienaner. Si hunn awer ee wesentlechen Ënnerscheed: Mir ginn, wann ech et vergläiche mam Joer 2002, effektiv net sou wäit wéi Dir erof mam maximale Saz. Mä eise maximale Saz kënnt vill méi spéit - och elo an dësem Projet, d'nächst Joer manner - zum Droen, wat einfach mat sech bréngt, datt d'mëttel a kleng Akommen e bëssche besser ewech komme bei eis wéi bei lech.

Ech huelen awer Akt dovunner, dass Der bereet sidd, op d'Prinzipien, déi un der Basis vun eise Steiertarif sinn, d'nächst Joer zrëck ze kommen, wann ech dat richtig verstane hunn. Wann ech dat also kann als Zouso huelen, fir zumindest eng seriö Diskussioun driwwer ze féieren, da sinn ech domat d'accord.

Ech loossen een Argument net gëllen, dat vun der Géigefinanzéierung. Dir hutt dat ausgerechent, Dir waart awer och virsiichteg. Dir wësst jo, wéi et zu esou Rechnunge kënnt. Dir waart ganz virsiichteg. Ech hunn de Modell net, dofir gleewen ech eréischt déi 19 Milliarden, wann Der mer de Modell dohinner leet an ech e kann op e puer Aart a Weisen nokucken. D'Regierung leet mer en net dohinner, ech hat dat zwar gefrot. Ech sot: Ech fannen, dat misst dem Parlament zur Verfügung stoen. Jiddereen, och eng aner Partei, déi wëlles huet, en anere Modell ze rechnen, misst datselwecht Instrument hunn, fir ze wëssen, wat hannen derbäi eraus kënnt, wat den Déchet fiscal ubelaangt. Ech huelen Akt dovunner, dass et 19 Milliarden wieren, zweifelen awer e bësschen dorunner.

Wann et dat ass, dann ass et esou, dass 80 % nëmmen imputabel sinn op d'Joer 2001. Dat heescht, dat si 15,2 Milliarden, iwwert déi mer schwätzen, vis-à-vis vun 8 Milliarden am Projet vun der Regierung. Dat mécht en Ënnerscheed vu 7,2.

Ech hätt awer gären, Här Minister, dass Dir och Akt huet dovunner, dass ech gesot hunn: D'Taxe d'abonnement setze mir op 20 Milliarden, dat entsprécht - an ech ginn eng Wett haut mat an - dem richtige Wäert vum Joer 2001, déi d'Taxe d'abonnement huet. Dir hutt jo net erabruucht, dass Der de Prozentsaz, deen erhuewe gëtt op der Taxe d'abonnement, erofsetzt. Deen hätt jo hei am Budget kënnen dra sinn. Dat ass net dran! Also bleibt e fir d'Joer 2001 och bestoen; et gëtt jo wahrscheinlech net en cours de route geännert. Dat ass eng Praxis, déi mer op alle Fall nach ni haten, dass mer sou eng Steuer géifen en cours de route änneren. Also bleibt se fir d'Joer 2001, also bleibt och dee Moment eisen Zousaz, dee mir op 6 Milliarde chiffrieren, bestoen.

An déi aner 1,2 Milliarden - do ginn ech och eng Wett, haut schonn, an - hu mer um IRC an d'Luucht gesat, an domat ass et zu enger Géigefinanzéierung komm, déi net anescht ass wéi dat, wat Dir, Här Minister, gemaach hutt op aneren Elementer, wou Der och einfach higaange sidd an op Grond vun de previsionelle Chifferen einfach se eropgesat hutt bei den Amendementen, fir eben zu enger richteger Aschätzung ze kommen.

Wat awer nach den Ënnerscheed ausmécht, ass d'Konsequenz, mengen ech, déi bei eise Projet läit, deen nieft dem steierleche Volet och sozial Begleetmoosnamen huet, déi also de Pendant sinn zu deem, wat mer wëlles haten, um Niveau vun de Steieren ze maachen, wou mer um Niveau vum soziale Mindestloun - wou mer jo nach eng Kéier drop ze schwätze kommen dës Woch -, grad wéi bei de Renten, beim RMG an och um Niveau vun de Wunningsbäihëllef an dem Kannergeld, eppes wollte maachen. Eise Projet ass also vläicht méi global gesinn, well en net nëmme Steiermoosnamen, mä och sozial Begleetmoosname beinhalt.

Ech huelen och Akt vun Ärer Deklaratioun, dass Der nach eng Kéier mat Ären zwee Partner an der Majoritéit wëllt driwwer diskutieren, wéi d'Gestioun vu...

(Interruptions)

D'Regierung huet zwee Partner hei, dat sinn zwou Parteien. Sou wäit wéi ech mech kann erënnere, war de Budgetsminister net um selwechten Dësch, wéi déi zwou Parteien hei an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire an déi Richtung gaange sinn, wou se nun ebe gaange sinn. Ech hoffen op alle Fall, datt ech dat richtig interpretieren.

Dir revidéiert Är Positioun gären nach eng Kéier mat Ären zwou Parteien - fir drop zrëck ze kommen -, well

ech der Meenung sinn, dass mer eis effektiv total verfuere hunn, net mir, mä an där Kommissioun, wat dee Vote ubelaangt, deen do zustane komme ass.

(Interruptions)

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer déi Fro vun deenen zwee Voten - e Vote provisoire an e Vote définitif - vun engem Projet schonn eng Kéier am Ufank vun dësem Joer als Diskussiounsbasis haten an der Kommissioun an dat sengerzäit vun der Bauteminiestesche ofgelehnt ginn ass! Ech wëll dat nach eng Kéier soen! Déi Proposition loung schonn eng Kéier um Dësch! Ech si frou, wa mer nach eng Kéier drop ze schwätze kommen, well d'Gemengen hu keng sou eng schlecht Erfahrung domat gemaach, fir dass mer net nach eng Kéier kéinten dorop zrëckkommen.

Här Budgetsminister, op alle Fall wëll ech viraussetzen, dass, egal wat mir hei maachen, d'Basis déi ass, dass mer op alle Fall d'Kontabilitéitsgesetz mussen ëmänneren!

Ech fannen net, dass mir hei einfach esou kënnen decidéieren, mir maachen elo eng Loi spéciale, mir maache keng. Ech fannen, mir mussen eis eng Prozedur ginn an déi och an d'Kontabilitéitsgesetz asetzen. Dat hunn ech vun Ufank u gesot. Mir kommen net derlaanscht, d'Kontabilitéitsgesetz op deem do Punkt ëmzeänneren. Egal wat hanner derbäi erauskënnt, muss mer dat do maachen. Mir kënnen dat net au gré decidéieren: Bei deem enge Projet maache mer et esou, bei deem anere Projet maache mer et anescht. Mir sollen eis fir all Dépassement eng Regel ginn, well wat jo geännert huet vis-à-vis vun deene Jore virduer, dat ass eben dat net Kontabilitéitsgesetz, wat op deem do Punkt wesentlech méi präzis ass wéi dat, wat mer virduer haten. Dofir muss mer eis déi Prozedur ginn, an dofir ass et net méi zoulasseg, dass mer Dépassementer einfach esou acceptéieren.

Iwwregens wollt ech nach eng Motioun eraginn, déi sech op d'Verkéiers- an d'Transportpolitik bezitt. Ech hätt gären, wann déi verdeelt géif ginn. Déi ka jo da mat deenen aneren diskutéiert ginn.

Motion 19

La Chambre des Députés

- *considérant le besoin de mobilité de notre population et celle des régions environnantes;*

- *considérant l'accroissement continu du trafic routier engendrant de plus en plus de congestions des principaux axes routiers de notre pays;*

- *considérant que l'un des objectifs principaux de toute politique des transports doit dès lors consister à réduire les encombrements, les accidents et les problèmes environnementaux, engendrés par le transport;*

- *considérant le besoin urgent de transports publics plus efficaces, confortables et fiables;*

- *considérant les conclusions de l'étude de la fondation Weicker (Europe 2012 - Globalisation et cohésion sociale: Les scénarios luxembourgeois) qui souhaite que des projets tels que le tramway hybride régional aboutissent rapidement;*

- *considérant les résultats de l'étude du consultant Basler & Partner qui prévoient que le projet BTB est rentable du point de vue socio-économique au cas où le scénario „haut“ des prévisions de la Cellule Modèle de Transport (CMT; 1997) sur l'évolution démographique et la croissance économique de notre pays pour l'année 2020 se confirme;*

- *considérant que, déjà de nos jours, les chiffres de l'évolution démographique dépassent considérablement les prévisions du scénario „bas“ de la CMT pour l'année 2020;*

- *considérant que le raccordement ferroviaire de Kirchberg via Findel et Senningerberg à lui tout seul ne réglera pas tous les problèmes de congestion du trafic dans le centre-ville, ni ceux des encombrements quotidiens de toutes les routes qui mènent vers la capitale;*

- *considérant que la variante „0+“ préconisée par le Ministère des Transports contribuera à un engorgement encore plus important du centre-ville et du quartier de la gare par des autobus supplémentaires;*

- *considérant que la variante „0+“ n'apportera par conséquent pas de plus en termes de transport public efficace,*

invite le Gouvernement

- *à réaliser au plus vite le projet BTB, soit sous la forme initialement prévue, soit sous une forme présentant une efficacité équivalente.*

(s.) Jeannot Krecké.

Zu der Gewerbesteier an der Motioun, déi vum Här Weiler abruucht ginn ass: Et ass jo awer schonn en ausseruerdentleche Virgank, dee mer hei gesinn.

Mir hunn eng Regierung, déi am Regierungsprogramm zu der Gewerbesteier seet: Mir faassen an d'A, fir se ofzeschaffen, a mir ersetze se duerch eppes. Si wëllen also eppes ofschafen, wou se net wëssen, duerch wat se et ersetzen. Duerch wat ersetzt Der et dann, wann et deeselwechten Effet soll hunn? Wat gëtt dat da fir e Sënn, dass een eppes ofschaaft, wann een et muss ersetzen duerch eppes, wat in etwa deeselwechten Effet muss hunn? Wat muss et als Effet hunn?

Et muss een de Gemenge weiderhin - an dat ass eis Positioun als Partei ganz kloer gewiescht - déi Ressourcë loossen, déi se haut hunn. Dat ass eis Positioun, an déi ass ganz kloer. D'Ressourcë vun haut mussen de Gemengen erhalen bleiwen. Si mussen och

weider e Mechanismus sinn, deen eng gewëssen Dynamik huet, dee sech weider entwéckelt.

Mir froen eis: Wie soll da mat där neier Steuer anescht belaaht gi wéi déi, déi haut belaaht ginn? Nëmmen 20% vun de Betriber bezuelen iwwerhaapt d'Gewerbesteier, a mir wëssen, dass et haaptsächlech de Secteur financier ass. Maache mir eis dach näischt vir. De Gros vun deem, wat iwwert d'Gewerbesteier, grad wéi iwwert d'Betriebssteuer, erakënnt, bezuelen déi.

M. Lucien Clement (CSV).- Et sinn 2/3, net alles.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Net alles. Ech hu jo gesot, de Gros dervu bezuelen déi. Dat ass de wesentlechen Deel.

Mir belaahten also hei dee Secteur, deem et am beschten am Moment geet, a wann een also eng aner Qualitéit an déi Steuer wëllt erabréngen, da sot mer, wien Der wëllt belaahten, Här Clement. Ass et dat, wat Der wëllt? Firwat huet et dann e Wäert, fir eppes ofzeschaffen, fir et ze ersetzen duerch eppes, wat déiselwecht Qualitéit muss hunn, deeselwechten Effet muss hunn an déiselwecht Leit belaaht? Sot mer, wat dat fir e Sënn gëtt.

(Interruption)

Dofir ass et, Här Gira, wat eis Positioun ubelaangt, kloer. Et huet kee Wäert, d'Gewerbesteier ofzeschaffen. Et ass kee bessere Mechanismus do, e läit net um Dësch a kënnt och muer net. Dat soen ech lech elo schonn. Et huet kee Wäert, dass mir nach laang Zäit driwwer verléieren. Et gëtt keen anere Secteur, deen et besser kéint verkraften.

Den Här Helminger huet hei op der Tribün virun e puer Méint, zu mengem groussen Erstaunen, op eemol vu Burden-sharing geschwat, hien, deen aus där Partei kënnt, wou déi fréier Presidentin, déi haut an der Regierung ass, net midd ginn ass, bei all Frang Gewerbesteier, dee manner un d'Gemenge verdeelt ginn ass, eis hei e riseg décke Kapp ze maachen. Do huet et sech gehandelt emol ëm eng Milliard, emol ëm zwou Milliarden fir sämtlech Gemengen am Land. Elo op eemol schwätze mir vu Burden-sharing, a Burden-sharing heescht jo näischt anescht, wéi dass all Gemeng misst mat a Kaf huelen, manner ze hunn.

Dat ass schonn en erstaunleche Virgank, deen een net einfach esou ka laanscht goe loossen, ouni dass e kommentéiert gëtt. Et huet mech gewonnert, dass dat net weider kommentéiert ginn ass. Den Här Helminger, deen elo Buergermeeschter ass, huet op eemol eng total aner Meenung wéi d'Buergermeeschtesch, déi nach virun 1 Joer - dat ass jo net déi grouss Vergaangenheet - exakt de Contraire gesot huet, et kéim ënner kengen Ëmstänn zu engem Burden-sharing. Elo hu mer op eemol d'Propositoun vum Här Helminger, jidderee misst jo säin Undeel dorunner an en Deel vun där Laascht droen. Dat

heescht, d'Betriber ginn entlaascht an all Gemeng muss op en Deel vun hire Recettë verzichten. Dat ass en ausseruerdentleche Virgank, mä on en prend acte.

Wat geschitt dono? Dono kommen dann déi Eluen alleguer, inklusiv den Här Helminger, zesummen am SYVICOL a stëmmen eng Motioun of, wou se higinn a soen: „en ordre principal de maintenir l'impôt commercial dans la forme actuelle“. All déi Leit, déi do mat ofgestëmmt hunn, wëssen, dass se an deem Moment probéiert hunn, e Konsens ze fannen. Ech fannen dat gutt, dass e Konsens fonnt ginn ass, mä si sollen awer wëssen, dass dee Konsens vu verschiddene Positiounen hierkënnt: d'DP, ënnert dem Impuls vum Här Helminger, déi bereet war, op Suen ze verzichten, op där anerer Säit eng ganz Rei Leit, notament eis Leit, déi net bereet waren, op Suen ze verzichten als Recettë vun der Gewerbesteier. Dann treffe se sech an der Mëtt a soen: „en ordre principal de maintenir l'impôt commercial dans la forme actuelle, en ordre subsidiaire ...“. Wa se et dann awer géife maachen,...

M. Lucien Weiler (CSV).- Et ass e Préambule do.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, „invite le Gouvernement“.

M. Lucien Weiler (CSV).- „... dans le stade actuel des discussions“.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wa mer eis awer elo erausrieden... Mir kënne jo awer net „dans le stade des discussions de 2010“ hei diskutéieren, wa mer haut eng Positioun hunn. Hei ass eng Positioun geholl gi vun deene Verrieder, déi do waren. Et kann een ëmmer nëmmen eng Positioun zu deem Dag huelen, wéi de Stand vun den Diskussiounen ass. Ech hunn nach net festgestallt, dass mer eng Diskussioun haut féieren op dem Stand vun 2005. Dat hunn ech nach ni erlieft, mä dat kann awer vläicht eng Kéier kommen. Hei muss ee sech op alles gefaasst halen.

Also ass hei „en ordre subsidiaire de garantir le remplacement de cet impôt par un mécanisme de substitution qui respecte la souveraineté et qui garantit son apport actuel, ainsi que son évolution dynamique“. Dat gëtt no laangwierege Verhandlungen ofgestëmmt. Dat sinn d'Verrieder, déi an hirer Qualitéit als Buergermeeschteren an als Schäffen dat do ofstëmmen.

Et mengt ee grad, si géife mat sechs Kapen dorëmmer lafen, well elo komme se heihinner a leeën eng ganz aner Motioun vir. Anstatt och hei ze soen „en ordre subsidiaire“ - ganz wichteg - „de garantir l'apport actuel“, dat heescht de Recettëstand vun haut ze garantéieren... Et ass an alle Gemengeréit doriwwer diskutéiert ginn, an den Här Helminger huet deen do Saz mat ofgestëmmt, net nëmmen am SYVICOL, mä och politesch am Conseil vun der Stad Lëtzebuerg.

Dat sinn dann d'Jongen an d'Meedercher, déi dat do um Niveau vum SYVICOL an an hire Gemengeréit ofstëmmen. Da komme se heihinner, an dann op eemol hu se eng aner Kap un, an da soe se: Ah neen, hei ass dat elo geféierlech.

Den Här Gibéryen bréngt eng Motioun an, déi den exakte Wuertlaut iwwerhëlt vun deem, wat ofgestëmmt ginn ass am SYVICOL, wat ofgestëmmt ginn ass am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg an anere Gemengeréit.

Ech ginn dovun aus, dass dat hei eng Motioun ass, déi soll verhënneren, dass dem Här Gibéryen seng Motioun zur Ofstëmmung kënnt. Dat géif ech ganz schlëmm fannen a peinlech. Firwat? Den Här Rippinger huet ënnerschriwwen fir den Apport actuel. E bréngt elo eng Motioun an, déi seet: „...ne puisse causer des préjudices financiers aux communes de nature à compromettre leur bon fonctionnement“.

Mir gi jo net dovun aus, dass d'Gewerbesteier eropgesat géif ginn an Ären Iddien, fir dass de Fonctionnement vun der Gemeng gestéiert wier. Et ass also nëmmen, wann d'Recetten, déi haut do sinn, esou wäit erof géife gesat ginn, dass se géifen de Fonctionnement net méi garantéieren. Dat heescht, eng Woch oder zwou Wochen, nodeem en am Conseil vun der Gemeng Lëtzebuerg ofgestëmmt huet, den aktuelle Stand soll bleiwen, ënnerschreift hien eng Motioun, wou e just de Contraire seet, wou e seet, e wier d'accord, dass et géif erofgoen, mä et dierft de Fonctionnement vun de Gemengen net compromettéieren. Ech muss soen, dat do huet awer nach esoubal kee fäerdegbruecht.

Et kann een hannendru schreiwen „à continuer le dialogue avec le Syvicol“. Wann dem SYVICOL seng Meenung gutt ass, déi Dir do jo matgedroen hutt, déi Dir am Conseil matgedroen hutt, déi ausgedréckt gëtt an dem Här Gibéryen senger Motioun, ma da gitt hin a stëmmt déi hei einfach nach eng Kéier of, wann dat Är Meenung ass. Wann dat Är Meenung net ass, dat heescht, wann Dir Är Meenung bannent enger Woch geännert hutt, da stëmmt déi heiten och. Probéiert, där heite Prioritéit ze ginn, an da wësse mer, wat mer dovun halen. Ech muss soen, et ass wirklech e staarkt Stéck. Ech hunn dat an där do Fassong nach net gesinn.

Här President, dat do gesot, verstitt Der, dass mer souwisou déi Amendementer net kënne stëmmen, a mat Sécherheet och net déi Motioun an där Form, esou wéi se hei virläit.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass de SYVICOL net eng Ënnerorganisatioun vun der Chamber hei gëtt,

sondern dass mer an der Chamber ëmmer nach dat maachen, wat mer mengen, missen ze maachen.

(Interruptions diverses)

Ech fannen, dass mat deem, wat ech gesot hunn, a mat deem, wat ech ënnerschriwwen hu bei där enger Motioun a bei där anerer, ech ganz kohärent mat mir selwer sinn.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir sitt deen Eenzege, deen dat mengt. Dat ass de Problem.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech constatéieren, dass mäi Virriedner net déi Honnêteté intellectuelle hat, fir anzegestoen, dass e sech géiert huet, nodeem den Här Graas him dat gesot an hien hei eppes behaupt huet, wat net richtig war. Ech fannen dat regrettabel an och peinlech. Besonnesch wann ee President vun enger Fraktioun ass, kann een och emol agestoen, dass ee sech géiert huet. Et ass kee perfekt heibannen, an et geschéie jidderengem emol lertümer. Ech fannen awer, dass dat do net därerf virkommen.

Ech muss nach eng Kéier den Här Graas félicitéiere fir déi Aart a Weis, wéi en dee Budget hei virgedroen huet. Och muss ech soen, wann ech verschidde Leit hei héieren hunn, zu deem Budget schwätzen, déi e kritiséiert a vu Plitudé geschwat hunn. Do géif ech emol gäre gesinn - a wann ech nëmmen d'Presidente vun de Fraktiounen hei géif interrogéieren -, wien de Rapport da ganz gelies huet, déi 160 Säiten. Déi sollen emol all opstoen. Déi 160 Säiten ze liesen, dofir brauch een op d'mannst 4 ½ Stonn. An da komme se heihinner, an da gëtt gesot, et wäire lauter Plituden dran. Do muss ech soen, dat ass awer e staarkt Stéck.

Un éischter Stell, wat de Rapport complémentaire vum Budget ubelaangt, wëll ech der Regierung nach eng Kéier merci soen, dass se dëst Joer en temps utile der Chamber d'Amendementer zum Budget 2001 esou wéi de Programme pluriannuel des dépenses en capital 2000-2004 zoukomme gelooss huet.

Vu dass déi gutt ekonomesch Performance sech während dem Joer 2000 bestätegt huet, kënne mer haut e Plus u Recettë feststellen. Dee Plus ass bedéngt duerch verschidde Steiere wéi den Impôt sur les traitements et salaires, plus 10 Milliounen Euro, d'Kapitalsteier, plus 3 Milliounen Euro, a finalement den Impôt sur la fortune, plus 2,2 Milliounen Euro.

Wat elo d'Amendementer selwer ugeet, esou gesäit een, dass d'Régimes de sécurité sociale mat weideren 12,986066 Milliounen Euro dotéiert ginn. Weiderhin ass et dann de Fonds national de solidarité, deen zousätzlech mat 5 Milliounen Euro dotéiert gëtt, wou et jo dorëms geet, den Obligatioune vum Gesetz vum 26. Juli 1986 iwwert den RMG nozekommen.

D'Amendementer gesinn awer och nach aner Dotatioun vir, déi sécher vläicht net esou spektakulär sinn, mä awer och hir Wichtigkeet hunn. Ech denken do un déi 105.000 Euro, déi am Ministère de l'Environnement virgesi sinn, fir et ze erméiglechen, e Guide national de la consommation de carburant et des émissions de CO₂ ze erstellen, wéi och e Guide sur les subventions en matière d'économie d'énergie et d'énergies renouvelables.

Ech stellen dann och fest, am Ministère de l'Economie, dass weider Kreditter an Héicht vu 50.000 Euros virgesi sinn, fir ënner anerem Recherchen iwwert den Impakt vun der Nouvelle économie op d'Produktivitéit an d'Kompetitivitéit ze maachen. Dat schreift sech ganz kloer an d'Objektiver vun der Regierung an, déi nei Economie ze ënnerstëtzen.

Ech wëll dann awer nach e puer allgemeng Remarque maachen. Ech denken do zum Beispill un déi Kritik, déi de Budgetsrapporteur gemaach huet iwwert de Libellé vu verschiddenen Artikelen am Budget, déi net präzis genuch an zevill vague sinn. Ech géif dofir nach eng Kéier en Appel maachen, fir dass an Zukunft déi verschidde Libelléen - an den zoustännegen Minister huet eis dat an der Kommissioun zougesot - d'nächst Joer am Budget méi genau spezifizéiert solle ginn.

Da muss ech och nach soen - an dat huet mäi Virriedner, den Här Weiler, hei e bëssen ugeprangert, déi Oppositions formelles vum Statsrot -, et soll ee sech natierlech an engem Budget op déi finanztechnesch Aspekter vum Budget konzentréieren. Et soll een net do probéieren, fir verschidden aner Gesetzzer ëmzeänneren.

Et ass ze verstoen, dass ee bei punktueller Modificatiounen, wou eng gewëssen Urgence virgesinn ass oder do ass, dat soll maachen, mä esou Modificatiounen sollen awer net zur Regel ginn. Ech notéieren och, dass de Budgetminister virdu gesot huet, dass dat net méi virkënnt, besonnesch wou mer jo d'Jurisprudenz vum Conseil d'Etat kennen. Ob mer elo domadder d'accord sinn oder net, wéi och ëmmer, ech mengen, dat spillt keng Roll. Mir kenne se a mussen eis dann eben och dorunner conforméieren.

Wat mir natierlech opgefall ass, dat ass, dass dëst Joer vill méi wéi de Budget de Budgetsrapporteur diskutéiert ginn ass, an ech muss, och wa vill Kritike komm sinn, agestoen, dass dat mer e grouse Pleséier gemaach huet, dass dës Rapport awer fir vill Gespréichstoff gesuergt huet. Well wann ech e bëssen zrëckdenken: Dir däreft net vergiessen, dass d'DP dee leschte Rapport 1982 gemaach huet.

D'Demokratesch Partei huet de Rapporteur zum Budget 1983 gestallt, an dat war de Charel Goerens. Dir gesitt also, den aktuelle Rapporteur huet nach gutt Aussichten fir d'Zukunft.

(Interruption)

En huet jo och nach Zäit. Här President, den Här Bodry muss och nach vläicht laang waarden, bis dass en erëm dru kënnt.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech war schonn drun! Dat ass den Ënnerscheid!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech wollt soen, dass de Rapport effektiv fir vill Gespréichstoff gesuergt huet, an ech fannen dat och gutt esou. Ënnert deenen Ëmstänn géif ech och nach eng Kéier dem Gusty Graas villmools merci soe fir déi vill Méi, déi e sech gemaach huet, an och fir déi vill Aarbecht, déi während där Zäit d'Commission des Finances net huet bräichten ze maachen.

Ech wëllt nach just ee Wuert soen zum Här Asselborn senger Interventioun, dee jo keng Méi gescheit huet, fir als Nach-LSAP-President haaptsächlech d'DP unzegräifen a kaum zum Budget ze schwätzen, mä fir géint d'Demokratesch Partei lasszefueren an, fir dat ze justifizéieren, vun engem CSV-Stat ze schwätzen.

Ech kann dat net esou novollzéie vun deem CSV-Stat, mä am Kloertext géif dat jo awer heeschen, Här Asselborn: Wann deen CSV-Stat géif bestoen, haut, da muss ech mech awer froen, wien dorunner schëlleg ass, well et ass jo net eréischt säit dem 17. August vum leschte Joer, wou en existéiert, mä da géif e jo awer scho vill méi laang existéieren, an dann hätt Dir eng grouss Matschold dorun. Ech mengen, et wier awer net grad esou, Dir hätt lech e bësse géiert. Et muss een e bësse méi virsiichteg sinn, well Dir kënnt net op där enger Plaz soen, d'DP mécht nëmmen dat, wat d'CSV wëllt oder seet, an an deem aneren Otem-zuch sot Der, et géif dauernd am Gebälk vun der Koalitioun kraachen. Dat ass onlogesch, an esou ass et jo och net.

Dofir muss ech soen: Dat ass alles méi relativ ze gesinn. Ech considéieren et och esou. Et geet eis jo awer haaptsächlech ëm d'Inhalter, ëm d'Sachproblemer an net ëm déi Politique politicienne.

(Interruption)

E war fein, dat ass richtig, mä mir wësse jo awer och, dass ganz oft, Här Krecké, d'Honn billen, an d'Karawann zitt awer laanscht.

Ech wëll just nëmme soen, dass mir als Fraktioun vun der Demokratescher Partei dës Budget wäerte stëmmen, fir dës Regierung d'Moyenen ze ginn, fir déi gutt Politik, déi se ugefaangen huet, virunzeféieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem mer d'lescht Woch hei intensiv während e puer Deeg iwwert de Budget vum Joer 2001 diskutéiert hunn, an dat an enger relativ sachlecher Tounlag, schéngt et, wéi wann et haut hei e bësse méi animéiert géif zougooen, wéi wa virun de Feierdeeg eng gewësse Stëmmung géif opkommen a verschidde Leit hire Reservoir nach net ausgeschöpft hätten.

Den Här Budgetsminister huet de Mëtteg hei nach an engem ganz sachlechen Toun, och wann en net mat der Opposition oder mat verschiddenen Objectionen averstanen ass, seng Vue zum Budget gesot. Mäi Kollege Roby Mehlen hält herno nach Stellung zu där Problematik, wat d'Dépassementskreditter ubelaangt.

Ech wëll kuerz nach zu engem anere Punkt hei Stellung bezéien, deem den Här Budgetsminister ugeschnidden huet. Et geet am Fong ëm déi Diskussioun, déi d'lescht Woch hei vu verschiddene Säite gefouert ginn ass, wat de wirtschaftleche Wuesstum ubelaangt, den Objektiv, dee vu verschiddene Leit an de Raum gestallt ginn ass, vu 700.000 Awunner.

Ech hunn d'lescht Woch hei gesot, dass d'Etüd vum BIT iwwert d'Rentewiesen och eng kloer Sprooch schwätzt, andeem se seet, dass, wa mer e wirtschaftleche Wuesstum vun 2 % iwwer 50 Joer hätten, dann am Fong d'Beschäftigungsquot relativ konstant géif bleiwe bei der Zuel, wéi mer se haut hunn. An eréischt wa mer de wirtschaftleche Wuesstum iwwer 2 % erausdreiwën, géif bei engem Wuesstum vu 4 % iwwer eng Zäit vu 50 Joer d'Beschäftigungsquot iwwer 600.000 Salariée goen, esou dass mer eis müssen intensiv mat där Fro beschäftegen.

Ech fannen awer, dass haut d'Ausso vum Budgetsminister an enger gewëssener Contradictioun zu der Ausso steet, déi den Här Statsminister am Fréijoer bei senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun gemaach huet.

Den Här Budgetsminister huet am Fong haut de Mëtteg hei e Plaidoyer gehalen, datt mer dee wirtschaftleche Wuesstum an där Gréisst misste behalen an alles op dee Wuesstum opgebaut ass. Dobäi huet awer den Här Statsminister, wéi en hei seng Deklaratioun zur Lag vun der Natioun gemaach huet, eng aner Approche gehat, déi ech nach eng Kéier wëll rappeléieren.

Den Här Statsminister seet: „Wa mer e Land mat ëmmer méi Awunner ginn, wa mer Joer fir Joer 8.000, 9.000, 10.000, 11.000 Aarbechtsplaze schafen, schafe mussen wéinst der Finanzéierung vun ëmmer méi an ëmmer méi héije Renten, da sti mer viru grouss Problemer, déi déi incontournabel Konsequenze vun där Entwécklung sinn. Mir brauchen da méi Stroossen, méi Schoulen, méi Wunningen, méi kollektiv Infrastrukturen, méi Crèche, méi Spideeler, méi Fleege-

better, méi Altersheimer, méi Stats- a Gemeindebeamten, déi sech ëm all dës Aufgabe bekëmmere.“

An da kënnt dee wichtege Saz vu senger Deklaratioun, wou e seet: „Dee stramme Wuesstum, deem dat alles zur Folleg huet, generéiert esou just Steiergelder genuch, fir seng eege Konsequenze finanzéieren ze kënnen.“

Dat heescht also, wann ech déi Analys vum Statsminister genau huelen - an ech deele se -, dann huet dee Wuesstum ënnert dem Stréch eis näischt weider bruecht, mä e generéiert just dat, wat mer u Konsequenze vun deem Wuesstum konnte feststellen.

Ech gesinn also do eng Contradictioun tëschent der Ausso vum Statsminister an där vum Budgetsminister. Ech hätt léiwer, mir géifen als Grondlag zur Diskussioun déi vum Här Statsminister huelen, well mer an deenen nächste Méint a Joren eis mussen méi intensiv mat deem dote Problem befaassen.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden géif lech gär eng Fro stellen.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, dat, wat den Här Gibéryen hei gesot huet, entsprécht net der Realitéit. Ech hu just gesot, dass ech feststellen, datt keen heibannen - an och net d'Regierung - an deem Budget Propositione gemaach huet, fir dee Wuesstum ze bremsen. Ech hu gesot, wa mer d'Steierreform net maachen an d'Bankgeheimnis direkt opginn, datt mer op der Finanzplaz direkt 10.000 Aarbechtsplaze manner hunn, fir dat emol brutal auszedrécken. Da kréie mer de Wuesstum gebremst.

Wa mer d'Politique du siège opginn an 8.000 Fonctionnaires européens net méi am Land wäeren: Dozou hunn ech gesot, dee Wee wëlle mer jo awer net goen. Dofir hunn ech heibanne gesot, dass am Parlament - an elo sidd Dir un der Rei - den ADR eis seet, wat hie proposéiert, fir dee Wuesstum ze bremsen. Dat war meng Fro, an dofir ass déi guer net en contradiction.

De Statsminister huet eng Situatioun beschriwwen, an ech hu gesot: Et ass schwierig, dee Wuesstum do ze bremsen, well mir wëlle jo hei nei Betriber usiedelen. Also gi mer Hëllef un d'Entreprises. Ech hu just gesot, mir siedelen net egal wat vun Entreprises hei un. Ech hunn also Nuancen do gemaach. Mä ech hu gesot, wat proposéiert Dir, fir dee Wuesstum ze bremsen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn d'lescht Woch hei Propositione gemaach, wéi dee Wuesstum ka gebremst ginn. Ech hunn der gemaach, wat d'Betriber ugeet. Ech hu gesot, wa mer d'nächst Joer iwwert d'Steierpolitik hei diskutéiere fir d'Betriber, dass een do soll richtungsweisend goen, fir net all Betriber op Lëtzebuerg unzelackelen. Ech hu gesot, dass mer keng Betriber

sollen ulackelen, déi lounintensiv sinn, déi den ökologesche Bestëmmungen net 100 %eg Rechnung droen, keng Betriber, déi grouss Fläche brauchen. Ech hunn eng ganz Rei vu Propositionen op den Dësch geluegt.

Mä ech mengen, Här Minister: Wann ech lech gutt verstanen hunn, hutt Der elo eng aner Nuance virbruecht, wéi Der se virun enger Stonn hei virbruecht hutt. Et ass vläicht spéiderhin interessant, fir de Verbatim nozeliesen, well ech ka mech erënneren, dass Der gesot hutt: Mir mussen dee Wuesstum hunn, fir kënne déi Steiererlicherungen an déi Sozialpolitik ze maachen, déi dës Regierung mécht. Dat ass nämlech dee Saz, deen ech verhalen hunn, an dee steet a Contradictioun zu deem, wat den Här Staatsminister virun 8 Méint hei an der Chamber gesot huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Majoritéitsparteien hunn haut hei eng Motioun abruecht, wat déi ausseruerdentlech Generalversammlung vum SYVICOL ubelaangt. Wéi mer den 27. November zu 108 vun 118 Gemengen zu Miersch op der ausseruerdentlecher Generalversammlung waren, ass am Fong déi Situatioun, déi mer elo haut de Mëtteg hei hunn, schonn deklaréiert ginn, an zwar hunn ech deemools op der Generalversammlung gesot, datt d'Leit sech sollen op där Generalversammlung gutt ukucken, wien déi Resolutioun do géif stëmmen, well ech dovun iwwerzeegt war, dass, wann am Parlament esou eng Resolutioun oder Motioun géif zum Vote kommen, dann eng Partie Leit, déi op der Generalversammlung mat Jo gestëmmt hunn, se hei am Parlament net géifen ënnerstëtzen. Dat hunn ech also schonn de 27. November zu Miersch ugekënnegt, an et war och dofir kloer, dass ech géif higoen an déi Motioun an deem Sënn deponéieren.

Et ass ganz kloer, dass net nëmme Leit vun deene verschiddene politesche Parteien op der Generalversammlung der Resolutioun zougestëmmt hunn, mä och Leit vun der Demokratescher Partei a vun der CSV, déi souguer am Comité vum SYVICOL sinn, déi Resolutioun mat proposéiert hunn. Souguer deen, dee se geschriwwen huet, ass an deene Reien.

Den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen huet virdrun en Zwëscheruff hei gemaach, wou e gefrot huet: Wien ass dat, de SYVICOL? Et ass ganz schlëmm, wann e Regierungsmember hei de Culot huet, fir d'Fro ze stellen: Wien ass dat, de SYVICOL? Et ass ëmmerhin d'representativ Gewerkschaft vun 118 Gemengen, wou Leit vun deene verschiddene politesche Gruppen dra sinn, déi do am Fong hir parteipolitesch Kaart ofleeën, fir d'Interesse vun de Gemenge gemeinsam ze verrieden, an et och dofir fäerdegbruecht hunn, eng Resolutioun ze proposéieren vun engem Comité, wou verschidde Parteien dra sinn, an der Generalversammlung se virzeleeën, an där 108 Gemenge present waren an 108 Gemengen eestëmmeg dee Vote geholl hunn.

Ech hu virum Vote gesot: Ech si gespaant, ob déiselwecht Deputéiert, déi haut hei ënnert dem Hutt vun hirer Gemeng vertruede sinn, och am Parlament de Courage hunn, fir deeselwechte Vote ze huelen.

Mir woussten, wat géif kommen, an dofir huet d'Majoritéit elo haut eng nei Motioun virgeluegt, déi awer de wesentleche Punkt enthält, dass se dat, wat de SYVICOL a senger Resolutioun ënne festhält, hei an d'Considéranter an dann e Wischi-Waschi-Text ënnen drënner setzt, deen der Regierung erëm Tür und Tor opléisst, fir d'Gemengen zousätzlech ze beschneiden.

Haut mussen hei eng Partie Leit Faarf bekennen, ob se zu där Décisioun stinn, déi se de 27. November zu Miersch geholl hunn, oder ob se dat net maachen, wat deemools do ugekënnegt ginn ass.

Wa se dat maachen, Här President, da géif ech de Kollegeinnen a Kollegen, déi hei géint dem SYVICOL seng Resolutioun stëmmen, awer wäermstens recommandéieren, zumindest dann am Comité vum SYVICOL ze démissionnéieren, well et wier jo awer wierklech lachhaft, wann ech enger Generalversammlung eng Resolutioun proposéieren, fir datt déi se soll stëmmen, an ech ginn dann hei am Parlament - do wou et zielt - hin a stëmmen géint déi Interessen, wou ech gesot hunn, dass de SYVICOL déi misst eestëmmeg ofstëmmen.

Här President, den Här Bettendorf wëll eng Fro stellen.

M. Niki Bettendorf (DP).- Ech wollt den Här Gibéryen froen, ob hien nach géif drun denken, wéi deemools d'Sozialiste gestëmmt hunn, wou se am SYVICOL haart op d'Tromm geschloen, sech géint d'Ofschafung vun der Gewerbekapitalsteuer gewiert an hei an der Chamber op eemol awer dofir gestëmmt hunn. Kënnt Dir lech nach dorun erënneren?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Bettendorf, ech ka mech nach ganz gutt dorun erënneren, mä ech ka mech awer och drun erënneren, datt Ären heitege Koalitionspartner - Dir musst deen net esou a Schutz huelen - deemools genau déiselwecht Roll gespillt huet. Den Här Konter war deemools President vum SYVICOL an huet hei an der Chamber géint d'Interesse vum SYVICOL gestëmmt.

An, Här Bettendorf, därer ech lech un dee mémorablen Dag erënneren, wou d'Demokratesch Partei genau de Contraire gemaach huet vun deem, wat se haut mécht. Deemools huet si hei an der Chamber d'Interesse vum SYVICOL vertrueden. Och dat sollt Dir net vergiessen, wann Dir drun zrëckdenkt. Dir hutt do als Demokratesch Partei eng 180 Grad-Kurskorrektur gemaach.

Op alle Fall, Här President, wäerte mir de Mëtteg hei gesinn, wéi déi Leit Faarf bekennen, an wéi gesot, déi Leit wäer gutt beroden, fir am Comité ze démissionnéieren; da brauche se net op der nächster General-

versammlung opgefuerdert ze ginn, fir hir Démissioun anzereeche, well se géint d'Interesse vun engem Syndikat verstoussen, wou se am Comité sinn an domat Propositione vis-à-vis vun deene ganzen 108 Gemengen, déi deen Dag present waren, gemaach hunn.

Här President, en anere Punkt, deen ech nach hei wëll mat uschneiden, sinn d'Budgetsamendementer. Ech mengen, et ass ganz kloer, datt mir all Joer déi Budgetsamendementer hei déposéieren, datt déi an engem relative Schnellverfahren hei duerchgezu ginn. Si ginn och meeschtens, wéi een dat esou schéi seet, ënner Ausschluss vun der Öffentlechkeet duerchgezunn, well déi Amendementer am Fong geholl net méi an déi eenzel Chambres professionnelles ginn, mä si kommen an d'Chamberkommissioun a gi bei de Conseil d'Etat, fir aviséiert ze ginn, mä si ginn net méi an de Chambres professionnelles queesch duerch d'Land diskutéiert.

Wann een dann an déi Amendementer erakuckt, da gesäit een, datt am Fong geholl hei d'Regierung e Mëssbrauch vum Budgetgesetz gemaach huet, well vun deene 25 Amendementer, déi proposéiert gi sinn, waren 19 Amendementer, déi sech am Fong mat Gehälter, mat Carriären a mat Primë vun der Fonction publique befaasst hunn. Et war am Fong esou e klengt Härtefälle-Gesetz, géif ech soen, wat hei an de Budgetsamendementer verstoppt ginn ass. Et ass dofir, wéi gesot, eiser Meenung no net déi normal legislativ Prozedur, déi ee soll am Kader vum Dialog a vun der Transparenz praktizéieren.

Et ass och esou, datt, wann een dat als Regierung wëll maachen, een da soll de Courage hunn an e separate Projet maachen, e separate Projet, deen dann och an d'Kommissioun vun der Fonction publique géif kommen, déi fir déi do Problemer zoustänneg ass. Et kéint een och e Kommentar dozou maachen, wéivill Leit vun deenen eenzelnen Amendementer betraff sinn an och wat de Käschtepunkt vun den Amendementer fir dese Budget an déi duerno wär. Mä alles dat ass net gemaach ginn. Et gëtt einfach hei higaangen an Amendementer proposéiert, ouni iwwerhaapt ze kucken, wat des Amendementer géife kaschten.

Dat steet an engem krasse Widdersproch zu deem, wat verschidde Majoritéitsdeputéierten d'lescht Woch hei am Kader vun dese Budgetsdebatten gemaach hunn, déi, wann et ëm de Privatsektor gaangen ass, am Fong eng moderat Lounpolitik gefrot hunn; wann et ëm d'Pensiounen gaangen ass, gouf gesot, mir misste virsiichteg sinn a lues maachen, well et misst laangfristeg finanzéierbar sinn. Déi hu gesot, si krite den Index an d'Steierentlichterungen, esou wéi wann dat alles exklusiv fir de Privatsektor wär.

Si waren awer net bereet, fir déiselwecht Berechnungen iwwert d'Pensiounen an der Fonction publique, zum Beispill an der Entwécklung, vum BIT fir

déi nächst 50 Joer maachen ze loosse. Här President, ech hu mir dofir och erlaabt, fir an deem Sënn nach eng Motioun hei ze déposéieren, wou d'Chamber d'Regierung opfuerdert, déiselwecht Etüd, esou wéi si se iwwert de Privatsektor beim BIT maache gelooss huet, och iwwert d'Fonction publique maachen ze loosse. Dann huet een Etuden iwwert déi zwee Pensiounssystemer, déi vergläichbar sinn, wou ee wierklech Äppel mat Äppel vergläiche kann. Dofir muss een dat maachen.

Motion 20

La Chambre des Députés

- *considérant les premiers résultats de l'étude actuarielle et financière concernant le régime général d'assurance pension;*

- *constatant que l'étude précitée du Bureau International du Travail se limite au régime des pensions contributives du secteur privé;*

- *déplorant l'absence de transparence et de prévisibilité du financement futur en ce qui concerne le régime des pensions statutaires du secteur public;*

- *considérant que le système de financement actuel des pensions est hypothéqué de promesses coûteuses résultant du régime de pensions statutaires;*

invite le Gouvernement

- *à commander une seconde étude au Bureau International du Travail analysant plus particulièrement le régime des pensions statutaires du secteur public. Cette étude devrait fournir les mêmes renseignements aux décideurs politiques que l'étude sur le régime des pensions contributives afin de permettre une comparaison directe des deux régimes de pension.*

(s.) Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Et kann een net higoen a soen, datt een am Privatsektor soll moderat virgoen a lues trëppelen a gläichzäiteg an der Fonction publique iwwerhaapt keng Berechnung opstellen. Do ginn einfach Gesetzer gemaach. Et gëtt bäigesat, an et gëtt net gefrot, wéivill Leit dovun betraff sinn a wat et kascht. Dat ass dann einfach eng Saach ouni Diskussioun. Dat, wat et kascht, schreiwe mir d'nächst Joer an de Budget an. Normalerweis sinn dat och nach Crédits non limitatifs. Et gëtt einfach bezuelt, wat ufällt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dofir wollt ech dat hei nach eng Kieler virleeën.

Et war och dofir gutt, datt de Conseil d'Etat fënnef, sechs Oppositions formelles do gemaach huet. Ech weess net, ob mir an deene leschten 10 Joer hei am Parlament e Gesetz haten, wou de Conseil d'Etat esou vill Oppositions formelles gemaach hat wéi hei eleng bei deene Budgetsamendementer, wat beweist, datt och de Conseil d'Etat domat wollt en Akzent setzen

an der Regierung soen, datt et effektiv net geet, fir d'Budgetsgesetz ze mëssbrauchen, fir eng verstoppte kleng Gehälterreform a verschiddene Kaderen duerchzeféieren.

Ech mengen, dat ass jo wesentlech, och wann ech muss soen, datt de Conseil d'Etat eiser Meenung no net konsequent a senger Logik war. Ech hunn als Vertrieeder vun eiser Fraktioun an der Kommissioun géint all déi Amendementer gestëmmt, och géint dat, wat d'Cour des Comptes ubelaangt. Ech hu gesot, datt net deen een Amendment iwwert d'Budgetsgesetz ka regléiert ginn an déi aner net. Dofir hunn ech géint se alleguer gestëmmt.

Et wär menger Meenung no logesch a konsequent vum Conseil d'Etat gewiescht, wann e bei all deenen Amendementer, déi d'Gehälter oder d'Carrière betreffen, eng Opposition formelle gemaach hätt. Wéi gesot, huet hien et bei enger Rei gemaach, a bei enger Rei huet hien et net gemaach. D'Äntwert, firwat datt dat esou ass, kann ech lech net ginn. Déi muss de Statsrot selwer ginn. Mä et däerf een awer ëmmerhin d'Fro hei stellen, firwat dat esou vum Conseil d'Etat aviséiert ginn ass.

Dat, Här President, waren nach e puer Iwwerleeungen, déi ech vun eiser Säit aus wollt an d'Diskussioun mat erabréngen, an, wéi gesot, mäi Kolleg Robert Mehlen hält nach zu deem spezifesch Punkt vun der Kredit-iwwerschreidung Stellung.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech mol eng, zwou Saachen zu den Ausféierunge vum Budgetsminister soen. Ech hat d'Impressioun, wéi wann hien d'lescht Woch alles nëmmen zum Deel wollt matkréien, wat ech hei op der Tribün gesot hat. Hien huet virun hei gesot, datt vill geschwat gi wär iwwert déi Schietsäiten, déi mat der Croissance zu Lëtzebuerg verbonne sinn, an datt awer keen heibanne Propositione gemaach hätt, wat een dann do kéint maachen. Et hätt keng Fraktioun gesot et misst een de Wuesstum ofbremsen an esou weider.

Ech muss soen, ech fannen dat e bëssche komesch, datt en do eng Rei Saache vergiess huet. Well d'Fro, déi sech un éischter Plaz do stellt, ass jo net déi, wéi mer de Wuesstum ofbremsen. Sécherlech ass dat och eng wichteg Fro, fir datt ee kuckt wat fir ee Wuesstum mir an Zukunft wëlle schafen. Do gesinn ech mol nach net esou dee grouss Problem tëschent eenzelne Fraktiounen hei am Parlament.

Mä mir müssen eis d'Fro stellen - an dat hunn ech awer däitlech hei gesot -, wat fir eng Konsequenzen dës Wuesstum fir eist Land huet. Wat fir eng huet en

zum Beispill am Beräich vun der Verkéiersplanung a vun der Landesplanung? Wa mir wëssen, wat fir eng Konsequenzen dat mat sech bréngt, wéi mussen mir dann d'Verkéiersplanung an d'Landesplanung organiséieren, fir datt mir net schnurstracks an de Chaos erasteieren?

Dat ass dat wat ech a menger Ried d'lescht Woch kritiséiert hunn, nämlech datt dës Regierung guer keng Iddien huet, oder éischter souguer nach kontra-produktiv Iddien développéiert, wéi een deenen do Froe kéint gerecht ginn. Wann ech d'Verkéierssituation kucken, da wësse mir ganz genau - an all Mënsch, deen e bësschen éierlech mat sech selwer ass, kritt et ze spieren, wann en a senger Gemeng oder a sengem Quartier op Versammlunge geet, datt de Verkéiersproblem an der Zwëschenzäit zu Lëtzebuerg de Problem N° 1 ginn ass. Dee Verkéiersproblem huet vill mat där Croissance do ze dinn.

Wa mir dann higin an esou schilderhaft a grotesk d'Verkéierslösungen diskutéieren, esou wéi dat gemaach ginn ass vun der CSV a vun der DP am Kader vum Walkampf an och elo nach nom Walkampf, wéi déi Regierung sech en place gesat huet, da woen ech awer ze bezweifelen, datt dës Regierung net nëmmen net à même ass fir déi richteg Jalonnen ze setzen, mä ech fäerte virun allem, datt mir eng Kéier ganz hefteg Reaktiounen vun de Leit zu Lëtzebuerg kréie wäerten, well se mierken, datt hir Liewensqualitéit immens d'Baach erageet.

Dann ass dat net, well ee sech d'Fro net gestallt huet, wéi mir eise Wuesstum an Zukunft sollen organiséieren, mä dann ass dat un alleréischter Stell well dës Regierung total onfäeg ass, eng uerdentlech Verkéiersplanung ze maachen, déi deem Défi do entsprécht.

Ech hat elo kierzlech owes eng Versammlung, do huet ee gesot, datt wann et zu Lëtzebuerg drëm geet fir iwwer Renten ze diskutéieren, da maache mir hei am Land wéi wa mir vu 700.000 Awunner a vu 700.000 Aarbechtsplaze kéinten ausgoen, a wann et drëm geet fir iwwert de Verkéier ze diskutéieren, da maache mir, wéi wa mir nëmmen 300.000 Awunner hätten. Ech mengen, datt genau do d'Kromm an der Heck läit. Do läit de Problem.

Ech erkennen net an der Ausrichtung vun deenen eenzelne Gebidder, sief dat bei der Landesplanung oder sief dat bei der Verkéiersplanung, wou dës Regierung géing Zeeche setzen, fir dat do an de Grëff ze kréien. Mir hunn do als Gréng ganz konkret Virstellungen an der Vergaangenheet gehat a mir stinn och nach haut zu deenen. Mir wëllten d'Regierung opfuerderen, endlech ewech ze komme vun deem scho bal pénibelen Discours, dee virun de Wale gefouert ginn ass, wou d'Leit veronséichert gi sinn a wou fir d'Majoritéit de Problem läit, fir op dee sachlechen Terrain zréckzekommen an esou séier wéi méiglech Déci-

siounen ze huelen, déi an déi do Richtung ginn an deem Défi gerecht ginn.

Wa bei der Steuerreform gesot gëtt, et hätt kee gesot wéi et soll anescht gemaach ginn, da wëll ech och soen, datt dat net stëmmt. Mir hunn e puer Propositionen hei gemaach. Ech hu gesot, datt mir der Meinung sinn, datt een hätt missen eng verdéifte Reform maachen, wou een der Problematik vun der Neutralitéit vum Steuersystem par rapport zum Etat civil misst gerecht ginn.

Dat ass en Défi, deem d'Demokratesch Partei - an ech hunn dat op Basis vun hirem Steuerpabeier vun 1998 hei zitéiert - grouss an d'Fenster gestallt huet, als eppes wat si wëllten direkt attackéieren, wa si an d'Regierung era kéimen. Do ass net dee geréngsten Uschäin ze erkennen, datt et an déi Richtung geet.

Bei dëser Steuerreform, déi hei gemaach gëtt, gëtt einfach mir näischt dir näischt zum Beispill de Spëtze-steinersaz an zwou Etappen op 38 % erof gesat. Dat mécht eis haut vläicht nach keng Problemer, mä et kann eis duerchaus eng Kéier Problemer maachen, wann d'Situatioun net méi esou roseg ass wéi haut.

Wa mir eis eng Kéier géifen zrëckfannen a Situatiounen wéi mir se Ufanks den 80er Joren haten, wou mir keng Wuesstumsrat vum PIB vun tëschent 6 % a 7 % haten, mä éischer bei 5 % bis 4 % lungen, da kéinte mir ganz schnell mat deem wat mir maachen - um Niveau vun de Steieren, esou gutt bei de Betriber, wéi och bei de Personnes physiques - a Finanzéierungsschwierigkeete beim Stat kommen. Ech bedauern, datt net genuch dorop reagéiert ginn ass. Ech wär awer gespaant, wat déi Regierung da géif proposéieren, wa se a Finanzéierungsschwierigkeete kéim.

Do sinn ech iwwerzeegt, datt dann net do steet, datt d'Betriebsbesteuerung oder de Spëtzesteinersaz erëm sollen eropgesat ginn, mä da geet et dem Sozialstat un de Pelz an da ginn eng ganz Rei Sozialleeschungen un éischer Stell ofgebaut. Dat ass déi Gefor, déi mir gesinn, wann op déi hei Aart a Weis Steieren an der heiteger Situatioun reduzéiert ginn, ouni datt iwwer eng ganz Rei aner Saachen, wéi eng massiv Duerchforstung vun den Ofschreibungsméiglechkeete geschwat ginn ass.

Ech mengen, dat si ganz kloer Propositionen, wou och d'Zukunft mat agerechent gëtt a wou net - an dat ass dat wéi ech et gemengt hunn - kuerzfristeg Geld mat der Géisskan verdeelt gëtt, well mer mengen d'Geld wär elo do.

Wann hei gesot gëtt, et wär näischt proposéiert ginn, da muss ech Folgendes bemerken. Ech hunn dem Här Weiler seng Motioun mat ënnerschriften. Här Weiler, déi Motioun, déi ech hei mat ënnerschriften hunn, ass quasi identesch mat där, déi den Här Gira 1996 abruucht hat. Ech hu se quasi identesch nach eng

Kéier beim Budget 1997 abruucht. Dat heescht, mir widderhuelen dat schonn zënter Jore vu moies bis owes, mä et ass bis elo nach näischt geschitt. Vu datt d'Motioun dës Kéier vun der Majoritéit selwer kënnt, hoffe mir, datt dann endlech eppes bougéiert. Et soll awer wann ech gelift net hei gemaach ginn, wéi wann déi Saachen nach net opgeworf gi wären.

Da wëll ech awer nach eppes soen zum Här Rippinger sengem pauschalen Urteel iwwert déi eenzel Fraktionschefen, wou e behaupt huet, si hätten de Rapport vun 160 Säite sécherlech net gelies. Hien huet sech d'Fro gestallt.

Här Rippinger, ech muss lech soen, ech ginn éischer dervun aus, dass mer all hei am Parlament schlecht gestallt sinn, ze jugéieren, wat deem een oder deem anere gelies huet oder net gelies huet. A wa mer wëllen e Jugement consultéieren an deem Beräich, da géing ech éischer an d'Richtung goen, fir Stelle vu bausse mat erunzezéien, dat heescht Journalisten, déi neutral sinn, déi éischer eng Distanzpositioun hu par rapport zum Parlament, wéi dass mir eis hei selwer géigesäiteg jugéieren. Do muss ech awer soen, Här Rippinger, dass ech mat enger gewësse Geloosheet ka liesen, wat an der Press zu deenen eenzelnen Interventionen hei um Pult an där leschter Woch stong. Wann ech zum Beispill liesen, wat am „Lëtzebuerger Land“ vum leschte Freideg steet iwwer Är Budgetsried, an ech wëll lech et elo net virenthalen, do stong: „Trotz seiner halbrunden Lesebrille hatte der DP-Fraktionspräsident jede erdenkliche Mühe, um den Redetext zu entziffern, den er gegen Wind und Wetter herunterliest. Ein unbegabter Referent hatte ihm viel schwerfällige Polemik gegen die LSAP und einige Floskeln über das Budget aufgelistet.“

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Sot eis och, wien dat do war.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat war de Romain Hilgert am „Lëtzebuerger Land“ vum leschte Freideg. Menges Wëssens ass den Här Hilgert weder Member vun deene Gréngen nach Member vu soss enger Partei heibannen, mä et ass en onofhängege Journalist vun enger onofhängeger Wochenzeitung.

Ech wëll selwer keen Urteel doriwwer ofginn, mä ech mengen, et muss een oppassen, wann een hei op d'Tribün klëmmt a versicht anerer ze jugéieren, an do denken ech un de Sproch: „Wer im Glashaus sitzt, soll nicht mit Steinen werfen“. Et muss een oppassen, dass een net a béis Schwierigkeete geréit, wann een dat mécht.

Ech wëll dann nach op dee Punkt zrëckkommen, deem hei diskutéiert ginn ass vun dem Contrôle budgétaire.

Ech sinn engersäits iwwerrascht an anerersäits och net iwwerrascht iwwert dee Schleiderkurs, deem den Här Weiler hei virdru gefuer huet. Ech ka verstoen, dass d'Majoritéit an de Seeler hänkt par rapport zu hiren

eegenen Décisiounen, déi se an der Kommissioun deemools geholl huet, wou se d'Texter, wéi ech dat schonn hei d'lescht Woch beluegt hunn, menger Meenung no net gutt gelies hat a sech dofir eigentlech op eppes agelooss hat, wat se sech hätten kennen erspueren, wa se sech e bësse gedéllegt hätten, wa se net onbedéngt do verschidde Leit op de Laim gaange wär a séier e Vote hätten missen erbäizauberen, deen dat ervirbruecht huet, wat en ervirbruecht huet.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, Här President, dass dat, wat den Här Weiler hei seet, net richtig ass. Ech sinn der Meenung, dass wann een den Artikel 99 vun eiser Verfassung an den Artikel 80 vun dem Kontabilitéitsgesetz, respektiv den Artikel 59 genau liest an à la lettre hält, dann ass et ganz daitlech, dass et net kann esou sinn, wéi den Här Weiler hei seet, an de Fonge wäre jo Kreditter festgeschriwwen an de betreffende Projet kéim ni an d'Situatioun, dass e keng Sue méi hätten.

Wann dat géing stëmmen, wat den Här Weiler hei gesot huet, da bräichte mer deen Exercice iwwerhaupt net méi ze maachen, fir hei eng Enveloppe budgétaire an d'Gesetz ze schreiwen. Dann ass dat jo alles e faule Witz, wat mer hei veranstalten. Et ass fir eis daitlech kloer, dass den Artikel 59, wou de sougenannte „passer outre“ dra steet, dat heescht dee Fall, wou de Minister sech kéint iwwert de Contrôleur financier interne ewechsetze bei Dépassements de crédit vun eenzelne Bauprojeten, dass deen net spillt a mir wëllen eis an deem do Dossier un d'Konstitutioun an un d'Gesetz halen.

Eis ass et wichteg an dësem Dossier, dass mer oppassen, wat mer do maachen. Mir müssen eis dach bewusst sinn, an et geet kengem, och kengem vun eiser Fraktioun drëms, fir onnëtz Bauprojeten opzehalen. Mir sinn eis alleguer eens, dass et bei de Bauprojeten natierlech muss Méiglechkeete ginn, fir gewësse Flexibilitäten dran ze bréngen. Mä wa mer eis dobäi eens sinn, a wann et wierklech esou ass, wéi dat hei vum Budgetminister an och vum Här Weiler herno conciliant beschriwwen ginn ass, firwat hu mer eis dann net zesummegeat an der Kommissioun a gekuckt, wou mer am Gesetz déi Ännerungen abréngen, déi mer missten abréngen, fir dass mer eng minimal Flexibilitéit an dat Gesetz erakréien?

Firwat hu mer da misse mat de Stëmme vun der Majoritéit an där Kommissioun am Schnellverfahren eng Décisioun huelen, déi eigentlech vun der Tragweid hier a vun der Envergure hier relativ wäit geet. Mir wëssen alleguer an och de Budgetminister weess, déi Zäit, wéi en hei an der Chamber war, wéi e selwer President war vun der Finanzkommissioun, wéi e Budgetsrapporteur war, wéi oft e sech opgereeget huet haaptsächlech iwwer verschidde Projeten am Beräich vun de Bauten, wéi e sech opgereeget huet iwwer deen ontransparente Fonctionnement vum Fonds des routes,

a wou e selwer verlaangt huet am Budgetsrapport, deen en deemools als Rapporteur gemaach huet, dass ee misst, wat de Fonds des routes ubelaangt, eng Rei Ännerungen an der gesetzlecher Basis virhuelen, fir dass deen Unfug do géing ophéieren.

Eis ass d'Prozedur net egal an deem heiten Dossier. Mir sinn der Meenung, dass ee soll eng Léisung sichen, mä eng Léisung, déi propper ass, déi transparent ass an déi am Aklang steet mat eise Gesetzter an eiser Verfassung. Wann dat sollt gewënscht si vun der Majoritéit, si mir gäre bereet an där zoustänneger Kommissioun doriwwe ze diskutéieren, mä wann ech gelift awer da bis an de leschten Detail an och am Sënn, dass mir eis Gesetzter esou organiséieren, dass dat herno an Aklang steet mat eise Gesetzter.

Ech wëll nach eng Kéier op dee Rapport zrëckkommen, deen hei ëmmer erëm zitéiert gëtt. Déi Propos, déi vum Här Krecké am Ufank gemaach ginn ass, dat war eng Propos, déi gemaach ginn ass am Kontext vun den Dépassements pour cause interne, dass bei Iwwerschreidunge vun 10 %, respektiv 125 Milliounen net iwwert d'Budgetgesetz soll légiféiert ginn, mä iwwer e Spezialgesetz. Do war d'Oppositioun sech zumindest eens an der Kommissioun, dass op kee Fall d'Prozedur kéint sinn nëmmen iwwert d'Budgetgesetz.

Ech hunn an darselwechter Kommissioun gesot, dass et fir mech allenfalls daitlech wär, dass eigentlech vum Prinzip hier vun eise Kontabilitéitsgesetz kee Projet ëm 1 Frang dierft dépasséiert gi par rapport zu deem, wat gestëmmt ginn ass, an dass, wa mer eis wëllte Regele ginn, da misste mer e Passus am Gesetz bäisetzen, deen dat regelt. Et geet hei drëms, an dat wësse mer dach alleguer, dass eigentlech dat, wat vun eis all jo anscheinend gewënscht ass, nämlech fir eng dynamesch Kontabilitéitskontroll ze kréien, virun allem am Beräich vun de Bauten, wou déi gréisste Montanten ëmmer en cause sinn, dass wa mer dat gären hätten, mer e gewëssenen Drock musse schafen, e gewëssent Regelspill opstellen, dat net vu vireran d'Situatioun esou mécht, dass de Ministère mengt, en hätten ëmmer souwéissou e gewëssene Spillraum mat deem e kënn rechen.

An ech hu souguer an enger fréierer Sëtzung eng Rei Beispiller ginn, wou mer och diskutéiert hunn iwwer eng Rei Dépassementer vun deem fréiere Minister Goebbels, wou mer festgestallt hunn, dass Projekte bewusst an der Enveloppe financière ënnerschätzt gi sinn, well einfach d'Alentouren, Parkingen ewechge-looss gi sinn, well do eigentlech getrickst ginn ass, fir de Projet vu virera méi bëlleeg ze maachen, well de Projet politesch ëmstridde war, fir e méi einfach duerch d'Chamber ze kréien.

Mir wëssen dach alleguer déi do Saachen an dofir, wann ech gelift, kommt mir spillen net weider, kommt mir maachen Neel mat Käpp an eng Gesetzgebung,

déi engersäits verschiddenen Imprévue gerecht gëtt an awer d'Garantie gëtt, dass e gewëssenen Drock op deem do Ministère besteet, an dass mer eng gewëssen Transparenz behalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech wëll nëmmen e puer Bemierkungen zu de Regierungsamendementen maachen. Fir d'éischt, wat d'Aschätzung vun den Einnahmen ubelaangt.

Do si verschidde Korrekture virgeholl ginn. Si ginn awer nach net duer, fir d'Véridicéitéit vun dem Gesetzprojet ze verbesseren. Ech sinn och der Meenung, wéi hei den honorablen Här Krecké gesot huet, dass d'Taxe d'abonnement net richtig ageschat ginn ass. Si wäert sech dëst Joer erhéijen ëm 6,3 Milliarden, dat heescht op ronn 18 Milliarden, a wäert doduerch och d'nächst Joer nach eng Kéier klammen, esou dass déi Zuelen, déi do an dem Budget stinn, net richtig sinn. Datselwecht bezitt sech och op d'UEBL, well déi Einnahme vum nächste Joer un an dat iwwernächst Joer no engem anere Schlüssel opgedeelt ginn, dat heescht anstatt 16,4 % vun deenen Einnahme wäert eist Land, well och de Verbrauch während deene leschten zwee Joer méi grouss war, ëm déi 19 % kréien. Dat mécht erëm eng Rei vu Milliarden aus.

Eng zweet Bemierkung, déi ech maache wëll, bezitt sech op de Versuch vun der Regierung, fir iwwert d'Budgetgesetz eng Rei vu Personalproben a Kaderproben ze klären. De Statsrot huet zu verschiddenen eng Opposition formelle gemaach, zu aneren net, an ass sech och do a sengen Usichten net ganz logesch. Och gehéiert et net zu engem gudde politesche Stil, fir Personal- a Kaderpolitik iwwert d'Budgetgesetz wëllen ze regléieren. Dat soll een iwwert déi Spezialgesetzter maachen, déi een am Detail kann domat befaassen.

Mat der Formulierung vun der Tax iwwert de Stroumverbrauch ass och eng ganz Rei vu Problemer opgetratt, well si hu sech erëmfonnt an den Amendementen vun der Regierung. Dat ass dorop zréckzuféieren, dass an déi Tax och d'Eegeproduktioun matagerechent gëtt, wat menger Meenung no och ekologesch net richtig ass. Op deem enge Wee ass déi Tax schonn ekologesch net richtig, doduerch dass dee gréisste Stroumverbraucher am wéinegsten dozou bäisteiert, op där anerer Säit ass se ekologesch net richtig, doduerch dass d'Eegeproduktioun genau esou taxéiert gëtt wéi de Friemverbrauch. Well dat schwéier ze kontrolléieren ass, sinn dann do Problemer opgetratt, fir déi Tax richtig anzedreiwen a fir se richtig ze ervaassen.

E groussen Deel vun der Diskussioun huet sech och elo gedréint ëm de Wirtschaftswuesstum. Menger

Meenung no geet et net do drëm, fir dee Wirtschaftswuesstum ze begrenzen, wéi den Här Minister geduecht huet, dass ee sollt déi Problematik ugoen, mä et geet drëm, fir dee Wirtschaftswuesstum ausserhalb vun eise Grenzen auszedehnen, well e riskéiert soss eis ze erstécken an deem klengen Land, an dofir sinn ech frou, dass déi Iddi, déi ech a menger Motioun erabruucht hunn, déi grad déi Problematik do uschneit, dass déi iwwerholl ginn ass vun dem Här Weiler an an der neier Motioun 18 elo zum Ausdrock kënnt. Ech hoffen, dass déi wäert gestëmmt ginn, well et handelt sech do effektiv ëm eng Kardinalfro.

Eise Wuesstum kënne mer net lassgelaist kucke vum Kader vun der Gesamtregioun, a mir kënnen en och net konzentréieren op eist Land eleng, well flächeméisseg a bevölkerungsméisseg dat eist Land iwwerfuert. De Wirtschaftswuesstum muss gesi ginn an dem Kader vun der Groussregioun an dofir ass et wichteg, dass, wéi an där Motioun do gefuert, esou en Zukunftsdësch soll opgestallt ginn, fir déi Gesamtproblematik an deem Kader ze gesinn, d'Roll an d'Plaz vun eisem Land an der Groussregioun awer och an der Zesummenaarbecht mat där Groussregioun, fir dass domat eng gréisser Dynamik och entsteet, ouni dass déi Spannungen, déi sech elo scho weisen, zum Ausdrock kommen.

Mir müssen dofir am Interesse vun eisem Land iwwert den Tellerrand do erauskucken, well soss kréie mir eng Rei vu Problemer net gelaist.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech muss soen, dass ech säit gëschter en neie Brëll hunn. En ass och hallef ronn, mä en erlaabt mer besser ze liesen an en erlaabt mer dofir och besser, eng Motioun kënne virzeliesen, déi ech nach wollt ofginn, eng déi sech stellt am Kader vun der Réforme administrative an déi sech baséiert op dat, wat de Budgetsrapporteur a sengem Rapport geschriwwen huet, an déi d'Regierung invitéiert, an all Projet de loi unzeginn, ob se genuch Personal a Moyenen huet fir déi Missiounen, déi de Législateur hir conféréiert, ze definéieren an ze exécutéieren.

Motion 21

La Chambre des Députés,

Considérant le nombre croissant de missions confiées à l'Etat par le biais de lois et règlements;

Considérant que dans certains cas l'Etat n'est pas toujours en mesure d'exécuter convenablement et dans des délais raisonnables les missions lui attribuées, ceci faute de moyens et/ou de personnel;

Considérant que le législateur devrait aussi assumer ses responsabilités dans le cadre de la réforme administrative de l'Etat prévue par l'accord de coalition du Gouvernement du 12 août 1999;

Considérant la proposition du rapporteur de la Commission des Finances et du Budget pour le budget de l'Etat 2001 ayant demandé que „la Chambre des Députés devrait à l'avenir veiller à mieux s'assurer dans le cadre de chaque projet de loi ou de règlement que l'Etat dispose de suffisamment d'hommes et moyens pour exécuter les nouvelles missions“;

invite le Gouvernement

à indiquer dans chaque projet de loi que l'Etat dispose de suffisamment de personnel et de moyens pour exécuter les nouvelles missions que le législateur entend lui conférer.

(s.) Jean-Paul Rippinger, Emile Calmes, Lucien Clement, Gusty Graas, Norbert Hauptert.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR)- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mäi Kolleeg Gast Gibéryen ugekënnegt huet, wëll ech e puer Wuert iwwert déi Problematik vun den Depassementer bei grousser Chantieren an Objete verléieren.

Ech wëll fir unzufänke soen, dass mir als ADR-Fraktioun frou driwwer sinn, dass endlech kloer an daitlech definéiert Spillregelen do solle kommen, an dass villes, wat an der Vergaangenheet méiglech war, an Zukunft net méi soll méiglech sinn, dass endlech an deem Domän Uerdnung an Disziplin sollen erakommen.

Et muss een awer feststellen, wann ee kuckt, wéi et an der Praxis funktionéiert oder wéi et soll funktionéieren, datt dat Kontabilitéitsgesetz, dat vun der viregter Majoritéit ausgeschafft gi war, onkomplett ass an och net konsequent bis zu Enn duerchduecht, soss hätte mer nämlech déi Problemer net, iwwer déi mer elo deelweis ganz kontrovers a souguer, wann een de Mëtteg hei nogelauschtert huet, konfus diskutéieren.

Mir sinn dermat d'accord a fannen et gutt, datt wann e gréisseren Objet soll realiséiert ginn, d'Chamber fir d'éischt soll den Accord de principe ginn. Mir hu mam erschreckende Beispill vum sougenannte Pei-Musée bewise kritt, zu wat fir engen Abüen et ka féieren, wann d'Regierung maache ka wat se wëllt. Do sinn Honnerte Milliounen an d'Planung gestach ginn, ouni datt d'Chamber iwwerhaupt virdrun ëm hiren Accord gefrot gi war. Do ass ganz kloer den Artikel 99 vun der Konstitutioun violéiert ginn an et ass einfach nodréiglech gesot ginn: Kommt mer votéieren et mat! Ech mengen, et ass iergendwou an engem Budgetgesetz mat duerch gaangen.

Esou kann et net funktionéieren! Ech sinn d'accord, datt d'Regierung, ier se eppes ufänkt, eng gesetzlech Handhab brauch; da soll d'Chamber der Regierung den Accord de principe ginn, fir esou en Objet a Planung ze ginn. Dann ass et evident, dass een och

méi präzis Zuele kann hunn, wann de Projet votéiert gëtt. Dat ass dat éischt.

Zweetens, déi Fro, wann de gesetzleche finanzielle Rahmen iwwerschrott gëtt bei engem Projet, ob da muss vum 1. Frang un en neit Gesetz gestëmmt ginn oder net, beäntwere mir ganz kloer mat Jo. Ech erënnere mech drun - den Här Budgetsminister ass elo just eriwwer gaangen -, datt hie selwer an enger Kommissiounssitzung gesot huet, hie wär der Meenung an hie géif d'Gesetz esou interpretéieren, datt vum 1. Frang u misst en neit Gesetz kommen. Ech mengen, soss ergëtt dat Ganzt jo kee Sënn.

Wa mer müssen hei e Projet de loi votéieren, fir en Accord ze ginn zu engem Projet, deen, loosse mer einfach soen, 400 Milliounen kascht, dann ass do d'Gesetzeslimite gezunn, an et kann net sinn, datt et do eng Grauzon gëtt, an där d'Regierung sech ëmmer nach ka bewegen, wou mer soen: Oh, wann et esou vill Prozent driwwer geet, da kucke mer duerch d'Fanger, a wann et e Prozent weider ass, da kucke mer net méi duerch d'Fanger. Et ass ganz kloer, datt hei d'gesetzlech Dispositiounen musse respektéiert ginn.

Wat fir e Gesetz datt dat ass, ob dat am Kader vum Budgetgesetz mat duerchgeet, wann d'Depassementer net sou héich sinn, oder ob mer an alle Fäll e Spezialgesetz maachen - woubäi dat Spezialgesetz och verschidde Projeten zesumme ka regulariséieren -, ech mengen, dat ass eng Fro, déi ass zweetrangege an iwwert déi bräichte mer eis hei net vill ze zerstreiden.

Mä déi wichteg a pertinent Fro ass déi: Wat passéiert, wann d'Regierung net opgepasst huet, wann hire System net gutt funktionéiert huet a se ass tatsächlech op eng Kéier an der Situatioun, dass se e Chantier misst arrétéieren, well keng Kreditter méi do sinn, well et sech bei den Engagementer weist, datt dee gesetzleche finanzielle Kader erreecht ass an datt ee misst doriwwer eraus goen?

Mir sinn do, erëm eng Kéier am Geescht vum Artikel 99 vun der Konstitutioun, der Meenung, datt, wann déi Situatioun antrëtt, dann e Blocage do ass - soss ergëtt dat Ganzt jo kee Sënn! - an datt dee Blocage och muss spillen, dat heescht datt d'Regierung an der Obligatioun ass, eppes ze ënnerhuelen. Ech weess net, wat den Här Weiler d'éinescht hei wollt soen - ech hat et och nach verstanen, wéi e fäerdeg war -, mä et kann ee jo awer net d'Verfügbareheet vun der Trésorerie verwiessele mat deem, wat dee Cadre légal ass, déi Finanzen, déi der Regierung zur Verfügung stinn, fir en Objet ze realiséieren. Hei ass et ganz kloer, datt déi Limite, déi am Gesetz festgesat ass, muss respektéiert ginn.

Wann eng gutt Gestéierung gemaach gëtt, da mierkt d'Regierung dat mat Zäiten, dann huet se och wahrencheinlech Zäit, fir e Projet de loi eranzubringen, fir datt och zur Zäit e Gesetz hei votéiert gëtt, fir datt se

ka weider maachen, ouni datt se a Schwierigkeete kënnt. Wann dat net de Fall ass, da muss de Chantier arrêtiert ginn, sou haart, wéi dat och kléngt. Wouvun den Här Frieden awer net geschwat huet, wéi en de Rapport vun der Kommissioun nogelies huet, ass dass ech als Member vun der Kommissioun deemools d'Proposition gemaach hunn, datt ee sech sollt eng Prozedur ginn, déi méi flexibel ass, mä déi awer de Plenum vun der Chamber abënnt.

Dat kéint folgendermoossen oflafen: De Minister kënnt an déi zoustänneg Kommissiounen - d'Bautekommis-sioun an d'Budgetkontrollkommissioun -, mécht Rapport driwwer, woufir e bestëmmtenen Objet iwwerschritt gëtt an der finanzieller Limite. Dann ass et un de Kommissiounen, fir ze decidéieren, wat do soll geschéien, ob déi Justificatiounen d'Kommissiounen zefriddestellen. Déi Kommissioun solle sech dann a Form vun enger Resolutioun, déi hei am Plenum virgestallt gëtt, zu där Recommandatioun, déi sech do opdrängt, aussprechen. Déi Recommandatioun kann déi sinn, datt de Plenum hei am Vote der Regierung Carte blanche gëtt, fir weider ze fueren, allerdéngs mat der Oplo, datt an engem bestëmmtenen Delai e Gesetzesprojet muss nokommen.

Eng Kommissioun kann dee Pouvoir net kréien, mä ech mengen, wann hei dee ganze Plenum sech driwwer ausschwätzt a seet: Mir sinn d'accord, datt de Chantier ka weider lafen, dann huet awer den Ensembl vun der Chamber hei deen Accord ginn, an da misst et eigentlech funktionéieren.

Dat war eng Prozedur, déi net schwéierfällg wär, déi ganz gutt kéint funktionéieren. D'Fro ass: Musse mer dat neit Kontabilitéitsgesetz änneren, fir eis déi Prozedur kennen ze ginn? Wann dat de Fall ass, da si mir och ganz gär bereet, mat op dee Wee ze goen, wann dat der Rechtssécherheet sollt déngen.

Et ass dat, wat ganz kloer an däitlech d'Positioun vun eiser Fraktioun an där kruzialer Fro do ass. Ech hoffen, datt mer geschwënn déi Léisung fannen, déi mer müssen hunn, fir datt mer kënnen engersäits déi Chantieren, déi bestinn, viru féieren, och dann, wann dat Ursaache sinn, déi duerch Ännerunge vun de Projekte kommen, datt mer kënnen weider fueren, awer op där anerer Säit ënner kengen Ëmstänn d'Konstitu-tioun oder déi bestehend Gesetzer verletzen, well dat ass dat Lescht, wat eng Regierung oder e Parlament sech kann erlaben.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt vun der Geleeënheet vun dësen Amendementer profitéieren, fir nach eng Kéier op d'Inkohärenz vun dëser Regierung an der

Energiepolitik hinzewiesen, well och an deenen Amen-dementen een derbäi ass, deen dës Politik concernéiert an eigentlech iwwerhaupt net deem ent-spricht, wat am Laf vum Joer hei eng Rei Kéieren, souwuel vun der Oppositioun wéi och vun der Majoritéit, gefuerdert gi war.

Dir wësst, datt mat tatkräfteger Mathëllef vun der Ëmweltkommissioun vun der Chamber zwee Règle-ments grand-ducaux iwwert déi alternativ Energie wesentlech Ännerungen a Verbesserunge kritt hunn. Se kéinte wierklech eng Chance si fir eng nei Energie-politik hei am Land, virun allem doduerch dass deenen alternativen Energie géif massiv ënnert d'Äerm gegraff ginn. Mir hunn als gréng Fraktioun dës Ëmännerungen an och d'Tatsaach, dass den Ëmweltminister a säi Statssekretär et fäerdeg bruecht hunn, sech emol fir eng Kéier am Regierungsrot duerchzesetzen, begréisst.

Mir hunn awer och ëmmer betount, dass dës Règle-ments grand-ducaux eleng bei wäitem net wäerten duergoen, fir wierklech en Ëmschwong an der Energie-politik erbaizeféieren an dass dofir eng massiv Opklä-rung, Sensibiliséierung a Berodung dobaussen um Terrain néideg wieren. Mir hunn och e bëssche bedauert, dass den Ëmweltminister a säi Statssekretär eigentlech virun de Won gelaf sinn a scho Pressekon-ferenzen organiséiert hunn dobaussen, fir dës Règle-ments grand-ducaux virzustellen, obwuel se nach net publizéiert sinn am Mémorial.

Dat war am September, elo si mer Dezember an et gesäit nach guer net dono aus, wéi wann dës Regle-menter sou séier kéinten approuvéiert ginn. Sou wäit wéi mir wëssen, feelt nach ëmmer den Avis vum Statsrot. Sou wäit wéi mer och wëssen, leien dës Reglementer nach ëmmer zu Bréissel. Wann een enger Rei Kommentaren aus de Kulisse ka gleewen, riskéiert zumindest ee Reglement zu Bréissel eng Rei Schwie-regkeeten ze kréien, well déi Zouschëss fir de Stroum net op d'Konsumenten an d'Konsumentinnen alleguer ëmgeschloe ginn, mä well se reng aus dem Stats-budget wäerte subventionéiert ginn.

Mir bedauern dat e bësschen, well - an dat hu mer confirméiert kritt an eise Biergerversammlungen iwwer eisen Ökobong - et gëtt immens vill Leit, déi der Meenung sinn, et wier schonn alles an der Rei, si bräichten nëmmen hir Installatiounen op den Daach ze tässelen an da géif et lass goen. Do muss een dann awer zu de Leit soen: Da maacht emol e bëssche lues, well déi Reglementer sinn éischters nach net definitiv arrêtiert, zweetens ass et méiglech, dass nach Saache kommen! Mir fannen, dass een esou wierklech net dozou bäigedroen huet, fir dobaussen d'Dynamik ze ënnerstëtzen.

Mä virun allem hate mer awer dunn déi grouss Hoff-nung, fir ze soen: Wann elo d'Amendementer vum Budget kommen, da wäerten do awer substantiell Kreditter dra stoen, fir dann, wann déi Reglementer

eng Kéier a Kraaft sinn - wat mer nach ëmmer hoffen -, wierklech flächendeckend Energieberodung a Sensibiliséierung ze maachen.

Wat stelle mer fest? Tatsächlech gëtt et e Kredit bei den Amendementer, mä éischtens ass deem esou lächerlech kleng - dat si 75.000 Euro -, datt een domat net ganz vill mécht; domat kritt ee mat Ach und Krach een Energieberoder oder eng Energieberoderin mat engem Büro bezuelt. An zweetens vermësse mer einfach déi konsequent Virgoensweis, wouriwwer awer hei och vun der Majoritéit an enger Motioun zum Vote vum Stroumliberaliséierungsgesetz ofgestëmmt gi war. An där Motioun, déi souguer vun der Majoritéit erabruucht gi war, stoung ganz kloer an däitlech dran, dass fir d'éischt misst dës Agence de l'énergie reforméiert ginn an duerno kéint se eigentlech eréischt déi néideg Kreditter kréien, fir hire Missiounen an deem do Beräich gerecht ze ginn.

Et ass jo nach ëmmer esou, dass mer hei weiderhin de Bock zum Gärtner maachen. Et muss ee wëssen, dass an der Agence de l'énergie d'Cegedel an d'SEO majoritär Aktien hunn a bis op weideres ass et d'Hauptmissioun, an nach vill méi no dem Stroum-liberaliséierungsgesetz, vun deenen zwou Firmaen, sou vill wéi méiglech Stroum ze verkafen, a gläichtzäiteg solle se Patron sinn an engem Büro, deem d'Leit soll sensibiliséieren, fir manner Stroum ze verbrauchen.

Et deet mer Leed, dat ass net nëmme paradox, dat ass pervers! Dat kann net funktionéieren. Dat geet géint all Regele vun der fräier Maartwirtschaft, an dofir versti mir éischtens net, dass dës Kredit nëmme sou kleng ass, nëmme 3 Milliounen ass, an zweetens versti mer och net, dass en elo där net reforméierter Agence de l'énergie soll zougeschwat ginn.

Dat ass ee weideren Detail vun der Inkohärenz vun der Energiepolitik vun dëser Regierung. Vlächst kréie mer muer d'Chance, op eng weider Inkohärenz hinzeweisen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun der Loi budgétaire a stëmmen iwwert d'Gesetz of.

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass d'Amendementer, déi vun der Commission des Finances et du Budget ugeholl goufen, en integrale Bestanddeel vum Budgetsprojett duerstellen. Den Texte coordonné vum Budgetsprojett ass un d'Deputéierte verdeelt ginn als Annexe vum Rapport complémentaire vun der Kommissioun a steet am Dokument 4700⁹.

Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépenses als Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1.

Den Här Weiler huet nach d'Wuert gefrot.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wollt lech matdeelen, dass ech op Grond vum Artikel 36 d'Question préalable stellen a froen, wa mer elo bei d'Lecture vun den Artikelen kommen, dass mer e Vote séparé maachen iwwert den Artikel 3 vum Kapitel B vun der Loi budgétaire; dat sinn d'Dispositiounen iwwert d'Steieren.

M. le Président.- Wa 5 Leit dat ënnerstëtzen, da maache mer dat.

Wien déi Proposition vum Här Weiler ënnerstëtzt, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Plusieurs voix.- Mir ënnerstëtzen dat!

M. le Président.- Gutt! Da fänke mer elo u mat der Lecture.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies. Mir stëmmen awer net driwwer of bis zum Schluss, well den Artikel 1 d'Gesamtresultat vum Budget erëmgeëtt.

Den Artikel 2 ass gelies an ugeholl.

Den Artikel 3 ass gelies a mir stëmmen dann elo driwwer of, wéi et hei verlaangt ginn ass.

Den Här Krecké freet d'Wuert dozou.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mir hunn d'Méiglechkeet, am Kader vun där Zäit, déi eis allouéiert ass, bei den Amendementen eppes ze soen.

Hei geet et jo ëm de Vote eleng vum Steiertarif als solchen. Ech wollt just ënnersträichen, dass mir en aneren Tarif eraginn hu wéi deem, deem elo hei zum Vote steet, dass deem awer seng Applikatioun haapt-sächlech am Joer 2002 fënnt an dass mer d'accord sinn, fir dëst Joer exceptionnellement drop ze verzichten, eisen Tarif deem aneren entgéint ze stellen. Ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen.

Eis Fraktioun wäert dann deem heiten Tarif dëst Joer stëmmen, ...

Plusieurs voix.- Ah!

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- ... awer nëmme ënnert der Konditioun, déi de Finanzminister hei gesot huet, nämlech dass e bereet ass, eis Propositionen fir den Tarif 2002 mat a Kaf ze huelen. Wann dat net de Fall ass, ass et awer evident, dass mer d'nächst Joer net méi dermat d'accord sinn.

M. le Président.- Da stëmme mer elo iwwert den Artikel 3 of.

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

Vote

Den Artikel ass ugeholl mat 47 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Nicolas Strotz), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling);

MM. Jean Asselborn (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt fir d'Mme Wagener stëmmen a froen, dass mer endlech dee Vote électronique änneren an eisem Reglement upassen, fir dass mer och kënnen elektro-nesch par procuration Abstentioun stëmmen. Ech wëll drop opmierksam maachen, dass mer eist Reglement geännert hunn an där Hinsicht an et kann een och ewell par procuration Abstentioun stëmmen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, et ass d'selwecht fir den Här Colombero.

M. le Président.- Mir huelen also dovunner Kenntnis, mä ech géing lech bieden, e bëssche méi roueg ze sinn. Mir stëmmen hei iwwert de Budget of an dann ass et net fir dertëscht ze schwätzen. Et geet schliesslech hei ëm Milliounen a Milliarden.

Mir fuere weider mat der Lecture.

D'Artikele 4 bis 58 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert den Artikel 1 of, deen ech am Ufank virgedroen hunn. Dat ass deen, wou de Budget säin Nidderschlag fënnt.

Hëlt d'Chamber den Artikel 1 un?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Da komme mer zum leschten Artikel iwwert d'Entrée en vigueur.

Den Artikel 59 ass gelies an ugeholl.

(Interruption)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Weiler, Dir hutt an der Finanzkommissioun refuséiert se weider ze ginn. Esou ass et gaangen. Ech brénge se déi nächste Kéier net méi an der Finanzkommissioun eran, mä hei, wat ech net seriö fannen, well et jo en Avis vum Conseil d'Etat muss ginn. Mä Dir hutt einfach refuséiert se weider ze ginn.

M. Lucien Weiler (CSV).- Ech hu gemengt, Dir hätt Är Amendementer nach eng Kéier am Plenum abruecht.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mä firwat dann? Et ass keen Avis vum Conseil d'Etat dozou do. Dir hutt refuséiert, dass et en Avis vum Conseil d'Etat dozou gëtt.

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir kënnen jo awer en Amendement unhuelen!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir wësst dach, dass mer beim Budget keen Amendement kënnen unhuelen, wann den Avis vum Conseil d'Etat net do ass! Or, Dir hutt refuséiert fir e weider ze ginn. Da stitt dozou!

M. Lucien Weiler (CSV).- Sinn all Är Amendementer fort?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ma Dir hutt se refuséiert an der Finanzkommissioun!

M. Lucien Weiler (CSV).- Dir kënnt se jo awer hei abréngen! Den Här Bodry hat se jo hei presentéiert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Si maache jo awer kee Sënn ouni Avis! Wat soll dat do?

M. Lucien Weiler (CSV).- Hutt Der se dann elo nach abruecht oder net?

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Mir schwätzen elo net vum Schnéi vum leschte Joer.

Mir stëmmen elo iwwert de Budget fir d'Joer 2001 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Budgetsprojekt sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4700 ass mat 34 Stëmme géint 26 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers,

Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Simone Beissel), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Claude Meisch).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres), M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zu de Motiounen a Resolutiounen, déi während den Diskussiounen déposéiert goufen. Mir fänken u mat der Motioun 1 vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Gewerbsteier.

Den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

Motions et Résolutions

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- „Fürchtet euch nicht“, dat ass de Slogan vun dëser Woch!

Här President, ech wollt zu där Motioun vum Kolleeg Gibéryen kuerz Stellung huelen. Déi betrëfft d'Problematik Gewerbsteier.

Dir kënnt lech erënneren, dass an der Erklärung, déi d'Regierung hei den 12. August vum leschte Joer virgeluegt huet, d'Absicht matgedeelt gëtt, d'Gewerbsteier ofzeschaffen, ënnert der Bedéngung allerdéngs, dass mer e Substitutiounsinstrument kënnen definéieren, dat sécherstellt, dass d'Finanzautonomie vun de Gemenge garantéiert ass.

Vu dass dat een Deel vun de steierreformeresche Wierker vun der Regierung ass, déi fir d'Joer 2002 ugesot sinn, ass et kloer, dass esou eng Proposition iwwert e Substitutiounsinstrument nach net virläit. Ech halen et also fir relativ anticipativ handelnd wann ee sech elo schonn, ouni dass esou e Substitutiounsinstrument virläit, doriwwer wëllt äusseren.

Vu dass ech mech awer dem geballte Wëlle vun der Chamber net kann opposéieren - dat recommandéiert d'Regierung sech nëmmen an deene seltenste Fäll ze maachen, encore que, well dann änneren d'Saache sech heiansdo ganz séier: dee geballte Wëllen hält dann am Regelfall of -, wann et de geballte Wëlle vun der Chamber ass, fir emol prinzipiell zum Ausdrock ze bréngen d'Gewerbsteier net ofzeschaffen, dann hält d'Regierung dat zur Kenntnis, wat scho vill ass, dass se dat zur Kenntnis hält, mä wann dann awer d'Regierung géif un hirem Plang festhalen, fir wa se e Substitutiounsinstrument fënnt, d'Gewerbsteier ofzeschaffen, esou dass d'Gemengenautonomie an deem Finanzdeel berücksichtegt ass, dann hätt ech ganz gär wa se sech iwwert d'Interpretatioun vun deem wat den Här Gibéryen hei virschléit eens gëtt. Well wann den Här Gibéryen a senger Motioun hei seet, dass et géif drëm goen den aktuellen Apport, deem d'Gewerbsteier duerstellt, ze garantéieren, anzebetonéieren, festzeschreiwen, da kann ech dat decément net als Invitatioun un d'Regierung onkommen-téiert unhuelen, well ech ganz einfach net weess, wéi wäit dass déi Aarbechte ronderëm dat Substitutiounsinstrument eis do féieren.

Dofir wollt ech dem Här Gibéryen, deem déi Matière do jo kennt an och weess wou hir Schwierigkeete leien, proposéieren, dass en deem Deel vu sengem Saz, wou e seet, deem Apport actuel wier ze garantéieren, géif ersetzen duerch e Saz, dee géif soen, dass Rechnung ze droe wier, bei der Festleegung vun deem Apport, deene fréieren an deenen neien, dat heescht, och deenen zukünftegen Aufgabe vun de Gemengen.

Well en fait déi Debatt, déi mer jo heibanne mussen hunn an och op anere Plaze mussen hunn, dat ass, fir une fois pour toutes, emol an där Debatt eng Kéier ze klären, wat ass d'Aufgab vum Stat a wat sinn d'Aufgabe vun de Gemengen.

De Volume vum Substitutiounsinstrument fir d'Gewerbsteier, falls et dann dozou kënnt, ass eppes wat kee mechanesche Charakter muss hunn, mä dee sech a sengem Volume, op Grond vun inhaltlechen Elementer, konstituéiert an déi Konstitutioun kann eréischt stattfanne wann een déi Debatt gekläert huet iwwert d'Opdeelung vun de Gemengen, iwwert d'Demarkatiounslinn, déi tëscht de Gemengenaufgaben an de Statsaufgabe leeft.

Ech géif dem Här Gibéryen dofir wëlle suggéréieren, einfach fir mer agreabel ze sinn, drop ze verzichten „en ordre principal“ ze soen, mä ze soen, „de main-

tenir l'impôt commercial dans la forme actuelle". Dat schéngt jo de Wëlle vu ville Leit heibannen ze sinn, an dann ze soen, „sinon de garantir le remplacement de cet impôt par un mécanisme de substitution qui respecte la souveraineté communale et qui tient compte quant à son apport des tâches anciennes et nouvelles attribuées aux communes".

Dat wier also d'Iwwerleeung. Mir kréie jo eng Debatt am Fréijoer, wann ech dat richtig verstane hunn, dass een déi Debatt iwwert d'Aufgabendeelung tëschent Stat a Gemenge géif virschalten an dann eréischt zu deene voluminösen Aschätzunge kënn.

Merci, Här President.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech mengen, no den Erklärunge vum Här Statsminister war et schéin, dass e mech esou gelueft huet. Et ass am Fong déi Resolutioun, déi de Syvicol op senger Generalversammlung ugeholl huet, wat den Text ënnert dem „invite le Gouvernement" ganz genau erëmgt.

D'Iddi, déi vum Syvicol an och vun eis ënnerstëtzt gëtt, ass déi, dass an Zukunft sollt den Impôt commercial an der Héicht, wéi en haut berechent gëtt, deeselwechte bleiwen an dass och där dynamescher Evolutioun muss Rechnung gedroe ginn. Dat sinn zwee wesentlech Punkten, déi do festgehalen ginn. Dat huet näischt domat ze dinn, ob d'Gemengen elo fréier oder nei Chargé kréien. Et ass selbstverständlech, dass wann d'Gemengen nei Chargé solle kréien, datt mer dann driwwer diskutéiere wat d'Gemenge mussen u Revenu kréien, fir deene Chargé kënnen gerecht ze ginn. Dat huet awer näischt mat der aktueller Situatioun ze dinn, wéi den Impôt commercial momentan berechent gëtt.

Dofir géing ech mengen, dass mer beim Text bleiwe wéi mer e proposéiert hunn.

M. le Président.- Den Här Finanzminister huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, wa mer géife bei där Iwwerleeung ronderëm d'Aufgabendeelung tëschent Stat a Gemengen zu där gemeinsamer Schlussfolgerung kommen, dass Partië vu Gemengenaufgaben op d'Säit vum Stat wiesselen, géif dann esou eng Motioun an der Interpretatioun heeschen, dass et bei där aktueller Finanzrepartiitioun tëschent Stat a Gemenge soll bleiwen?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech wëll feststellen, datt an deene leschte Joren et normalerweis an déi aner Richtung gaangen ass, dass d'Gemenge méi Chargé vum Stat kritt hunn a gläichzäiteg dozou hir Revenuë gekierzt kritt hunn. Wa mer emol eng Kéier an déi

aner Situatioun géife kommen, wiere mer selbstverständlech bereet driwwer ze diskutéieren.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, da war et jo an deene leschte Jore gutt, dass d'Chamber ni en Text gestëmmt huet wou dra stong, den aktuelle Volume misst bäibehale ginn, well soss hätte mer trotz dem Iwwerdroe vun neien Aufgaben de Gemengen net vill supplementar finanziell Mëttel kënnen zoukomme loossen.

Ech géif also bieden, dass een déi Rasonnementer, déi ronderëm d'Aufgabe vum Stat a vun de Gemenge gravitéieren, soll eescht huelen. Leschten Enns geet et eis drëm, dass mer alleguer zesumme mussen dofir suergen, dass d'Gemengen déi adequat Finanzmëttel zur Verfügung gestallt kréien an dat steet an Ärem Text, mat där Interpretatioun, déi Der hutt.

Dat ass eng Interpretatioun vum Status quo, vum Afréieren a vum Stoebleiwen an där Interpretatioun, déi d'Regierung deem Text gëtt, andeems se eng explizit Auswagung vun deemselwechte virleet.

Ënnert dem Stréch kënn bei deenen zwee eraus, datt mir musse gemeinsam festleeën - am Budget mécht een dat iwwregens -, wéivill Finanzmëttel datt de Stat soll de Gemengen zur Verfügung ginn. Woubäi ech déi Ausdrocksweis net gären hunn, well d'Gewerbesteier ass eng kommunal Steuer an net eng Steuer, déi d'Gemenge vum Stat kréien.

Mir sinn eis an der Saach u sech eens, wa mir - vu datt mir eis keng Stonn kënnen domat ophalen - zur Konklusioun kommen, fir dat an d'Gemengen- oder an d'Finanzkommissioun ze verweisen, fir d'Virbereedung vun där Debatt, déi mir am Fréijor sollen hunn iwwert d'Opdeelung vun de Mëttel tëschent dem Stat an de Gemengen. Da sinn ech och selbstverständlech mat esou enger Proposition d'accord.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech menge mir sollen déi Motioun hei zum Vote bréngen. Et soll jiddferee Faarf bekennen. Et hunn 108 Gemengen hei am Land déi do Meenung eestëmmeg gedeelt. Wéi gesot, ass eng ganz grouss Majoritéit heibannen, déi schonn déi Motioun eng Kéier matgestëmmt huet, esou datt ech mir net ka virstellen, datt déi haut géifen anescht stëmmen. Ech gesinn net an, firwat se nach eng Kéier soll an eng Kommissioun verweise ginn.

D'Gewerbesteier ass eng Gemengesteier, an d'Gemengen halen drop, datt se soll bestoe bleiwen. A wa se géif ersat ginn, da soll se, wat den Apport ubelaangt, fir d'Evolutioun dynamesch bleiwen, esou wéi dat elo de Fall ass. Dat ass reng um Niveau vun de Gemengen. Wann de Stat - ech wëll dat nach eng Kéier soen - an d'Gemenge sech eens ginn, datt do Verschiebung kommen, wat d'Kompetenzen

ubelaangt, dann ass et selbstverständlech, datt zu deem Zäitpunkt och muss iwwert d'Finanzéierung vun deene Kompetenze geschwat ginn.

Mä, wéi gesot, do si mir nach net. Mir sinn elo an enger Situatioun, wéi se elo eben ass. Dofir ass déi hei Motioun an där Form richteg, an ech hale se an där Form oprecht an ech hätt gär, datt et soll doriwwer zur Ofstëmmung kommen.

M. le Président.- Den Här Finanzminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, ech verstinn ënnert deem Wuert „actuel“, datt et prinzipiell bei de Relatiounen tëschent dem Stat an de Gemengen, wat d'Finanzgebahren ubelaangt, bleift.

Den Här Gibéryen huet am Géigesaz zu mir - deen Dag wou de Syvicol doriwwer ofgestëmmt huet - en individuellt laangt Gespréich mat 108 Gemengevertrieeder gefouert. Ech hunn der nëmme mat 20 oder 30 gefouert. Jiddferree versteet deen Text, a wat dat Wuert „actuel“ doran heescht, anescht.

Wa mir awer hei an der Chamber decidéieren, datt jiddferree dat selwecht ze verstoen huet wéi den Här Gibéryen, da soll d'Chamber dat maachen. Mä ech mengen net, datt dat de Wëllen integral vun de Buergermeeschteren - wat responsabel Leit sinn -, déi an der Syvicol-Generalversammlung waren, reflektéiert.

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech froen op Grond vum Artikel 81 vun eisem Reglement d'Prioritéit fir d'Motioun 17.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech wollt nach op dat äntwerten, wat den Här Statsminister elo zum Schluss gesot huet, nämlech datt et onverantwortlech wär wat hei géif presentéiert ginn. Ech mengen, dat ass eng Proposition, déi vun 108 Gemenge kënnt. Wann ech de Syvicol gutt verstanen hunn, dann hunn déi mat der Regierung Diskussiounen gefouert. Dat gëtt jo och an hirer Resolutioun opgefouert. Op Grond vun deenen Diskussiounen, déi mat der Regierung gefouert gi sinn, ass déi Resolutioun proposéiert ginn.

Wann ee seet, dat hei wär onverantwortlech, dann ass dat net direkt u meng Adress geriicht, mä dann ass dat un déi 108 Gemenge geriicht, déi déi Resolutioun de 27. November gestëmmt hunn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, ech loossen net méi duerch, datt den Här Gibéryen - dat ass zwar seng Konscht - engem d'Wierder am Mond verdréit. Ech hunn net gesot dat wär onverantwortlech. Ech hu gesot, ech wär iwwerzeegt dovun, well ech et weess, datt déi 108 Buergermeeschteren dat

net alleguer genau esou op de Millimeter verstéi wéi den Här Gibéryen. Huet Är Kollege méi seriö, Här Gibéryen!

Des voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn hei am Kader vun enger Diskussioun a vu Methode bei eisem Budget, déi héich interessant sinn. Mir hunn um Enn vun der leschter Woch e Premier Ministre héieren, deen engem Minister en Ultimatum gestallt huet.

Mir hunn awer haut nach, mengen ech, eng drop ze leeën, an dat mat neie Weeër, déi begaange ginn an déi sech menger Meinung no op der „Messers Schneide“ bewegen, an zwar wat déi normal Zesummenaarbecht vun enger Koalitioun ugeet am Intérêt vum Land.

Hei ass jo awer e ganz formidabele Virgang, Här Weiler. D'CSV an d'DP soutze 6 Wochen am leschte Summer zesummen an hunn decidéiert, fir d'Gewerbesteier ofzeschaffen. Elo, Här Premier Ministre, kommt Dir a proposéiert am Numm - huelen ech un - vun deenen zwou Majoritéitsparteien eng Motioun, déi sech selwer un lech riicht a wou Dir draschreift, datt den Impôt commercial, ënnert där Form wéi en elo besteet, soll bäibehale ginn.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, trotzdem eng Entwécklung hei am Lëtzebuerger Parlament, déi héich interessant ass an ech soen lech, datt et Freed mécht hei zu Lëtzebuerg Politik an der Oppositioun ze maachen, well heimat - mat där Motioun - am Intérêt vun deenen 118 Gemengen, déi mir hei am Land hunn, deenen e Stee vum Häerz fält. Well an alle Gemengen am Land, wou dëst Joer an och dat Joer virdrun, de Budget gestëmmt ginn ass, war eng grouss Angscht do an et huet eng Onsécherheet bestanen, fir Pläng fir d'Zukunft ze maachen.

Mat där Motioun, Här Statsminister, soen ech lech merci am Numm vun deenen 118 Gemengen, datt Dir Är eege Proposition, déi Dir am Regierungspakt gemaach hutt, heimat zréckzitt.

Merci.

M. le Président.- Den Här Finanzminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Ech wär scho laang fäerdeg, wann ech net dauernd erëm misst d'Wuert ergräifen. Ech wëll dem Här Asselborn soen, datt ech him dankbar sinn, datt dat wat hien elo gesot huet, och scho geschriwwen ass, da brauch hien et net duerno ze liesen. Well dat do war jo schonn de leschte Samschdeg am Escher Tag- und Nachtblatt an allen Detailler nozeliesen.

Dat zweet wat ech lech wëll soen, Här Asselborn, ass datt ech kengem Minister en Ultimatum gestallt hunn. Dir kommentéiert jo net Radiosnorichten, mä dat wat ech gesot hunn. Dat sinn zwou verschidde Saachen. A wann ech een ze stellen hätt, dann hätt ech et och esou genannt.

Drëttens, an der Regierungserklärung steet, datt d'Gewerbesteier géif ofgeschaaft ginn, ënnert der Bedingung, datt mir en Ersatzinstrument géife fannen, wat eng équilibréiert a proportional Applikatioun wär.

Wann Dir esou begeeschtert sidd, Här Asselborn, fir der Regierung an all hiren Initiativen ze folgen, a wann Dir jo esou vill Freed un Ärem aktuellen Zoustand ëmfannt, géif ech lech einfach bidden, fir eng Motioun anzebréngen, wou genau dat drasteet, wat am Regierungsprogramm steet, da sidd Dir nämlech integral mat lech selwer a mat eis d'accord.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt just soen, datt meng Fraktioun e Refus de vote mécht bei der Ofstëmmung vun der Majoritéitsmotioun. Well mir wëllen domat d'Feigheet vun der Majoritéit stigmatiséieren, fir net musse Faarf ze bekenne beim Här Gibéryen senger Motioun.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, hei ass d'Prioritéit fir d'Motioun 17 verlaangt ginn. Dat ass laut dem Artikel 81 vun eisem Reglement zouläseg. Mir stëmmen elo doriwwer of a mam Vote vun dëser Motioun ass déi aner automatesch ofgelehnt.

Mir stëmmen dann elo iwwert d'Prioritéit fir d'Motioun 17 of.

Vote

Déi fir d'Prioritéit fir d'Motioun 17 sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Prioritéit fir d'Motioun 17 ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen a 25 Neen-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Paul Helminger).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par Mme Lydie Err), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-

Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Elo stëmmen mer iwwert d'Motioun 17 of. Ass de Vote électronique gefrot?

(Affirmation)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech wëll virausschécken, datt op Grond vun der Aart a Weis wéi dat elo hei virsechgaangen ass, mir net um Vote wäerten deelhuelen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, mir schléissen eis deem och un.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, et ass eng Propositioun gemaach ginn, fir d'Motioun vum Här Gibéryen ze adaptéieren. Dann hätte mir déi jo gestëmmt. Fir elo hei vu Feigheet ze schwätzen, ass awer relativ einfach.

Wann den Här Gibéryen hei e minimale Schrëtt op eis zougemaach hätt, dann hätte mir déi Motioun gestëmmt. Mä ënnert deenen do Ëmstänn, ouni e bëssche gudde Wëlle vu senger Säit, hu mir dat net gemaach.

M. le Président.- Mir stëmmen elo iwwert d'Motioun 17 of.

Vote

Déi fir d'Motioun 17 sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 17 ass ugeholl mat 35 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun. Domat ass dem Här Gibéryen seng Motioun verworf.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot

Belling), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Claude Meisch).

S'est abstenu: M. Aloyse Bisdorff.

Mir kommen dann elo zu der Motioun 2 vum Här Gibéryen iwwert de Fonds communal de dotation financière. Déi Motioun huet nach keng 5 Ënnerschrëften.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech hat nëmmen eng Ënnerschrëft gemaach, fir de Kollegen aus deenen anere Fraktiounen och d'Méiglechkeet ze ginn, fir kënnen do mat ze ënnerschreiwen, well och deen Deel vun der Resolutioun vum Syvicol praktesch vun alle Parteien op der Generalversammlung gedroe ginn ass. Ech wollt dofir och d'Méiglechkeet oploossen, fir datt all Partei se kéint ënnerschreiwen. Wann net genuch Ënnerschrëften do wäeren, dann hätte mir der selbstverständlech och genuch.

M. le Président.- Wie wëllt déi Motioun nach ënnerstëtzen? D'Motioun, déi nëmmen eng Ënnerschrëft beim Dépôt gedroen huet, gëtt elo mat ënnerschriwwen vun den Häre Camille Gira, Fernand Greisen, Aly Jaerling a Robert Mehlen.

Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, an där Motioun gëtt gefrot, datt de Fonds communal de dotation financière adaptéiert gëtt „aux fluctuations annuelles des recettes fiscales de l'Etat“. Ech stelle fest, datt dat de Fall ass.

Dat ass e Prozentsaz vu verschiddene Steieren, zum Beispill 10% vun der TVA an heibanne sinn der, déi déi aner Steiere besser kennen. D'TVA ass dëst Joer - an dat hat ech a menger Budgetsried gesot - ëm 4,5 Milliarde méi héich wéi mir dat virgesinn haten. Domat geet automatesch deen Deel, deen aus der TVA-Recette an dee Fong geet, och erop. Dofir ass en automatesch lié aux fluctuations annuelles des recettes fiscales.

Dofir gesinn ech iwwerhaupt net wat hei gefuerdert gëtt. Wat hei dra steet ass en fait déi aktuell Gesetzeslag. Dofir - mengen ech - sollt een déi Motioun oflehnen, well se eigentlech näischt Neies bréngt.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech deelen d'Meenung vum Här Minister net. Dat wat hei gemengt ass, ass déi global Evolutioun, déi de Statsbudget all Joer huet. Déi ass dëst Joer bei 12,7%. Deen Deel, deen un d'Gemenge vum Stat transféréiert gëtt, huet eng Progressioun vun eppes iwwer 8%.

Hei an der Resolutioun ass am Fong domat gemengt, datt d'Statsrecetten an d'Gemengerecetten - global gesinn - missten déiselwecht Evolutioun hunn. Esou

ass se zumindest op der Generalversammlung vum Syvicol erkläert ginn.

Et ass kloer, dass d'Gesetz am Abléck festleet, wéi d'Transfere si vun deene verschiddene Steieren a wéi se opgedeelt sinn. Mä hei ass gemengt, dass global gesinn d'Augmentatioun vun den Transfere vis-à-vis vun der Gemeng soll déiselwecht Progressioun hunn, wéi de Statsbudget se huet.

Här Halsdorf, sidd Dir net och am Comité vum Syvicol?

M. le Président.- Här Gibéryen, et ass net, fir hei Zwiegesprécher mat deenen aneren Deputéierten ze féieren.

Mir stëmmen elo iwwert d'Motioun 2 of.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 2 ass mat 34 Stëmme géint 26 ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par M. Lucien Lux);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling).

Mir kommen zur Motioun 3, déi vum Här Gibéryen agereecht ginn ass. Mir kënnen direkt driwwer ofstëmmen.

Vote

Déi fir d'Motioun 3 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 3 ass mat 45 Nee-Stëmme géint 7 Jo-Stëmme bei 5 Enthaltungen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling);

M. Jean Asselborn, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo).

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Mir kommen zur Motioun 4, déi agereecht ginn ass vum Här François Bausch.

Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech fannen et e bësse schued, dass d'Regierung net zu der Motioun Stellung hält. Ech wëll drop hiweisen, dass dës Motioun genau identesch ass mat där, déi ech an der leschter Legislaturperiod bei de Fonds de pension abruecht hat, an ech hu se dofir express nach eng Kéier abruecht, well deemools hat de Minister gesot, se sollt an d'Finanzkommissioun verwise ginn, fir do diskutéiert ze ginn; et wär en interessanten Usaz.

Dat ass awer ni geschitt, a vu dass ech weess, dass wann eng Legislaturperiod eriwwe ass, all déi Motiounen da caduque sinn, hunn ech se nach eng Kéier abruecht. Ech hätt mech interesséiert, ob d'Meenung vum Budget- a vum Finanzminister elo geännert huet op haut oder ob dat nach ëmmer déiselwecht ass?

M. le Président.- Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, dofir hunn ech elo grad net d'Wuert gefrot, well ech wollt d'Chamber net zweemol mat deene selwechten Aussoe belästegen. Ech sinn awer gäre bereet nach eng Kéier dozou Stellung ze huelen.

Ech hunn deemools gesot, dass een alles ka studéieren. Mir hunn awer virun allem deemools vu Pensiounsfrage geschwat. Wat déi Fonds d'investissement à caractère éthique ubelaangt, esou ass dat ganz sécher emol éischters en dehnbare Begrëff. Mir sinn der Meenung, dass een déi eenzel Fonds d'investissement muss no engem Steuersystem behandelen, an dass et virun allem um Comportement vum Investisseur ass, fir ze decidéieren, wat no senger subjektiven Appréciationen déi Fong sinn, an déi e soll investéieren, an dass et net onbedéngt um Stat ass, fir eng Différenciatioun ze maachen an am Ministère ze decidéieren: Deen do fält drënner an deen do fält net drënner. Et ass also eng Saach, déi an der Praxis och ganz schwieereg ëmsetzbar ass.

Ech kann lech widderhuelen, dass mir dat studéieren. Ech hat deemools scho Stellung derzou geholl, an ech kann lech soen, dass all déi, mat deenen ech driwwer geschwat hunn, soen, dass dee Modell an der Praxis net ëmsetze wär, dass ee soll d'Investmentfongen alleguer d'selwecht behandelen, an et souwéiso ganz vill Bierger gëtt, déi ganz genee op der Bank kucken a soen: „Ech hätt gären Aktien dovun an dovun“, an déi maachen hir Selektivitéit selwer. Déi Motioun hei ass en l'état actuel des choses net ëmsetzbar.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech muss lech soen, ech sinn awer elo immens iwwerrascht iwwert déi do Ausso, well mer hunn eng speziell Gesetzgebung, nämlech d'Loi Rau, fir spezifesch Fonds d'investissement, wou mir eis Résidente speziell steierlech begünstegen par rapport zu verschiddene Fonds d'investissement, wou e gewëssene Prozentsaz vun deem Fong a Lëtzebuerger Betriber investéiert. A wann et do méiglech ass, da muss et jo awer och an deem heite Kontext méiglech sinn, eppes ze maachen.

Ech sinn enttäuscht iwwert dem Budgetminister seng Aussoen, well an der Schwäiz gëtt et längstens Législatiounen an deem do Beräich. An England gëtt et der och. An Holland gëtt et och spezieller. Ech hat mir éischter erwaart, dass entre-temps an deene leschten dräi Joer, vu dass d'Finanzplaz, a virun allem den Image vun der Finanzplaz jiddferengem esou um Härz läit, dass en dat do am Detail an der Zwëschenzäit e bësse méi genau gekuckt hätt an eis hei hätt kënne méi konkret Propose maachen.

Ech géing awer nach eng Kéier een Appel maachen, soit dass déi Motioun hei esou gestëmmt gëtt, well déi Motioun seet jo näischt anescht aus, wéi dass dat soll

analyséiert ginn, an dass ee sech emol am Detail mat deene Gesetzgebunge befaasst, oder dass d'Finanzkommissioun et soll op de Métier huelen, awer da muss se sech natierlech och d'Moyene ginn, fir dat ze kucken. Dat hei ass e bëssen ähnlech wéi bei der Ökofiskalitéit, dass mer dat net eng Kéier an der Finanzkommissioun esou sommaire diskutéieren; hei musse mer am Detail kucke mat Experten, wat een do ka maachen a wat een net ka maachen.

Ech géing et schued fannen, wa mer déi do Geschicht géingen einfach mat engem Handstréch vum Dësch feegen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Finanzminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, et géif mir och Leed dinn, wann een einfach esou, obschonn d'Erklärunge vum Budgetsminister mer aliichten, iwwert déi Motioun géif ewechgoen, iwwert dee Begrëff vun „ethesch investéieren“. Deen ass mer scho wäertvoll genuch, dass een net elo den Androck gëtt, doduerch dass een dës Motioun - an där Form wéi se elo hei läit, ass se och net unzehuelen -, géif rejeitéieren, dass een domat d'Iddi vum etheschen Investéieren ausgesat hätt.

Vu dass mer aus den Diskussiounen bei eis am Haus wëssen, dass et extrem schwierig ass, well mer haapt-sächlech international Investitiounsfongen hei hunn, fir erauszefannen, wien dann do deen etheschen Ustréch verdénkt a wien net - well et geet net duer, dass een de Stempel drop setzt, et wier een en ethesche Fong, fir dass d'Verwaltung einfach seet: „Elo sidd Dir en ethesche Fong“, do kann een emol heiansdo ganz gelungen Iwwerraschunge kréien, wann een emol d'Ethik hannerfroet geet -, dofir géif ech dem Här Bausch proposéieren, wann en domat kann d'accord sinn, déi Motioun net zur Ofstëmmung ze bréngen, mä dass hie selwer emol eng Kéier géif esou eng Grille de lecture éthique opstellen. Sot eis emol eng Kéier, wat fir Kritären, dass dat solle sinn, an da studéiere mer déi Kritären. Eng Proposition de loi oder iergendwéi eng aner Initiativ, déi eis et an der Verwaltung erlaabt, dat do genau ze kucken.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, selbstverständlech liwweren ech gären der Finanzkommissioun an och der Regierung eng ganz Rei zimlech zolidd Bicher iwwert deen do Beräich. Ech wëll lech och soen, et brauch een nëmmen op Internet ze goen an an der Schwäiz ze kucken. An der Schwäiz gëtt et souguer an der Zwëschenzäit e Kartell vun deene Banken, déi sech spezifesch mat deene Fonge beschäftegen, wou versicht ginn ass, Regeln opzestellen.

Ech hu guer kee Problem. Ech beliwwere ganz gären d'Finanzkommissioun an d'Regierung mat deenen

Ennerlagen an der Hoffnung, dass et net dobäi stoe bleift, an déi dann do schubladiséiert ginn, mä dass mer och eng Diskussioun driwwer féieren.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, ech brauch keng Bicher.

D'Regierung ass ënnerschiddlech fäeg, sech als Internaut ze betätigen. Dat muss ech zouginn, mä déi Dokumenter sinn eis zougänglech. Dass d'Schwäizer Schwierigkeeten hunn am Ëmgank mat hiren eegene Regeln, ass allerdings och zougänglech gemaach ginn, an dofir wier ech dem Här Bausch dankbar, wann hien als solchen, wéi de Kant gesot hätt, géif einfach esou e Grillage opstellen.

Bicher zesumme liesen, dat ass interessant, mä d'Konklusiounen aus de Lecturen ze zéien, hätt ech gäre vum Här Bausch gezunn an da kucke mer, ob mer domat kënne liewen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, wann ech, fir dat do kënne ze maachen, kann zrückgräifen op verschidden Administratiounen vum Stat a Beamten...

(Interruptions diverses)

Ech wëll verschidde Leit drun erënneren, a wat fir engem Spill mer hei sinn, wou d'Majoritéit ass, a wou d'Regierung sëtzt, déi e ganzen Apparat zur Verfügung huet, fir Recherchen ze maachen an alles duerchrechnen ze loosse, an d'Oppositioun, déi dat net huet. Déi Differenz wäert et nach erlaabt sinn, hei ze maachen.

Wa mir déi Méiglechkeete kréien, dass mer kënne op sämtlech Administratiounen zrückgräifen, fir déi ze beoptragen eis verschidde Saachen duerchzerechnen, dann hu mer kee Problem a si gäre bereet, dat ze maachen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, d'Schwierigkeet ass net esou séier d'Rechnen; d'Schwierigkeet ass, fir ze wëssen, wat ee soll rechnen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Och de juristischen Apparat.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Mir kënne deen Apparat dréine loosse. Mir hunn en dréine gelooss, et ass ee geflunn. Méi hu mer nach net gesinn. Dee stelle mer lech ganz gären zur Verfügung, fir dass Dir en iwwerzeegt kritt, wann Dir mengt, dat wier esou einfach.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech hunn net gesot, et wier einfach.

M. le Président.- Sidd Der d'accord, déi Motioun en suspens ze halen, Här Bausch?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech ginn dervun aus, dass dës Motioun an d'Finanzkommissioun verwise gëtt a mir do driwwer schwätzen.

M. le Président.- Kee Problem.

Mir kommen un d'Motioun 5, déi och vum Här Bausch abruecht ginn ass. Mir stëmmen direkt driwwer of.

Vote

Déi fir d'Motioun 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 5 ass mat 33 Stëmme géint 25 bei 2 Enthaltungen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Jos Scheuer);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Paul Helming), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel).

Se sont abstenus: M. Xavier Bettel;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen zur Motioun 6, déi vum Här Bausch abruecht ginn ass. Den Här Statsssekretär Berger freet d'Wuert.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Här President, dës Motioun ass gedroe vun der Suerg, fir bei der Centrale turbine-gaz-vapeur zu Esch e bessere Rendement ze erreechen. Déi Suerg gëtt och vun dëser Regierung gedroen. Ënner anere huet den Ëmweltminister a sengem CO₂-Strategie-Pabeier dovun geschwat.

Et ass awer esou, dass mer do amgaang sinn, eng Rei Elementer zesammenzesichen, dass mer Iwwerleeunge féieren, wéi ee kënnt dee Rendement verbessern. Dat kann doduerch geschéien, dass ee Wäermt ofkoppelt. Mir sinn amgaang an der Administratioun drun ze schaffen, fir do verschidden Iddien weider ze developéieren.

Mir sinn eis awer och bewosst, dass een net einfach ee Pabeier do kann ausschaffe vum Environnement, mä esou eng Strategie, esou e Konzept muss ëmgesat ginn am Verbond mat anere Partner, zum Beispill mat der Gemeng Esch. Mir hate scho verschidde Gespréicher iwwer verschidden Iddien, déi um Dësch sinn. Et muss een eventuell och nach mat anere Partner aus der Industrie esou e Konzept ëmsetzen.

Mir schaffen un esou engem Konzept, hunn awer elo e bësse Bedenken, fir eis an e Carcan erasetzen ze loossen, an d'Chambersprozedur, et muss eng gewësse Souplesse bleiwen. Ech proposéieren, dass d'Chamber dës Motioun géif oflehnen, gewosst awer, dass mer weider un deem Projet schaffen.

Och hu mer e kleng Problem vun der Form hier. Do gëtt gefrot, fir dat ze verweisen un d'Commission de l'Environnement et de l'Aménagement du Territoire. Esou eng Kommissioun gëtt et de Moment an der Chamber net.

Merci.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech muss soen, déi laang Erklärung vum Här Berger, wou en nach eng Kéier resuméiert huet, wat an de Consideranten dra steet, dat steet gutt am Chambersbericht, mä huet näischt zu der Motioun bäigedroen.

Da sinn ech awer erstaunt, well an dëser Motioun steet näischt anescht dran, wéi dass esou e Konzept soll entwéckelt ginn. Ech si gäre bereet, de Feeler iwwert d'Kommissioun ze revidéieren, vu dass an dëser Regierung déi Trennung virgeholl ginn ass vum Aménagement du Territoire vum Environnement ewech. Leider, géing ech souguer soen.

Ech proposéieren, dass mer Aménagement du Territoire an der Motioun sträichen. Dat ass e kleng Stilfeeler, mä ass dat net.

Da schéngt et mir awer eng Selbstverständlechkeet ze sinn, wann déi Regierung do sech eens ass iwwert e Konzept, a wat fir enger Form och ëmmer, dass se dat eng Kéier an déi Kommissioun presentéiere kënnt. Ech ka mer net virstellen, dass d'Regierung, déi ganz staark op Transparenz an Dialog hält, herno net bereet wär, der Kommissioun dat do presentéieren ze kommen.

An dëser Motioun steet schréfflech genau dat, wat den Här Berger elo mëndlech gesot huet. Dofir verstinn ech net, firwat dass se soll ofgelehnt ginn. Ech

weess net, wat der Majoritéit hir Meenung ass, dat war elo der Regierung hir Meenung. Wann d'Majoritéit sollt der Meenung sinn, dat hei ofzelehnen, dann hale mir op e Vote électronique.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert d'Motion 6 modifiée of, déi elo folgende Wuertlaut huet:

Motion 6 modifiée

La Chambre des Députés,

considérant que le Luxembourg s'est engagé à réduire ses émissions à effet de serre de 28 % pendant la période 2002-2012 par rapport au niveau de 1990;

considérant que le Gouvernement entend mettre cette stratégie en application à l'aide de 6 axes majeurs d'intervention politique;

considérant que l'un des axes vise à améliorer l'efficacité énergétique dans la production d'énergie;

considérant que la centrale TGV actuellement en construction à Esch/Raemerich restera contraire à cet axe d'intervention aussi longtemps que le découplage de l'énergie thermique disponible ne sera pas opéré;

invite le Gouvernement

à élaborer un concept visant à découpler un maximum de la chaleur disponible à la centrale TGV;

à soumettre ce concept à la Commission de l'Environnement de la Chambre des Députés.

Vote

Déi fir d'Motion 6 modifiée sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motion 6 modifiée ass mat 32 Stëmme géint 28 ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Paul-Henri Meyers et Marco Schank;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par Mme Lydie Err), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-

Faber, MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. John Schummer), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Niki Bettendorf).

Da komme mer elo zu der Motioun 7. Déi ass och vum Här Bausch an handelt iwwert d'Astellungsprozedure beim Stat.

Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, gëschter war den Här Schaack hei an huet mir gesot, hie géif déi Motioun hei perséinlech sympathesch fannen. Mä vu datt den Här Schaack an der Regierung ass an net zoustänneg ass fir ze decidéieren, wat d'Majoritéitsparteien hei eigentlech solle stëmmen, wéisst ech gär vun de Majoritéitsparteien, wat dann elo hei geschitt, ob se bereet sinn déi Motioun unzehuelen, jo oder neen.

M. le Président.- Den Här Statsminister huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, huet den Här Schaack dat an der öffentlecher Sitzung gesot?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Hien huet mir dat hei am Couloir gesot.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Ah, bon. Dat ass déi nei Method heibannen. Mä d'Regierung hält awer déi Motioun selbstverständlech un, well den Här Schaack seet an de Couloir genau datselwecht wéi d'Regierung heibannen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, si sinn och d'accord mat där Motioun, déi mir gestallt hunn. Vu mir aus kënne mer dann déi zwou mateneen ofstëmmen. Et handelt sech do ëm d'Motioun 21.

M. le Président.- Mir stëmmen dann elo iwwert d'Motioun 7 of.

Vote

Déi fir d'Motioun 7 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

D'Motioun 7 ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen dann elo zu de Motiounen 8 bis 14. Déi huet den Här Bisdorff déposéiert a se droen am Moment nëmmen eng Ennerschrëft. Wien ass nach bereet déi Motiounen ze ënnerstëtzen? Déi Motiounen ginn nach ënnerstëtzt vun den Häre François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira a Jean Huss.

Mir stëmmen dann elo iwwert d'Motioun 8 of.

Vote

Déi fir d'Motioun 8 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

D'Motioun 8 ass ofgelehnt.

Da komme mer zu der Motioun 9 vum Här Bisdorff iwwert d'Regionalpolitik.

Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, dozou besteet eng aner Motioun mat deemselwechten Inhalt oder an deemselwechte Kontext. Dat ass d'Motioun 18. Ech géif also insistéieren, datt d'Motioun 18 soll diskutéiert ginn. Wann déi ugeholl gëtt, géif ech meng fale loosse.

Déi Motioun 18 huet am Fong geholl deeselwechten Inhalt an dréit och fënnf Ennerschrëften. Ech géif also proposéieren, datt mir iwwert déi géingen ofstëmmen.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, dat wat an der Motioun 9 steet an dat wat an där méi spéit agerechter Motioun 18 steet, behandelt Elementer a Segmenter vu lëtzebuerger Geschehen an europäescher Politik, déi hir Wichtigkeet hunn. Ier ee sech iwwert de Fong vun där Motioun ausschwätzt an deem esou eng instrumental Verlängerung gëtt ënnert der Form vun Zukunftsdëscher oder Groupes de travail, wär et vläicht gutt, wann een déi géif an d'Ëmweltkommissioun iwwerweisen, déi jo souwiso amgaangen ass eng méi grëndlech Debatt iwwert dës Froen an ähnlecher an domat zesummenhängender ze féieren, fir datt een dat an engem Gesamtpak kann zur Kenntnis huelen.

Ech wollt op alle Fall dem Här Bisdorff soen an dem Auteur vun där anerer Motioun, datt déi Soucien, déi an där Motioun opgelëscht sinn, Soucië vu jiddferengem solle sinn a mir sollen eis och zesummen drëm bekëmmere, mä wa méiglech an engem Konsens. Dofir wär et de Wonsch vun der Regierung wann dat géif eng Abettung fannen an déi méi breet Aarbecht, déi souwiso amgaangen ass gemaach ze ginn.

M. le Président.- Sidd Dir d'accord fir déi Motiounen un déi zoustänneg Kommissioun ze verweisen, esou wéi den Här Statsminister dat proposéiert huet?

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- D'Haaptsaach ass, et gëtt eppes gemaach!

M. Lucien Weiler (CSV).- Ech hu mir soe gelooss, datt am Januar e groussen Hearing ass, wou während Deeg all Organisatioun ëmfaange gëtt, déi mat där ganzer Problematik vum Développement durable um Plan national ze dinn huet. Do gëtt deen Développement durable analyséiert. Dat geet an déiselwecht Direktioun wéi dat wat mir hei proposéieren. Dofir si mir

d'accord, datt eis Motioun an déi Kommissioun geschéckt gëtt, fir datt déi ka kucken a wéi wäit et Iwwerschneidungen hei ginn an a wéi wäit déi Aarbecht, déi mir hei proposéieren, scho vun där Kommissioun gemaach gëtt.

M. le Président.- Zitt Dir Är Motioun dann zréck, Här Bisdorff?

(Affirmation)

Dann ass dat esou ugeholl.

Da komme mer zu der Motioun 10 vum Här Bisdorff iwwert de Fonds communal de péréquation conjoncturelle. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- No enger Ufro, déi den Här Gusty Graas gestallt huet, geet jo doraus ervir, datt dee Fonds de péréquation conjoncturelle elo gespeist ass mat 1,5 Milliarden, an datt en iwwer fënnf Joer iwwerhaapt kee Mouvement gewisen huet.

Et ass eiser Meenung no dofir onsënneg, fir nach weider ze fueren dee Fong do ze speisen. Dofir soll dat, wat d'Gemengen do abezuelen, gestoppt ginn an déi Zësen, déi op deem Fong entstinn, sollen an dee Fonds communal de dotation financière erakommen, fir datt dann déi Zëse kënnen ënnert de Gemenge verdeelt ginn.

Wa mol erëm eng Kéier Gemengen an eng Situatioun kommen, wou se op dee Fong mussen zréckgräifen, da kann ee jo déi Speisung erëm ophuelen. Mä elo huet et keen Zweck fir dee Fong do weider ze speisen. Dat ass den Inhalt vun där Motioun hei.

M. le Président.- Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert gefrot.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, wéi den Här Bisdorff elo grad mat Recht gesot huet, ass dat e Fong, deen an enger Krisesituatioun kann en faveur vun de Gemenge spillen. Ech muss awer dem Här Bisdorff soen, datt an deene leschte Joren - an et sinn der vill - weder de Stat, nach d'Gemengen iergendee Frang an dee Fong ginn hunn.

Da mécht op d'mannst deen éischten Tiert, deen hei gefrot ass, kee Sënn. Do steet: „à renoncer à faire doter ce fonds par les communes“. Dee gëtt am Moment weder vun de Gemengen, nach vum Stat dotéiert. Dat ass an de leschte 5, 10 Joer net gemaach ginn. Op alle Fall an där Zäit wou ech Budgetsminister sinn, huet de Stat keng Suen dora ginn. Dat geschitt also net. An déi, déi hei Gemengeresponsabilitéit hunn, kënnen dat - wat hiren Deel ubelaangt - bestätegen. Ech weess et op d'mannst wat de Stat ubelaangt.

M. le Président.- Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Wann dat esou ass, wéi den Här Minister et elo gesot huet, dann ass den

éischten Tiret hifälleg. Da bleift eben deen zweeten Tiret. D'Fro, déi sech stellt, ass déi ob en dee wëllt acceptéieren. Well de Fong gëtt duerch déi Zënsen, déi all Kéier do entstinn - et si ronn 30 Milliounen d'Joer - ëmmer méi grouss. Dat sinn am Fong geholl Zënsen, déi de Gemenge missten zegutt kommen.

M. le Président.- Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Zum zweeten Tiret géng ech gär soen, datt wann een e Reserveninstrument fir Krisesituatiounen huet, da soll een dat och fir déi Krisesituatiounen bäibehalen an et soll een net d'Sue virdrun ausginn, datt wann d'Kris kënnt, een da keng méi huet.

Dofir sinn ech der Meenung, datt een dee Fong, mat senger Dotatioun a sengem klengen Apport deen en un Zënse kritt, soll esou si loossen. D'Reserven - ech hunn dat bei de Statsreserven erkläert - brauch een och fir d'Zukunft, a bei där Politik, déi een haut mécht, soll een och heiansdo u muer denken. Ech hoffen, datt déi Kris net antrëtt wou mir déi Sue brauchen.

D'Origine vun deem Fong, deen iwwregens eng Base légale huet, gesäit vir, a Krisenzäiten ze intervenéieren; wann eng Dépression économique ass, steet am Gesetz. Ech mengen, mir sollten dee Fong fir de Moment net touchéieren. D'Gemengen an de Stat géife gutt drun dinn, wa si sech dat Reserveninstrument géifen integral erhalen.

M. le Président.- Mir stëmmen also iwwert den zweeten Tiret of. Dir hutt d'Erklärung vum Här Minister héieren, fir dee Fong bestoen ze loossen an déi 30 Milliounen Zënsen net unzepaken.

Mir stëmmen dann elo iwwert d'Motion 10 modifiée vum Här Bisdorff of.

Motion 10 modifiée

La Chambre des Députés

- *considérant que les avoirs du fonds communal de péréquation conjoncturelle, alimenté par les communes, s'élèvent actuellement à 1,5 milliard de francs;*

- *considérant que depuis des années aucune commune n'a dû avoir recours à ce fonds destiné à couvrir un éventuel découvert dans les budgets ordinaires des différentes communes;*

- *considérant la situation économique actuelle et les prévisions économiques pour l'avenir;*

invite le Gouvernement

- *à transférer les intérêts qu'il porte sur le fonds de dotation communale.*

Vote

Déi fir d'Motioun 10 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

D'Motioun 10 ass ofgelehnt.

Da komme mer zu der Motioun 11 iwwert d'Waasser-taxen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert gefrot.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Et ass d'Propositoun gemaach ginn, fir déi hei an d'Kommissioun ze verweisen an ech sinn domat averstanen.

M. le Président.- Dann ass dat esou décidéiert. Da komme mer zu der Motioun 12 vum Här Bisdorff iwwert d'Aféierung vun enger Negativsteuer.

Mir stëmmen dann elo iwwert d'Motioun 12 vum Här Bisdorff of.

Vote

Déi fir d'Motioun 12 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

D'Motioun 12 ass ofgelehnt.

Da komme mer zu der Motioun 13 vum Här Bisdorff iwwert d'Failliten. Den Här Bisdorff huet d'Wuert gefrot.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Ech wollt nach eppes dozou soen. Här President, et ass jo awer e Widder-sproch, datt mer mat deem Wirtschaftswuesstum esou eng grouss Zuel vu Failliten hu misse feststellen. Si hëlt all Joer zou. Et waren der am Joer 1999 - wann ech mech gutt erënneren - 550 Stéck.

Do stëmmt menger Meenung no eppes net, och wat d'Gesetz iwwert d'Failliten ubelaangt. Do misst een eng Ännerung maachen, fir ze verhënneren, datt verschidde Failliten, déi op där enger Säit provozéiert sinn, net awer esou en cascade ginn, well verschid-dener grënnen dann direkt erëm eng aner Gesellschaft a maachen dann e puer Méint drop erëm eng Faillite, während anerer, déi an esou Faillitë mat eragerappt ginn, ouni datt se schëlleg sinn, selwer verschwannen an domat och Aarbechtsplazen.

Déi misste menger Meenung no kënnen opgefaange ginn, wa se wirtschaftlech iwwerliewensfäeg sinn. Do misst een eng Struktur schafen, fir ze verhënneren, datt liewensfäeg Betriber, déi ouni hiert Verschëlden an eng schwiereg Situatioun komm sinn, an d'Faillite gehäit ginn. Ech mengen do wär eppes um Gesetz vun de Failliten ze änneren. Dat ass den Inhalt vun der Motioun.

M. le Président.- Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, Ministre de la Justice.- Wann ech där ee Moment

d'Kap vum Justizminister undoen, da géif ech dem Här Bisdorff an der Chamber wëlle matdeelen, datt eng ganz Rei vun deene Punkten do amgaange si preparéiert ze ginn, fir datt bei enger Faillite personnelle, déi Leit net ërem kënnen eng Aktivitéit am Kader vun enger Société de capitaux maachen.

Dat hu mir zum Beispill am Gesetz iwwert de Registre de commerce mat agebaut. De Ministre des Classes moyennes, deen d'Autorisation gëtt, muss kucken ob déi, déi virdru Responsabilitéit an enger Gesellschaft haten, all hiren Obligatiounen, déi aus dem Sozialrecht an aus dem Steuerrecht ervirkommen, nokomm sinn.

Wat d'Gestion contrôlée ubelaangt, sinn ech och amgaangen e Projet de loi auszeschaffen, fir datt e bessert Preventivinstrument gemaach gëtt.

Also dat, wouzou d'Regierung an e puer Tireten opgefuerdert gëtt, ass schonn do, oder in Kürze an der Chamber. Dofir ass déi Motioun hei net noutwendeg, well mir dat scho wéi gesot gemaach hunn oder geschwë wäerte maachen. Dat steet och zum Deel an der Regierungserklärung. Mir kënnen awer hei net nach eng Kéier déi ganz Regierungserklärung an enger Motioun unhuelen.

M. le Président.- Mir stëmmen dann elo iwwert d'Motioun 13 vum Här Bisdorff of.

Vote

Déi fir d'Motioun 13 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Et besteet keen Zweifel. D'Motioun 13 ass ofgelehnt.

Mir kommen dann zu der Motioun 14 vum Här Bisdorff iwwert de sozialen Dumping a stëmmen driwwer of.

Vote

Déi fir d'Motioun 14 sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Et besteet keen Zweifel. D'Motioun 14 ass ofgelehnt.

Da komme mer zu der Motioun 15 vum Här Robert Garcia iwwert d'Finanzéierung vum soziokulturelle Secteur. Hei ass de Vote électronique gefrot.

Vote

Déi fir d'Motioun 15 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Motioun 15 ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen a 26 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par

Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot);

MM. Jean Colombara (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Claude Meisch).

Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Ech wollt just d'Fro un d'Regierung stellen, firwat datt si d'lescht Joer déiselwecht Motioun ugeholl huet, déi si dëst Joer elo ofgelehnt huet.

(Hilarité)

M. le Président.- Den Här Minister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, ...

(Coups de cloche de la Présidence)

... et ass net Usus, ...

(Interruptions diverses)

Här President, ech weess net, ob et an Ärem Reglement Usus ass, datt, nodeem e Vote iwwer eng Motioun war, d'Deputéiert op eemol Stellung huelen zur Motioun, mä vu datt dat geschitt ass, ...

(Interruption)

... wëll ech lech soen, datt d'lescht Joer - mir verhale jo, wat d'lescht Joer hei geschitt ass am Parlament - d'Kulturministerin gesot huet, datt si um Studéiere wär, wat fir e Finanzéierungsmodus een nieft der staatlecher Subsidiatioun, déi aus dem Budget kënnt, fir déi kulturell Aktivitéite kéint virgesinn. D'Kulturministerin ass amgaangen, dat ze maachen! Et brauch ee se net all Dag dozou opzefuerderen!

(Interruption)

Dat ass guer net sou einfach, déi Modalitéiten do! Dat geet jo an de Mécénat. Dat ass also eng ganz breet gefächert Aktivitéit! Datt d'Kulturministerin dono selbstverständlech der Regierung déi Propositione virleet an dann och an d'Chamber kënnt, dat huet se d'lescht Joer gesot. Dat ass dëst Joer nach richtig!

Ech wëll awer dobäi soen, datt dee Libellé, sou wéi en hei formuléiert ass - „conventionnement du secteur socio-culturel“ -, eng relativ large Dimensioun huet, wou mer also...

(Interruption)

...héchstwahrscheinlech nach vill driwwer ze schwätzen hunn, mä net nëmmen iwwert de Kulturberäich! Ech soen lech also: Wat de Kulturberäich...

(Coups de cloche de la Présidence)

...ubelaangt, ass d'Kulturministerin amgaangen, déi Aarbechten, déi se d'lescht Joer hei versprach huet, ze maachen, a wann déi fäerdeg sinn, kënnt se och, wéi se dat ugekënnegt huet, domat an d'Chamber! Dofir ass also keen Ënnerscheid do tëscht deem, wat se d'lescht Joer gesot huet, an deem, wat ech dëst Joer vun hir hei ka weider ginn!

M. le Président.- Da komme mer zur Motioun 16 vum Här Mosar, iwwert d'Diversifizéierung vun eiser Ekonomie.

Vote

Ween dofir ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

(Interruption)

Ween ass dogéint?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mir enthalen eis!

(Interruption)

M. le Président.- Déi Motioun ass mehrheitlech ugeho!

(Interruptions)

D'Motioun 17 hu mer schonn, d'Motioun 18 ass an d'Kommissioun verwisen; da komme mer un déi lescht Motioun...

Une voix.- Neen!

M. le Président.- Neen, net déi lescht! Et ass d'Motioun 19, déi drëttlescht, vum Här Krecké, iwwert de BTB. Déi huet allerdings nëmmen eng Signature! Sinn der nach véier do, déi...

Plusieurs voix.- Jo!

M. le Président.- Ah sou! Wou sinn dann déi véier? Ah, do sëtze se, déi Gréng! Dir musst d'Hand an d'Luucht hiewen!

Une voix.- Oh!

M. le Président.- Den zoustännege Minister, den Här Grethen, huet d'Wuert gefrot.

(Interruption)

Den Här Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, bei dëser Motioun ass et erëm eng Kéier d'BTB-Lobby, déi zouschleift!

Une voix.- Oh!

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Ech perséinlech sinn der Meenung, dass...

(Interruption)

...dës Motioun sans objet ass, an ech géif d'Chamber och invitéieren, déi Motioun ofzelehnen!

Ech dierf hei nach eng Kéier soen, Här President, dass dës Regierung, op Basis vun deenen Etüden, déi eis virgeluegt gi sinn, décidéiert huet, fir déi sougenannt „Null-plus-Léisung“ ze realiséieren, gläichzäiteg awer nach eppes drop ze leeën -...

Une voix.- Ouh!

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- ...fir dat nach eng Kéier däitlech ze maachen - an eng Schinneverbindung tëscht der Gare, dem Findel, dem Kierchberg erof op Dummeldeng ze realiséieren, soudass mer dat, wat am Dispositif ausgedréckt gëtt - hei steet jo „à réaliser au plus vite le projet BTB“ -, als Regierung net maachen - dofir hunn ech gesot, si wär sans objet -, „soit sous sa forme initialement prévue, soit sous une forme présentant une efficacité équivalente“: Dat, wat dës Regierung mécht, huet op d'mannst d'Efficacité équivalente...

(Hilarité)

...vun deem,...

(Interruptions)

...wat am Projet BTB virgeschloe gëtt! Dofir nach eng Kéier: Dës Motioun ass sans objet! Mir maache méi, wéi hei verlaangt gëtt!

Une voix.- Oh!

(Hilarité)

M. le Président.- Also, mir stëmmen of. Ween ass fir déi...

(Interruption)

Ah, den Här Krecké freet d'Wuert.

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech froen hei e Vote électronique. Ech gesinn och net an, wou et elo eng speziell Lobby ass, déi hei zougesehoen huet! Ech stelle fest, dass den Här Grethen weiderhi bei Null bleift! Bon, mir hate geduecht, et géif eppes Klenges méi ginn!

M. Ben Fayot (LSAP).- Null au carré!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mir hu gesot: Déi Léisung do bréngt näischt, an dofir si mir der Meenung, et soll een nach eng Kéier iwwert deen anere Projet diskutéieren! Mir hu gesot: Et muss net deen initiale Projet sinn! Et kann och en aneren Tracé sinn, deen awer eng ähnlech Effikassitéit huet!

Den Här Grethen refuséiert deen Dialog do! Bon, da musse mer driwwer ofstëmmen!

M. le Président.- D'Wuert freet nach den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir ënnerstëtzen déi Motioun hei, well mer se natierlech richteg fannen. Ech wëll awer just drop hiweisen, datt ech e bëssen iwwerrascht driwwer sinn, datt den Här Grethen elo seet, datt déi Motioun hei sans objet wär, well et wär eng aner Décisioun geholl ginn an dëser Chamber, a wat fir eng Richtung datt mer wëlle goen!

Ech wëll drop hiweisen, datt d'Regierung eng Rei Projeten an och Etüde presentéiert huet, mä d'Chamber als solch menges Wëssens bis haut weder e Gesetz gestëmmt huet, a wat fir eng Richtung mer wëlle goen an der Organisatioun vum öffentlechen Transport, nach Motiounen hei gestëmmt huet, déi contraire zu deene Motiounen sinn, déi mer an der leschter Legislaturperiod gestëmmt hunn, soudatt ech net der Meenung sinn, datt déi Motioun hei sans objet ass.

Ech bedauern allerdéngs och, datt mer sou séier iwwert déi Etüden ewech ginn, déi virleien, well do ass vill dozou ze soen! Ech gi jo dovun aus, datt mer Enn Januar am Kader vu menger Interpellatioun doriwwer nach am Detail ze schwätze kréien!

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun 19 iwwert de BTB.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 19 ass verworfen mat 38 Neen-, 19 Jo-Stëmmen an dräi Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-

Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Willy Bourg, Marco Schank, Fred Sunnen.

Da komme mer zur Motioun 20 vum Här Gibéryen, iwwert de Pensiounsregime am öffentlechen Secteur. Kënne mer direkt driwwer ofstëmmen?

(Assentiment)

Par main levée?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen! E Vote électronique!

M. le Président.- De Vote électronique ass verlaangt.

(Interruptions)

Mir stëmmen of.

Vote

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 20 ass verworfen mat 36 Neen-, 12 Jo-Stëmmen an 9 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Gusty Graas);

M. Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch et M. Jos Scheuer.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux et Georges Wohlfart;

M. Aloyse Bisdorff.

Da kéime mer un d'Motioun 21 vum Här Rippinger iwwert d'Personal fir d'Ausféierung vun de Gesetzer. Vote par main levée?

(Assentiment)

Vote

Déi dofir sinn, si gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ween ass dogéint?

Also, d'Motioun ass mehrheetlech ugeholl!

Dir Dammen, Dir Hären, elo kéime mer dann zu de Resolutiounen.

Do ass d'Resolutioun 1 vum Här Bausch iwwert d'Reform vun der Budgetsprozedur. Kënne mer direkt driwwer ofstëmmen?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Par vote électronique!

M. le Président.- Also, et ass e Vote électronique verlang!

Vote

Déi fir déi Resolutioun sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun 1 ass verworf mat 34 Neen- a 25 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Simone Beissel), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Jeannot Belling).

Da komme mer un déi lescht Resolutioun, och vum Här Bausch, iwwer eng Décisioun vun der Commission du contrôle de l'exécution budgétaire. Ass do och e Vote électronique verlang?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Zréck an d'Kommissioun! Sidd Der domat d'accord?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech sinn natierlech domat d'accord, déi heiten elo mol zréck an d'Kommissioun ze ginn, ...

M. Lucien Weiler (CSV).- Très bien!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- ...awer ënnert dem Virbehalt, deemno wat do décidéiert gëtt, datt se selbstverständlech erëm kann heihin zrëckkommen, an de Plenum!

(Interruptions)

M. le Président.- Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Da brauche mer net méi driwwer ofzestëmmen!

Mir wieren da fir haut, Kolleeginnen a Kolleegen, um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Moien a fänkt um 9 Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.42 heures)